# INFO BLAT

'02 22

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng



GEMENGEROTSSËTZUNG
VUM 2. MÄERZ 2022

Actualités | Contactez-nous | Développement urbain | DIFFMAG | Emploi | Events | Formulaires | Revue de presse | Télévie | FR | EN | DE | PT

Ville de Differdange

Differdange et vous | Démarches | Services communaux | Vie politique

# Conseil communal du 29 mars 2023

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng) | Guy Altmeisch (LSAP) | Emy Muller (LSAP) |
| Tom Ulveling (1er échevin, CSV) | Fred Bertinelli (LSAP) | Ali Ruckert (KPL) |
| Laura Pregno (échevine, déi gréng) | Paulo De Sousa (déi gréng) | Fränz Schwachtgen (déi gréng) |
| Robert Mangen (échevin, CSV) | Jerry Hartung (CSV) | Guy Tempels (CSV) |
| Paulo Aguiar (échevin, déi gréng) | Pierre Hobscheit (LSAP) | Eric Weirich (déi Lénk) |
| | Fränz Meisch (DP) | Nicole Wohl (déi gréng) |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT 02.22


COMPTE-RENDU DU 2 MARS 2022

4-47

CLIMATE CITY CONTRACT

48

FOYER VACANCES

49

VOTE PAR CORRESPONDANCE

50



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Lisa Bildgen

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 02/2022**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 2 MARS 2022

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Paulo De Sousa (déi gréng)
Jerry Hartung (CSV)
Pierre Hobscheit (LSAP)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Frenz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

**Absents/excusés:** Laura Pregno (déi gréng)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications :**
   a. Résolution sur l'Ukraine du 2 mars 2022 ;
   b. Résolution dans l'intérêt de la sécurité et de la bonne cohabitation à Differdange ;
   c. Autres communications.
2. **Projets communaux :**
   a. Reprofilage et mise en oeuvre d'enrobés sur les chemins ruraux au lieudit Op Jommel à Differdange – devis, article budgétaire 5/542/221313/19040 ;
   b. Divers transferts de crédits budgétaires au sein des dépenses extraordinaires liées aux projets d'investissement ;
   c. Décomptes de divers projets extraordinaires.
3. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit Avenue de la Liberté – Ale Monopol à Differdange présenté par le collège échevinal pour le compte de l'administration communale.**
4. **Actes et conventions :**
   a. Acte de vente à l'État du Grand-duché de Luxembourg d'un terrain d'une superficie de 10,51 a abritant l'école internationale à Differdange (EIDE) – lycée provisoire ;
   b. Acte de vente à l'État du Grand-duché de Luxembourg du terrain et de la construction hébergeant la SportFabrik à Oberkorn ;
   c. Actes notariés de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements situés dans le Gravity Tower à Differdange ;
   d. Contrat de bail pour les cinquante studios d'étudiants situés au Gravity Tower à Differdange ;
   e. Convention avec l'État du Grand-duché de Luxembourg portant sur la scolarisation spécialisée d'élèves des cycles 1 et 2 de l'enseignement fondamental au sein d'une classe par cycle du Centre de logopédie ;
   f. Convention Gemeinwohl-Zertifizierung der Stadt Differdingen ;
   g. Convention conclue avec l'Observatoire national des PME, GIE ;
   h. Convention conclue avec l'ASBL Poppespënnchen pour l'exercice 2022 ;
   i. Convention régissant la collaboration active entre l'ASBL Territoire naturel transfrontalier de la Chiers et de l'Alzette (TNT) et ses communes membres ;
   j. Contrats de bail et avenants concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub ;
   k. Premier avenant au contrat de bail à courte durée d'un local de commerce situé au no 3 rue du Parc-de-Gerlache à Differdange ;
   l. Contrat de bail avec Sikor – AIS Kordall portant sur une maison unifamiliale située au no 40 um Balcon à Lasauvage ;
   m. Contrats de bail des particuliers portant sur l'exploitation de jardins.
5. **Règlements communaux :**
   a. Relevé des nuits blanches officielles pour l'année 2022 ;
   b. Modifications au chapitre E-3 déchets du règlement des taxes, tarifs et prix ;
   c. Règlements temporaires de circulation.
6. **Changements au sein des commissions.**
7. **Questions.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la réunion et annonce que madame Pregno s'est excusée pour cette session.*
*Ensuite, elle commence par une minute de recueillement pour les victimes de la guerre qui vient d'éclater en Europe. Le collège échevinal se dit choqué et horrifié par l'invasion de l'Ukraine par l'armée russe, qui est contraire au droit international, et condamne la violation de l'intégrité territoriale du territoire ukrainien. Dans nos régions, une guerre aussi insensée et barbare était presque inimaginable. Pour le collège échevinal, il est clair que cette guerre est la guerre de Poutine et leur solidarité va clairement aux Ukrainiens ainsi qu'aux citoyens russes qui, dans leur propre pays, tentent d'exprimer leur désaccord face à cette invasion et à la guerre qu'elle a déclenchée, se mettant ainsi eux-mêmes en danger.*
*La bourgmestre souhaite ici souligner une fois de plus l'importance de la paix. Pour nous, la paix est une évidence, mais aujourd'hui, nous avons été brutalement détrompés. Même si la lutte sera difficile, tout le monde doit continuer à défendre la paix et la démocratie. Dans ce contexte, l'Aalt Stadhaus est illuminé aux couleurs ukrainiennes.*
*Ensuite, Christiane Brassel-Rausch présente une résolution du Syvicol ainsi que du Conseil des communes et régions d'Europe qu'elle souhaite ajouter à l'ordre du jour. Elle demande à chaque élu local de soutenir et de signer cette résolution, d'autant plus que la commune dispose maintenant de la Gulliver Tower, que le conseil aimerait mettre à la disposition des personnes dans le besoin.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech wënschen Iech e schéine gudde Moien an eiser Seance publique vum 2. Mäerz 2022. D'Madamm Laura Pregno léisst sech excuséieren.

Et si Froen erakomm vum Här Weirich. Déi huele mer zum Schluss vun der Seance publique. Gëtt et nach Froen? Vum Här Bertinelli, Här Hobscheit, nach zousätzlecher vum Här Weirich a vum Här Meisch. Um Enn vun der Seance publique wäerte mer op déi Froen agoen.

Erlaabt mer am Kader vun der internationaler Aktualitéit ze soen: Et ass Krich an Europa. En onvirstellbare Saz!

Ech géif virschloen, fir d'alleréischt eng Gedenkminutt ze maache fir déi Leit, déi bis elo schonn Affer gi sinn.

(Gedenkminutt)

Merci!

De Schäfferot weist sech schockéiert an entsat iwwert de vëlkerrechtswiddregen Amarsch vum russesche Militär an d'Ukrain en Donneschdeg, de 24. Februar 2022. Mir verurteelen op d'Schäerfst d'Verletzung vun der territorialer Integritéit vum ukraineschen Territoire.

Duerch dëse brutalen Akt huet den Här Putin, mat senger Arméi a mat der Ënnerstëtzung vu senger ganzer Nomenclature, e sënnlosen, barbareschen a bis haut onvirstellbare Krich an Europa ausgeléist. Eppes, wat kee sech méi virstelle konnt an eise Regiounen.

Eis ganz Solidaritéit gëllt den Ukrainer an Ukrainerinnen, déi mëttlerweil schonn Affer gi sinn an nach wäerte ginn, vu vereelzten, anachronisteschen, imperialistesche Virstellunge vun engem Mann, dee récksiichtslos a mat alle Mëttele wéi Ligen, Propaganda, Desinformatioun seng Bedierfnisser wëll befriddegen an domadder Millioune Leit, Kanner, Fraen a Männer an d'Ongléck dreift. Well hie vläicht wëll en Deel vun der Geschicht ginn.

Eis Solidaritéit gëllt awer net nëmmen dem ukrainesche Vollek, och deene russesche Leit, déi a Russland selwer probéieren, hiren Desaccord mat dësem Amarsch an deem doduerch ausgeléiste Krich auszedrécken a sech domadder selwer schwéiere Repressiounen aussetzen.

Fir eis ass et ganz kloer: Et ass dem Här Putin säi Krich. Deen, nieft sengen imperialisteschen Ambitiounen, ganz einfach Angscht viru Fräiheet an Demokratie viru senger eegener Dier huet.

Mir ass et, an dësem Kader, ganz wichteg nach eemol ze ënnersträichen, wéi wichteg Fridden ass. Fridden, e Wuert, wat an den Alldag iwwergaangen ass zanter 77 Joer. Wat fir eis eng Selbstverständlechkeet ginn ass. A wou mer elo op déi brutaalst Manéier eppes Besseres beléiert gi sinn.

Kommt, mir setzen eis weider vehement an, fir Fridden an Demokratie oprechtzehalen. Et wäert e schwéiere Kampf ginn. Mee mir wäerten et maachen an e féieren, fir eis Kanner an eis Kandskanner. An dofir soen ech Iech Merci.

Wéi Der sécher festgestallt hutt, hänkt virun der Gemeng Déifferdeng schonn zanter e Freideg – et si symbolesch Gesten, mee et ass e Gest – den ukrainesche Fändel aus, an d'Aalt Stadhaus ass an den ukrainesche Faarwe beliicht.

Ech wëll Iech matdeelen, dass eng Resolutioun souwuel vum Syvicol wéi vum Conseil des communes et régions d'Europe erakomm ass. Fir déi Resolutioun vum Conseil des communes et régions d'Europe soll all Élu local sech selwer aschreiwe mat sengem Numm. Ech bieden Iech, dat ze ënnerhuelen.

An ech froen Iech, déi Resolutioun, déi ech Iech elo wäert virliesen, matzedroen an ze ënnerstëtzen. Ech wollt se mat op den Ordre du jour huelen, fir dass mer am Gemengerot iwwert déi Resolutioun, déi mer Iech proposéieren, ofstëmme kënnen.

(Dee kompletten Text vun der Résolutioun fannt Dir am Vote)

Dat ass d'Resolutioun, déi mer proposéieren an hoffen, datt se vun Iech matgedroe gëtt, virun allem well mer elo de Gulliver Tower hunn, dee mer

wierklech gäre géifen deene Leit, déi am Besoin sinn, zur Verfügung stellen.

Solle mer zum Vott kommen? Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, ech wëll virausschécken, dass d'Kommunistesch Partei géint de Krich ass, an dass se géint all Krich ass. An dass och an dësem Fall, iwwert dee mer haut schwätzen, et absolutt noutwendeg ass, dass déi Krichsparteie sech un en Dësch sëtzen a verhandelen. Dat ass ganz wichteg, fir dass et ophält, dass net méi geschoss gëtt.

Mee ech wäert awer als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei där Resolutioun net zoustëmmen. Ech wäert dergéint stëmmen.

D'Madamm Buergermeeschtesch huet gesot, et géif ëm Fräiheet an Demokratie goen. Elo weess ech net, ob d'Madamm Buergermeeschtesch net weess, wat an deem Land, iwwert dat mer hei schwätzen, iwwert d'Ukrain, do passéiert ass an der Vergaangenheet. Dann ass dat schlëmm, wa se et net weess. Mee et ass nach vill méi schlëmm, wa se et weess an esou mécht, wéi wa se et net géif wëssen.

Ech wëll dofir hei ganz kuerz drun erënneren, dass an der Ukrain, déi esou demokratesch ass oder soll sinn, wéi Der sot, d'Kommunistesch Partei zënter 2014 verbueden ass. Dass do d'Kommunisten am Prisong sëtzen. Ass dat déi Demokratie fir déi Dir antrëtt? Wann dat se ass, da stellen ech mer wierklech Froe fir d'Zukunft vun eisem Land.

Et muss ee soen, dass wann et haut dee Krich do gëtt, dann ass dat eng grouss Tragedie. Mee da kann een net äntwerten: „Mir verteidegen d'Fräiheet an d'Demokratie an deem Land". Wann dat esou wär, da froen ech, firwat Der déi lescht Joren e Stëmmche waart, näischt gesot hutt, dass déi Regierung déi do ass, dee Regimm deen do ass, zënter aacht Joer Krich féiert géint déi eege Bevëlkerung am Donbass. Wou all Dag geschoss gëtt, wou all Dag Mënschen ëm d'Liewe kommen. Dozou hutt Der nach näischt gesot. Dofir fannen ech et ganz hypokritesch, wann Der elo hei mat enger Resolutioun kommt.

An ech fannen et nach méi hypokritesch, wann Der dervu schwätzt an där Resolutioun, dass de Risk do wär, ee staarke Risk, dass de Fridden an Europa a Gefor wär déi éischte Kéier zënter dem Zweete Weltkrich. Dir erënnert Iech vläicht net drun, obscho vill vun Äre Parteien, a besonnesch déi gréng Kolleegen, freneetesch applaudéiert hunn, wéi d'NATO deen éischten Ugrëffskrich u Jugoslawie gemaach huet 1999, wéi Belgrad bombardéiert ginn ass, wéi d'chineesesch Ambassad bombardéiert ginn ass zu Belgrad, wéi d'Zivilbevëlkerung bombardéiert ginn ass. Dir erënnert Iech vläicht net drun. Dofir wëll ech Iech hei rappelléieren, dass deen Ugrëffskrich vun der NATO e Verbrieche war. Wou awer Är Parteien applaudéiert hunn zu deem Verbriechen.

Dat ass, wéi gesot, 1999 geschitt. Näischt ass deemools ënnerholl ginn, fir Jugoslawien ze hëllefen, fir hinnen humanitär Hëllef ze schécken, fir hinne Waffen ze schécken.

A wann ech hei an der Resolutioun liesen, dass Aide de première nécessité soll geleescht ginn, da stellen ech mer dat net nëmme vir, well et ass jo scho geschitt, dass Lëtzebuerg elo Waffe liwwert un d'Ukrain an en Deel vun enger Krichspartei gëtt. Mir ginn an dee Krich eragezunn. D'Regierung mécht, dass mir do am Krich sinn. Domat kënne mir als Kommunisten net d'accord sinn.

Wa mer dann nach weider vun Demokratie schwätzen, da wëll ech drun erënneren, dass de Regimm zu Kiew 2014 duerch e Putsch un d'Muecht komm ass. Dir ënnerstëtzt also Putschisten.

Putschisten, déi nach d'lescht Joer am Dezember an der UNO géint eng Resolutioun gestëmmt hunn, dass d'Nazien an d'Faschisten net däerfe glorifizéiert ginn. Et hate just zwee Länner dergéint gestëmmt: D'USA a Kiew. Firwat? Well déi Regierung, déi elo do ass, ganz offe Faschisten, déi do sinn an der Ukrain an déi eege militäresch Formatiounen hunn ausserhalb vun der ukrainescher

**ALI RUCKERT (KPL)** *prend la parole. Il affirme que le parti communiste est contre cette guerre, mais regrette que le KPL ne puisse pas signer la résolution qui vient d'être présentée. Il regrette également que la bourgmestre ignore apparemment la raison de cette décision. En effet, en Ukraine, le parti communiste est interdit depuis 2014. Et pour Ali Ruckert, cela n'a pas grand-chose à voir avec une démocratie.*

*Il a des doutes quant à la liberté et la démocratie de l'Ukraine, un pays qui mène depuis huit ans une guerre contre sa propre population dans le Donbass, où il y a des morts tous les jours. Pour cette raison, il considère cette résolution comme hypocrite.*

*Par ailleurs, il trouve hypocrite que dans le cadre de cette résolution, il soit question d'un risque élevé que la paix en Europe soit menacée pour la première fois depuis la Seconde Guerre mondiale. Il souhaite rappeler ici la guerre en Yougoslavie en 1999 et le fait que l'OTAN avait alors bombardé Belgrade. À l'époque, cette attaque a été applaudie par les autres partis, surtout par les Verts. Mais pour Ali Ruckert, c'était un crime et il regrette que rien n'ait été fait.*

*La résolution déclare qu'il faut maintenant fournir une aide de première nécessité et que le Luxembourg a déjà envoyé des armes à l'Ukraine. Ali Ruckert craint que le Luxembourg rejoigne ainsi un parti de guerre et soit entrainé dans la guerre. Les communistes sont loin d'être d'accord avec cela.*

*En outre, Ali Ruckert explique que le régime de Kiev est arrivé au pouvoir en 2014 à la suite d'un coup d'État. Par conséquent, on soutient des putschistes qui, l'année dernière, ont refusé de voter une résolution visant à interdire la glorification des nazis et des fascistes. Selon Ali Ruckert, le gouvernement ukrainien soutient des fascistes qui ont collaboré avec les nazis pendant la Seconde Guerre mondiale.*

*Ali Ruckert explique ensuite que les ministres de ce gouvernement, qui glorifient les collaborateurs des nazis, sont des criminels de guerre et ont contribué à l'extermination*

*d'une grande partie de la population juive de leur pays par des pogromes en Ukraine. Il regrette que l'on ne mentionne pas les causes du conflit et que la Russie ait exprimé des préoccupations en matière de sécurité pendant vingt ans.*
*Il est aussi convaincu que ce sont surtout les Allemands et les Américains qui souhaitent que l'Ukraine rejoigne l'OTAN pour isoler les pays européens du gaz russe afin de leur vendre leur propre gaz. De plus, on avait promis à la Russie après 1990 que l'OTAN n'allait pas s'étendre vers l'est et par conséquent on ne déploierait aucune troupe de l'OTAN sur l'ancien territoire de la RDA. Ces promesses ont été rompues.*
*Bien qu'il souligne à nouveau que le parti communiste n'est pas en faveur de cette guerre, il reste persuadé que les problèmes qui existent entre différents pays ne peuvent être résolus qu'à la table des négociations.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur Ruckert et donne la parole à monsieur Liesch.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il pensait que la résolution serait approuvée par tous et qu'en conséquence, il n'avait pas prévu de s'exprimer sur le sujet. Cependant, il lui est impossible de laisser les déclarations de monsieur Ruckert, vassal de monsieur Poutine, sans réponse. Il est d'accord pour dire qu'on peut discuter des causes, mais qu'une guerre ne peut jamais être une solution à un conflit, quelle que soit la profondeur de ces causes. Georges Liesch reconnait également qu'en Ukraine, la démocratie n'est pas toujours respectée, mais qu'en Russie, on la cherche en vain. Il ne faut donc pas comparer des choses qui ne peuvent pas être comparées.*
*Bien que Georges Liesch ne soit ni un grand ami de l'OTAN ni de la Russie, il condamne les jeux de pouvoir de ces vieux hommes, qu'il trouve dégoutants et horribles.*
*Mais nous sommes directement concernés par cette guerre et c'est pourquoi il est important d'approuver cette résolution pour montrer notre solidarité contre la*

Arméi, déi Faschisten, déi kollaboréiert hu mat den Nazien am Zweete Weltkrich,wwëll ënnerstëtzen.

A wéi Ministere vun dëser Regierung do an der Ukrain op deene Commemoratiounen derbäi sinn, fir de Stepan Bandera an aner Kollaborateure vun den Nazien ze verherrlechen. Dat si Krichsverbriecher, déi Pogromer géint Judden an der Ukrain gemaach hunn. An déi derzou bäigedroen hunn, dass e groussen Deel vun der jiddescher Bevëlkerung an der Ukrain ausgeläscht ginn ass. Dat sinn déi Leit, déi elo d'Soen hunn an der Ukrain.

Ech muss Iech soen, et fält mer schwéier, wann ech gesinn, mat wat fir Ligen haut operéiert gëtt a wann eesäiteg Partei ergraff gëtt. Wann net op d'Ursaache vun deem Konflikt higewise gëtt. Wann einfach ausgeschalt gëtt, dass wärend 20 Joer deene Sécherheetsbedenken, déi Russland ugemellt huet, net Rechnung gedroe gëtt.

Mee dass op d'Tube gedréckt gëtt, dass d'Ukrain onbedéngt misst an d'NATO kommen. An do si jo net nëmmen d'Preisen an aner europäesch Länner, déi do stëppelen, mee besonnesch och d'Amerikaner. Well se vill domat ze gewannen hunn. Well se scho laang virdrun, ier dee Konflikt lassgaangen ass, versicht hunn, europäesch Länner vun der russescher Gaszoufuer ewechzekréien a fir hiren eegene Gas, fir hei hir eege Profitter an Europa ze maachen. Dat ass och eng Ursaach vun deem, wat do geschitt.

Ech hu gesot, de russesche Sécherheetsinteressen ass net Rechnung gedroe ginn, well d'EU an d'NATO onbedéngt wëllen, dass d'Ukrain an d'NATO kënnt. Dat muss ee sech virstellen, wat dat um Terrain géif bedeiten. Et ass elo schonn esou, dass déi Verspriechen, déi Russland gemaach gi sinn no 1990, dass d'NATO sech net géif no Osten erweideren an dass keng NATO-Truppen um fréieren Territoire vun der DDR géife stationéiert ginn – all déi Verspriече si gebrach ginn. An a fënnef verschiddene Wellen ass d'NATO-Osterweiderung erfollegt.

Alles dat sinn Ursaache vun deem, wat haut geschitt. An dat ass de Grond, firwat ech géint déi Resolution stëmmen. Obschonn ech – ech widderhuelen et nach eng Kéier –, d'Kommunistesch Partei géint dee Krich ass a géint all Krich ass an ëmmer der Meenung war an der Meenung bleift, dass Problemer, déi et gëtt tëschent deene verschiddene Länner, dass déi mussen um Verhandlungsdësch geléist ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt am Fong näischt soen. Mee ech packen dat net, dass dat, wat elo hei de Vasall vum Här Putin vum Stapel gelooss huet, dat Lescht soll sinn, wat virun eisem Vott am Gemengerot soll gesot gi sinn.

Ech hu keng Ried virbereet, well ech wierklech gemengt hunn, dass déi Resolutioun géif jiddwerengem seng Zoustëmmung fannen. Hei gëtt geschwat vun Ursaachen. Doriwwer kann een diskutéieren. Mee Krich kann ni d'Léisung si vun engem Konflikt. Egal ob déi Ursaachen déifgräifend sinn oder net déifgräifend sinn, ob et se scho laang gëtt oder net.

A wa vun demokratesche Staate geschwat gëtt a gesot gëtt, an der Ukrain géif och net alles esou demokratesch vir sech goen, dat maach wuel sinn, mee ech ka just soen, an deem anere Land, wou den Här Putin ass, brauche mer dat Wuert Demokratie – ech mengen, dat wäert et an deem Wuertschatz vun deem Land iwwerhaapt net ginn. Mer solle keng Saache matenee vergläichen, déi net ze vergläiche sinn.

Onofhängeg dovunner, sinn ech weeder grousse Frënd vun der NATO nach e grousse Frënd vu Russland. Iwwerhaapt déi Muechtspillercher vun östrogeengesteierten ale Männer, dat ass eppes wat mech uneekelt, dat fannen ech schrecklech. An dass dorunner Millioune vu Leit, souwuel Russe wéi Ukrainer, wéi aner Leit, mussen dorënner leiden, dass hei Muechtspillercher gemaach ginn, dat ass nëmmen ze condamnéieren.

Mee hei geet et awer elo konkreet ëm e Krich, wou mer direkt betraff sinn. An ech fannen, där Resolutioun muss onbedéngt zougestëmmt ginn, fir ze weisen, dass mer eis solidaresch weise géint dee Krich.

Och wann een – an dat ass deen eenzege Punkt, wou ech dem Här Ruckert Recht ginn – natierlech am Virfeld och schonn zu anere Konflikter hätte kënnen esou Resolutioune maachen. Dat hu mer verpasst. Dat maach sinn. Ech denken awer, dass mer doraus léieren an dat an Zukunft vläicht och maachen.

Dat hätte mer effektiv scho kënne bei anere Konflikter maachen. Mee dat verhënnert net, dass wann een an der Vergaangenheet eppes net richteg gemaach huet, dass een et elo besser mécht. Duerfir fannen ech déi Resolutioun hei absolutt zoustëmmenswäert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dat hei ass definitiv dee penibelste Moment, zënter ech am Gemengerot mat derbäi sinn. Krich – den Här Liesch huet et gesot – ka sécherlech ni eng Léisung si vun engem Konflikt. A wat ech hei héieren hu vum Vertrieder vun der Kommunistescher Partei, dovunner distanzéieren ech a meng ganz Partei sech vehement. Mir ënnerstëtzen déi Resolutioun. Eis Gedanke sinn definitiv bei allen Affer a Leit an dat vun deenen zwou Säite vum Konflikt. Méi wëll ech am Moment net soen. Ech si schockéiert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Elo melle sech e puer Leit mateneen. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Mir geet et genau d'selwecht wéi deenen zwee Virriedner. Och ech fannen dat ganz schlëmm, wat mer eis hu mussen ulauschteren. Ech schléisse mech un am Numm vun der LSAP. Ënner kengen Ëmstänn kënne mir eis mat deenen Aussoen d'accord erklären. Mir sti voll hannert där Resolutioun.

Eis geet et och ëm dat ukrainescht Vollek, ëm déi normal Leit, déi do wunne mat hire Kanner an esou weider. Déi brauchen all eis Ënnerstëtzung. Mir bedaueren, dass et Victimme gëtt, souwuel am ukrainesche Vollek wéi och op der russescher Säit. Dat ass einfach net tolerabel. An ech wëll och net do no Erklärunge sichen.

Mee wéi gesot, och mir fannen, dass déi Aussoen do wierklech net néideg waren, dass déi ze wäit gaange sinn. Mee wann do Leit si, wéi den Här Ruckert dat mengt, d'KPL misst elo historesch do Begrënnunge fanne fir dëse Krich, da fannen ech dat och ganz schlëmm. Dat ass awer elo nëmme meng perséinlech Meenung. Ech wëll just soen, dass d'LSAP déi Resolutioun zu 100 % ënnerstëtzt an och déi Efforten, déi mir kënne maachen, fir de Leit ze hëllefen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Den Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, mir feelen d'Wierder. Ech si skandaliséiert iwwert déi Wierder vum Här Ruckert. Ech mengen, mir wësse jo, vu wou hie seng Pai bezitt. Da kënne mer seng Argumentatioun vläicht verstoen.

Mee ech fannen et awer eng Frechheet. Dir schwätzt vun Demokratie an op där selwechter Säit gesäit ee Biller, wou a Russland Leit verhaft ginn, well se protestéiere géint dee Krich. Fir zéng Joer gi se a Sibirien. Ass dat d'Demokratie, déi Dir gär hätt, Här Ruckert? Dat froen ech mech. Also ech distanzéiere mech och ganz kloer vun

*guerre. Le seul point sur lequel il est d'accord avec monsieur Ruckert est qu'il aurait fallu voter de telles résolutions dans le passé pour d'autres conflits. On a malheureusement raté cette opportunité, mais on peut en tirer des leçons pour l'avenir et faire mieux.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur Liesch et donne la parole à monsieur Meisch.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *se dit choqué et explique que c'est le moment le plus gênant qu'il ait vécu durant son mandat au conseil communal. Il donne raison à monsieur Liesch en disant que la guerre ne peut pas être une solution à un conflit et se distancie lui-même et son parti tout entier des déclarations du représentant du parti communiste. Le DP soutient la résolution et ses pensées vont aux victimes des deux côtés du conflit.*

**ERNY MÜLLER (LSAP)** *se rallie lui aussi, au nom de tout son parti, à son prédécesseur et donc à la résolution présentée. Le parti se soucie du peuple ukrainien, des gens ordinaires et des enfants qui ont maintenant besoin de soutien. Il estime que les déclarations de monsieur Ruckert n'étaient pas nécessaires et qu'elles sont allées bien trop loin. Il déplore que le KPL doive maintenant chercher des justifications historiques à cette guerre. Le LSAP soutient à cent pour cent la résolution pour aider les personnes dans le besoin.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *le remercie et donne la parole à monsieur Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *se montre indigné par les propos de monsieur Ruckert. Mais après tout, tout le monde saurait d'où vient son salaire. Tout de même, il lui semble impertinent de parler de démocratie lorsque l'on voit des images de personnes emprisonnées en Russie parce qu'elles protestent contre la guerre.*

*Il se distancie des déclarations de monsieur Ruckert et a honte que de telles choses soient prononcées au sein du conseil municipal de Differdange.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *donne la parole à monsieur Weirich.*

**ERICH WEIRICH (DÉI LÉNK)** *se joint aux orateurs précédents et se distancie des déclarations de monsieur Ruckert. La veille, sur RTL, il a écouté Daniel Procedda, le père d'un bon ami et dernier Luxembourgeois vivant encore à Kiev, parler de la terreur et de la misère de cette guerre. Pour lui, les déclarations du KPL sont absolument irrespectueuses des personnes qui doivent maintenant souffrir. C'est pourquoi déi Lénk soutient la résolution.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique qu'il reste encore 10 000 € du projet Déifferdeng, eng Stad hëlleft et que cet argent pourrait être mis à disposition de l'Ukraine. Les Käschtefrënn ont également fait un don. On observe maintenant le déroulement de la guerre et on décide en conséquence de la manière dont cet argent sera utilisé. Robert Mangen redonne la parole à la bourgmestre.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *prend à nouveau la parole. Après avoir été qualifié de vassal de monsieur Poutine, il tient à rappeler qu'il n'a aucun lien avec celui-ci. Il souhaite également préciser qu'il ne défend pas la Russie capitaliste, mais le système du socialisme, qui vise à éliminer les causes de toutes les guerres. Il déclare qu'il n'a pas cherché à justifier cette guerre, mais qu'il voulait juste trouver des explications sur la situation. Il pense que l'OTAN et le Luxembourg jettent de l'huile sur le feu en fournissant des armes à un pays qui va maintenant entamer une guerre économique contre la Russie, ce qui aura de graves conséquences pour le peuple russe, mais aussi pour le Luxembourg. Il demande ensuite à monsieur Ulveling d'expliquer ce qu'il voulait dire lorsqu'il a déclaré que l'on savait d'où venait son salaire.*

Ären Aussoen hei. Ech schumme mech, dass esou eppes hei zu Déifferdeng am Gemengerot gesot gëtt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Als Vertrieder vun déi Lénk schléissen ech mech menge Virriedner un. Ech distanzéiere mech och vun den Aussoe vum Här Ruckert.

Net méi spéit wéi gëschter Owend ass engem gudde Kolleeg säi Papp, den Daniel Porcedda, deen aktuell deen eenzege Lëtzebuerger ass, deen nach zu Kiew wunnt. Dir hutt en op RTL kënne gesinn an enger Live-Schaltung, wou en elo säit de Krich ausgebrach ass, live vun der Plaz bericht an op der Plaz blockéiert ass an dee ganze Misär a Krich an Terror hautno muss erliewen, hie mat senger ganzer Famill.

An déi Aussoe si fir mech eng riicht an d'Schnëss fir alleguerten déi Leit, déi elo ënner deem Krich do musse leiden, souwuel op der ukrainescher wéi op der russescher Säit, déi dee Krich vläicht genau esou verdamen. An deem Sënn droen ech déi Resolutioun mat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Mangen, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Madamm Buergermeeschtesch, ech wollt zu der Resolutioun eppes soen. Mir hunn nach Sue Rescht vun Déifferdeng, eng Stad hëlleft. Dat sinn ëm déi 10.000 Euro. Am Numm vun deene Leit, déi sech dorëm këmmeren, wëll ech soen, datt mer déi Suen op jidde Fall zur Verfügung stelle fir d'Ukrain. An da kucken, wat fir engen Associatioune mer déi Sue ginn.

Gëschter Owend krute mer och nach Sue vun de Käschtefrënn. Déi komme bei déi 10.000 Euro.

Mir hu jo am Gemengerot votéiert fir Déifferdeng, eng Stad hëlleft. Mer kucken, wéi de Verlaf elo ass vum Krich, wéi mer déi Sue verdeelen. Op jidde Fall een Deel. Et muss nach am Kommitee diskutéiert ginn, wéi mer en Deel vun deene Suen der Ukrain zur Verfügung stelle fir ze hëllefen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn hei direkt ugeschwat ginn. Et ass gesot ginn, ech wär e Vasall vum Här Putin. Ech wëll Iech hei drun erënneren, wann Der et net wësst: Ech hunn näischt mam Här Putin ze dinn. An ech trieden och net fir dat Russland an, wat e kapitalistescht Russland ass, well ech fir e ganz anert Gesellschaftssystem antrieden, an zwar de Sozialismus. Wat sech am Fong derfir asetzt, dass d'Ursaache vun alle Kricher besäitegt ginn.

Ausserdeem hunn ech keng Begrënnung gesicht, fir dee Krich ze rechtfertegen. Deen ass net ze rechtfertegen. Mee ech hunn Erklärunge ginn, firwat et zu där Situatioun do komm ass, virun där mer haut stinn.

A wou d'NATO an och Lëtzebuerg elo nach Ueleg op d'Feier geheien, andeems se nach Waffen an e Land liwweren, dat am Krich ass, an elo e Wirtschaftskrich géint Russland ufänken. Dee ganz terribel Follge wäert hunn. Net nëmme fir dat russescht Vollek, mee och fir eis zu Lëtzebuerg. An dat ass d'Verantwortung vun der NATO a vun der EU, wa se dat maachen, a vu kengem aneren.

An da wëll ech nach eppes anescht soen. Fir all déi, déi sech elo hei solidariséiert hunn, déi hu sech dann och sécher mat der Ausso solidariséiert, wou hei behaapt ginn ass: „Mir wësse jo alleguer, vu wou hie seng Pai kritt".

Dat huet elo e Vertrieder vun der CSV hei gesot. Ech géif deen Här opfuerderen, hei ze soen, vu wou ech meng Pai kréien. Sot eis dat emol, wann Der et wësst. Ech fannen dat do e Skandal.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen, mir kommen einfach zum Vott.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech hunn eng Fro gestallt. Ech hätt gär eng Äntwert do drop. Dat ass eng Ënnerstellung, dass hei gefrot gëtt, wou ech meng Pai géif hierkréien. Wann deen Här dat sot, da soll en eis elo soen, wou ech meng Pai hierkréien, amplaz esou eng Ënnerstellung ze maachen, wéi wann ech eng Pai géif kréie vun de Russen. Sot eis dat, Här CSV-Schäffen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech denken, mir kommen op den Ordre du jour zréck a kommen zum Vott vun der Resolutioun.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Gehéiert dat net zum Ordre du jour, wann ech gär eng Äntwert hätt?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech denken, dass et net de Moment ass, fir sech an esou perséinlechen Attacken ze …

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, hei ass eppes behaapt ginn. An ech hätt gär, wann dat behaapt gëtt – wat eng Verleumdung ass –, dass dat da richteggestallt gëtt.

Deen Här soll eis also soen, wat en dermat gemengt huet, wann e gesot huet, hie wéisst, wou ech meng Pai géif hierkréien.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech denken, mir kommen zum Vott.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech fannen dat do e Skandal, dass ech hei keng Äntwert op déi Fro kréien. Dat muss ech awer soen.

(Diskussiounen)

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Fir op de Sujet vun der Resolutioun zréckzekommen. Den Acte notarié vum Gulliver ass virlescht Woch vum Inneministère geneemegt ginn. Mir hunn d'Schlësselen. Mir kucken, esou schnell an effizient wéi méiglech den Immeubel zur Verfügung ze stellen. Vläicht schonn d'nächst Woch fir premiers Arrivants. Mer kucken, dat esou effizient wéi méiglech iwwert d'Bün kréien. Da wësst Der Bescheed. Prozedural ass alles duerch. Mir kënnen agéieren.

Deen éischte Votant ass de Meisch François. Da komme mer zum Vott.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *souhaite continuer avec le vote.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *insiste pour obtenir une réponse de la part de l'échevin CSV. Il estime que c'est une insinuation.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *le prie de revenir à l'ordre du jour et explique que ce n'est pas le moment pour ce genre d'attaques personnelles.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *déclare qu'il s'agit de diffamation et que c'est tout à fait scandaleux qu'il n'obtienne pas de réponse à sa question.*
*(Discussions)*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *revient à la résolution. Il explique que l'acte notarié de la Gulliver Tower a été approuvé par le ministère de l'Intérieur il y a deux semaines et que maintenant, on s'occupera de la mise à disposition des logements le plus rapidement possible, peut-être même dès la semaine suivante.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *souligne à nouveau l'importance des efforts symboliques, mais aussi concrets que la commune de Differdange a déjà entrepris pour l'Ukraine. Elle explique que tant les Käschtefrënn que Déifferdeng, eng Stad hëlleft apportent un soutien financier qui va bientôt être réparti. Elle remercie ensuite les services municipaux ainsi que monsieur Krecké personnellement, pour la grande réactivité des entreprises qui ont contribué à remettre en état la Gulliver Tower assez rapidement, qui offre maintenant entre 43 et 45 possibilités d'hébergement. Ce seront surtout des femmes et des enfants qui en profiteront. Par ailleurs, elle annonce que la semaine prochaine, le garde forestier local, monsieur Berg, se rendra avec monsieur Feller à la frontière ukrainienne avec des camionnettes pour récupérer des mères et des enfants.*

**TOM ULVELING (CSV)** *change de sujet et aborde une autre résolution qui a déjà été discutée lors d'une réunion non publique et qui traite de l'insécurité autour du parc Gerlache. Après avoir discuté en interne avec la police et les personnes concernées, une résolution a été rédigée.*

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 voix contre*

- *de condamner fermement l'agression militaire russe contre l'intégrité territoriale et la souveraineté de l'Ukraine au mépris du droit international ;*
- *de s'opposer fermement au démembrement d'un État libre et démocratique en Europe ;*
- *d'appeler la Fédération de Russie à cesser son attaque, à quitter le territoire national de l'Ukraine, à respecter tous les traités internationaux et les principes fondamentaux du droit international et à reconnaitre la pleine souveraineté de l'Ukraine sur tous ses territoires ;*
- *de faire preuve de solidarité en se mobilisant pour accueillir des demandeurs de protection internationale, et ce plus particulièrement en proposant à l'Office national de l'accueil (ONA) le bâtiment commercial (ancien hôtel-restaurant Gulliver Tower) pour être affecté à court, voire moyen terme, à l'hébergement de DPI résultant du conflit actuel en Ukraine ;*
- *de manifester sa solidarité en hissant le drapeau ukrainien et en illuminant les bâtiments publics aux couleurs de l'Ukraine ;*
- *de soutenir financièrement les ONG venant en aide aux réfugiés ;*
- *de se tenir à la disposition du gouvernement luxembourgeois pour contribuer de quelque manière que ce soit à la mise en place d'une aide de première nécessité pour le peuple ukrainien ;*
- *et finalement de soutenir la déclaration du 24 février 2022 émise par le Conseil des communes et régions d'Europe (CCRE).*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Ech wollt nach eemol d'Efforten ënnersträiche vun der Gemeng Déifferdeng. Net déi symbolesch, déi si wichteg, awer déi ganz konkreet um Terrain si vläicht ëmsou méi wichteg. Dat heescht dat, wat den Här Mangen gesot huet. Mir hu gëschter Owend vun de Käschtefrënn eng Zomm vun 3.333,33 Euro iwwerwise kritt. Och vun Déifferdeng, eng Stad hëlleft waren nach Suen um Konto. Mir hunn de Gremium, deen d'Done verdeelt, dee wäert elo kucken – et ass jo eng Opléschtung do vun Organisatiounen, déi hir Hëllef ubidden –, dass déi Sue wäerten dohinner verdeelt ginn. Dat ass dat eent.

An da wëll ech eise Servicer wéi och dem Här Krecké perséinlech e ganz grousse Merci ausschwätze fir déi Reaktivitéit an den Entreprisen. Déi direkt komm sinn, fir ze kucken, dass mer den ancien Gulliver a Stand kréien, fir wann déi éischt Leit ukommen. Mir hunn do 43-45 Iwwernuechtungsméiglechkeeten, déi mer deene Leit kënne ginn. Dat wäerten, laut den Noriichten, déi ech kucken, haaptsächlech Frae mat Kanner sinn. Merci.

An da wollt ech awer och nach soen, dass mer gëschter d'Demande kritt hu vun eisem gudde Fierschter, dem Här Berg, dee mam Här Jos Feller dës Woch an d'Ukrain fiert op d'Grenz, dee sech a Kontakt wäert setze mam Luxembourg-Ukraine, fir Kanner a Mammen ofzehuelen. D'Gemeng, den Här Ulveling an d'Responsabel vum CID hunn de Go ginn, dass se mat Camionnetten déi Leit siche fueren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Als nächst ass d'Resolutioun um Programm, vun där mer an der leschter Seance geschwat hunn, wou mer virdrun an enger netëffentlecher Sitzung geschwat hunn. Eng Resolutioun, déi en rapport ass mat den Onsécherheeten, déi ronderëm dem Parc Gerlache stattfonnt hunn. Mir haten e puer Reuniounen intern, mat Iech zesumme respektiv mat der Police, mat all de Concernéierten, mat eise Servicer, wou mer Froen an Äntwerte kruten.

Doropshin hu mer déi hei Resolutioun zesummen opgestallt. Ech géif se eng Kéier virliesen. Duerno géif ech bieden, dass wannechgelift vun all Fraktioun ee géif Positioun derzou huelen. An da géife mer driwwer ofstëmmen.

(Dee kompletten Text vun der Résolutioun fannt Dir am Vote)

Dat ass de Wuertlaut vun der Resolutioun, iwwert déi mer ofstëmmen. Ech ginn d'Wuert un deen éischten, deen et freet.

Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Mir hu schonn déi eng oder aner Stonn doriwwer geschwat. Mir kënnen net géint déi Resolutioun hei sinn. Mir gounge se Punkt fir Punkt an der Séance non-publique duerch. A se gouf jo och punktuell adaptéiert.

Mee wéi ech virdru scho gesot hunn, ech wëll et just nach eng Kéier erwänen, hätt meng Fraktioun sech gewënscht, dass zwee weider Punkten drakomm wären. Notamment: d'augmenter la présence des agents municipaux au centre-ville. Dir hat schonn drop reagéiert. Wuelwëssend, wat aktuell hir Kompetenze sinn.

Dat Zweet ass e weidert Engagement vun enger Sécherheetsfirma, bis dat neit Gebai vun der Police definitiv géif stoen. A bis den Dispositif vun der Police markant erhéicht gouf. Ech wollt dat just nach eng Kéier erwänen an der Séance publique.

Netdestotrotz stëmme mir déi Resolutioun hei gäre mat. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech ka mech deene Wierder uschléissen. Mir wäerten dës Resolutioun matstëmmen. Mir sinn do e bëssen anerer Meenung, wat déi Sécherheetsfirma ugeet. Mir fannen, dass déi net méi déi richteg Plaz huet hei zu Déifferdeng an och an anere Gemengen. Dofir si mer domat averstanen, dass dat net drasteet.

A mir soen och Merci fir deen Exercice, dee mer hei gemaach hunn. Deen och ganz flott war. Fir déi Resolutioun am Virfeld mat alle Parteien heibannen ze preparéieren, ze diskutéieren en long et en large, fir dass och jiddweree seng Doleancen a seng Positiounen abrénge konnt. An ech si frou, dass mer deen Exercice esou gemaach hunn. An hoffen, hei eng breet Zoustëmmung fir déi Resolutioun ze kréien.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir als LSAP Déifferdeng wäerten déi Resolutioun matdroen. Wëllen awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir alleguerten deene Leit, alle Vertrieder vun de politesche Parteien, de Vertrieder vun der Police, de Vertrieder vun de Sozialservicer vun der Gemeng an alleguer deene Memberen, déi an deene verschiddene Reuniounen dobäi waren an déi positiv zu deem ganze Resultat bäigedroen hunn, ee grousse Merci soen.

Besonnesch frou si mer driwwer, dass déi kleng Verbesserungsvirschléi, déi mer nach de Moien abruecht hunn, an där Resolutioun berécksiichtegt gi sinn. Eng Ursaach méi, fir se matzedroen.

Ech wëll op dëser Plaz awer nach eng Kéier drun erënneren, dass mer fir d'Zukunft bei eiser Fuerderung bleiwen, fir e Comité de prévention élargie ze kréien, wéi mer dat versprach kritt hunn. Dass dat net um Ordre du jour vun engem nächste Gemengerot soll vergiess ginn. Ech soen Iech Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Altmeisch. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Am Numm vun der Déifferdenger CSV schléissen ech mech menge Virriedner un. Och d'Déifferdenger CSV ënnerstëtzt dëse vaste Package u Moossnamen an dëser Resolutioun. Ee gudde Mix, souwuel vu preventiven, soziale wéi repressive Mesurë fir d'Sécherheet. Woumat mer hoffen, datt d'Situatioun sech entschäerft an d'Liewensqualitéit sech besonnesch fir d'Awunner ronderëm de Park nees verbessert.

*Par la suite, il invite chaque fraction à prendre position à ce sujet.*

**FRÄNZ MEISCH (DP)** *est le premier à prendre la parole et soutient la résolution. Il aurait toutefois souhaité que deux points aient été ajoutés : d'une part, d'augmenter la présence des agents municipaux au centre-ville et l'engagement d'une autre entreprise de sécurité jusqu'à ce que le nouveau bâtiment de la police soit prêt et que le dispositif de la police soit augmenté de manière significative. Malgré cela, le DP approuve la résolution.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *s'y rallie, mais n'est pas d'accord pour engager une entreprise de sécurité supplémentaire. Il remercie également le fait que cette résolution ait été élaborée avec tous les partis et que chacun ait pu apporter son opinion.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *explique que le LSAP soutiendra également la résolution. Il profite de l'occasion pour remercier toutes les personnes impliquées — les représentants de la police, les services sociaux de la commune ainsi que tous les autres participants. Il est particulièrement ravi que les petites propositions d'amélioration présentées le matin même de la réunion aient été intégrées à la résolution. Cependant, il souhaite rappeler que son parti tient toujours à mettre en place un comité de prévention élargie, comme cela leur a été promis, et demande que ce point soit mis à l'ordre du jour d'un prochain conseil municipal.*

**JERRY HARTUNG (CSV),** *au nom de la fraction CSV de Differdange, soutient ce paquet de mesures. Il estime qu'il s'agit d'un excellent mélange de mesures préventives, sociales et répressives pour la sécurité, et il espère qu'elles permettront de désamorcer la situation et d'améliorer la qualité de vie des résidents. Sa fraction est particulièrement satisfaite de la présence et des contrôles accrus de la police au cours des dernières semaines, sans lesquels rien ne serait possible, et espère que de nouveaux policiers*

*viendront s'ajouter dans les années à venir.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *s'abstient sur cette résolution, car il ne peut pas soutenir la totalité des mesures. Comme il l'aurait déjà mentionné, il pense que ce sujet ne fait que ramasser les morceaux d'une politique de jeunesse, sociale et d'intégration échouée, due aux collèges échevinaux antérieurs et actuels et à la politique du gouvernement. Pour lui, les mesures annoncées ne sont que de vaines promesses. Il considère que les caméras sont la manière la moins chère et la moins efficace de résoudre des problèmes de sécurité. De plus, il regrette que les jeunes n'aient pas été suffisamment encadrés au cours des dernières années. Bien qu'il y ait des initiatives d'emploi, ils vivent dans des conditions précaires et n'ont pas la possibilité de se construire une vie décente.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *explique qu'il soutiendrait le catalogue de mesures de cette résolution, qu'il considère comme équilibrée, mais qu'il s'abstiendra de voter au nom de la fraction déi Lénk. Il remercie ses collègues du conseil communal pour cet échange intéressant et constructif.*
*(Vote)*

Mir sinn immens frou iwwert d'Policepresenz an deene leschte Wochen. Ouni déi geet et net. Déi ass eropgaang an och d'Kontrollen. A mer hoffen, datt mer an deenen nächste Jore weider Poliziste kréien, wéi och d'Police selwer gesot huet, datt se den Travail de proximité erëm méi kënnen ëmsetzen. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci. Eng weider Wuertmeldung? Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei wäert ech mech bei dëser Resolutioun enthalen. Ech hu schonn am leschte Gemengerot gesot, dass mer bei deem Theema hei d'Schierbele vun enger gescheiterter Jugend-, Sozial- an Integratiounspolitik zesummekieren, fir déi déi lescht Schäfferéit awer och dëse Schäfferot verantwortlech ass a fir déi d'Politik vun der Regierung verantwortlech ass.

Hei ginn erëm eng Rei Ukënnegunge gemaach – ech muss se sou bezeechnen – als eidel Verspriechen. Well mer verschidde Saache scho laang versprach kritt hunn an et ass wéineg oder näischt geschitt.

Et sinn eng Rei Mesuren an där Resolutioun, déi ech ënnerstëtze kéint. Mee wéi gesot, global sinn ech net mat der Erugoensweis d'accord. Besonnesch och net, wat d'Kameraen ugeet, well dat dee bëllegsten an dee schlechtste Wee ass, Sécherheetsproblemer ze bekämpfen. Asaz vu Kameraen huet nach ni eng wierklech richteg Wierksamkeet gehat. A kenger Stad op der Welt sinn d'Delikter zréckgaang, wa Kameraen opgehaange gi sinn.

Besonnesch bedaueren ech, dass hei erëm Mesuren ugekënnegt ginn am Interesse vun de Jugendlechen. Alles, wat an der Vergaangenheet net geschitt ass. Déi gi meeschtens vu Beschäftegungsinitiativ zu Beschäftegungsinitiativ, wa se iwwerhaapt erakommen, wat Jore schleeft. Wou se mussen a prekäre Verhältnisser liewen, ouni dass se sech kënnen en uerdentlecht Liewen opbauen. Mat esou Alibi-Resolutioune kann ech net d'accord sinn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Ruckert. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Ulveling. Ech hat et an der Séance non-publique gesot an ech erlabe mer dat hei ze widderhuelen: Am grousse Ganze kéint ech dat heite matdroen a géif ech och am léifsten. Mee net aus Fraktiounszwäng, well ech sëtzen eleng hei, mee wéinst Leit aus de Parteie vu menger Sektioun vun déi Lénk Déifferdeng wäert ech mech beim Vott enthalen. Och wann ech perséinlech eigentlech fannen, dass dat hei e gudden equilibréierte Moossnamekatalog ass. Dat ass elo kengem gehollef, mee et ass einfach esou.

Ech géif mech menge Virriedner gären uschléissen a Merci soe fir den Echange, dee mer haten. Souwuel an de Gemengeréit virdru wéi och an der netëffentlecher Sëtzung d'lescht Woch a mat de Servicer.

Dat war ganz interessant, ganz konstruktiv. Et huet mer och Freed gemaach, un deem Austausch deelgeholl ze hunn. Dowéinst e grousse Merci. A wéi gesot, ech muss mech leider hei enthalen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci villmools fir Är Deklaratioun. Da géif ech dat Ganzt zum Vott stellen.

*Le conseil communal décide par 16 voix oui et 2 abstentions :*

- *de demander une augmentation substantielle de l'effectif des agents de police sur le territoire de la Ville de Differdange et le renfort de la présence dans l'espace public dans le sens d'une police de proximité ;*
- *de demander la création d'uneunité mobile de la police grand-ducale avec une compétence régionale Sud afin d'améliorer la sécurité par sa présence régulière et continue dans le parc et ses alentours ;*
- *de mettre à disposition les moyens financiers et techniques pour l'installation de caméras de surveillance aux endroits stratégiques avec un archivage à durée déterminée et un enregistrement exclusivement utilisable en justice ;*
- *de faire appel aux brasseries et autres propriétaires de cafés en vue de prendre leurs responsabilités quant au choix de l'exploitant et de garantir un suivi adéquat tout au long du contrat de bail ;*
- *de libérer au besoin les moyens financiers afin d'avoir la mainmise sur le choix du futur exploitant de l'établissement situé à Differdange au 21, rue Michel-Rodange ;*
- *de refuser d'accorder jusqu'au 1er juin 2022 des nuits blanches aux exploitants dont les cafés se situent aux adresses suivantes :*
  - *rue Michel-Rodange,*
  - *rue de la Grève-nationale,*
  - *rue Adolphe-Krieps,*
  - *rue du Chemin-de-Fer,*
  - *rue des Prés,*
  - *35, rue Émile-Mark,*
  - *37, rue Émile-Mark,*
  - *47, avenue de la Liberté,*
  - *49, avenue de la Liberté,*
- *de renforcer la présence de streetworkers pour élargir leur champ d'activité dans le but d'améliorer les échanges entre toutes les parties concernées dans ce dossier ;*
- *d'assurer la continuation de l'encadrement des jeunes via le projet* Outreach Youthwork *;*
- *de recourir à divers moyens pour procéder à une adaptation de la circulation en vue de réduire les nuisances sonores provoquées par les véhicules autour du parc Gerlache ;*
- *de planifier l'urbanisation future du quartier dans l'intentnion d'y augmenter la qualité de vie ;*
- *de continuer à optimiser l'éclairage public, notamment, à court terme, dans la rue du Chemin-de-Fer et la rue Adolphe-Krieps ;*
- *d'organiser un forum avec les riverains dans l'intention de favoriser le dialogue entre tous les concernés ;*
- *d'organiser des entrevues avec les exploitants et les propriétaires de cafés et d'autres commerces du territoire de la Ville pour améliorer la cohabitation dans le voisinage ;*
- *de rechercher, en étroite collaboration et implication active des jeunes, un endroit de rencontre outdoor approprié ;*
- *d'augmenter les efforts dans l'accompagnement des jeunes à la recherche d'un emploi et de faciliter l'accès à une mesure de travail prévoyant une simplification administrative.*

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech villmools Merci. Mir fuere viru mat de Kommunikatiounen. Business as usual. Wien hätt et geduecht, Corona gëtt et nach ëmmer. An de Schoule gouf et am Januar 552 Fäll. Am Februar ass et op 141 erofgaangen. An den SEAe gouf et 22 positiv Fäll beim edukative Personal.

Fir d'Maison-relaise kann een d'Aschreiwungen online maachen. Mir sinn aktuell am zweete Joer vun den Online-Aschreiwungen. All Elteren, déi Kanner am Alter hunn, déi kéinten an d'Maison relais goen, kruten d'Informatioun éischtens per Bréif heem geschéckt. En plus gouf et verschidde Kommunikatiounen iwwer eise Service médias am Diffmag.

D'Aschreiwunge lafen nach. Si sinn op eiser Internetsite ze fannen an dësem Joer vum 21. Februar bis de 4. Mäerz inclus.

An der éischter Woch, dat heescht bis leschte Freideg, hu scho ronn 600 Elteren hir Kanner ageschriwwen. Dat ass scho bal d'Hallschent vun der Unzuel vun de Kanner, déi an de Maisons relais ageschriwwe kënne ginn. Wann Eltere Problemer hunn, d'Aschreiwungen

### CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

*remercie et poursuit les communications.*

*Le premier sujet est le virus Corona, toujours présent. En janvier, il y avait encore 552 cas dans les écoles et 141 en février. Au SEA, il y avait 22 cas chez le personnel éducatif.*

*Les inscriptions pour les maisons relais sont ouvertes jusqu'au 4 mars et il est désormais possible de les effectuer en ligne. Les parents concernés ont été informés par courrier et plusieurs communications ont été faites par le service médias dans le Diffmag.*

*La première semaine, 600 parents ont déjà inscrit leurs enfants, ce qui signifie que la moitié des places sont déjà occupées. Si les parents ne souhaitent pas faire les inscriptions en ligne, ils peuvent toujours les faire directement dans les maisons relais.*

*Ensuite, la bourgmestre prend position sur le thème du Wandpark Uewerkuer. La commune de Differdange fait des efforts pour générer autant d'énergie renouvelable que possible. Le bois de la commune est utilisé à 100 %, que ce soit dans l'industrie du meuble ou pour le chauffage des bâtiments communaux. En outre, la commune dispose de plusieurs installations solaires et d'une centrale de cogénération avec moteur à gaz et d'un réseau de chauffage local à biomasse, qui permet de chauffer tous les campus scolaires.*

*Alors, il ne manquait plus qu'un parc éolien avec la participation des citoyens. Déjà en 2011, la commune s'est mise à la recherche d'un partenaire expérimenté dans ce domaine. En 2012, deux sites ont été analysés dans le cadre d'une étude de faisabilité : le Roudenhaff et le Vesquenhaff. Le Roudenhaff s'est révélé inapproprié, car il y avait beaucoup d'activité dans le sol, où se trouvent des mines.*

*Grâce à cette étude de faisabilité, la commune a pu établir en 2014 une convention pour fixer le cout de son partenaire Solarpower SA à 1 150 000 € dont la commune supporte 575 000 €. Par la suite, on a réalisé toutes les études nécessaires et le 25 mai 2014, une première réunion publique a eu lieu pour informer les citoyens des projets qui allaient être réalisés sur le Vesquenhaff. En collaboration avec le ministère de l'Environnement et le secrétaire d'État au Développement durable et à l'Environnement de l'époque, Camille Gira, le dossier a continué à évoluer.*

*La bourgmestre rappelle que non seulement la faune et la flore, mais aussi la statique ont constitué des défis. Il a fallu faire des forages pour déterminer la statique ainsi qu'une évaluation des incidences sur l'environnement.*

*En janvier 2021, le rapport est arrivé avec toutes les contraintes que la commune devait prendre en compte. Le ministère de l'Environnement avait exigé que nous fassions une évaluation de l'impact des vibrations pendant la construction ou l'exploitation de l'éolienne sur les chauvesouris ainsi que sur les galeries — où les chauvesouris*

online ze maachen, besteet weiderhin d'Méiglechkeet, d'Aschreiwungen an deene concernéierte Maisons relais ze maachen. Awer ëmmer mat Rendezvous!

Dat sinn d'Informatiounen, wat de Covid ugeet.

An da wollt ech Iech eng Stellungnam bezüglech dem Wandpark Uewerkuer ginn. Dir hutt jo alleguer de Bréif kritt, deen un dee ganze Conseil communal geriicht war, virun enger Zäit, vu Wandtastesch.

D'Gemeng Déifferdeng beméit sech zanter ville Joren, fir den Deel erneierbar Energie sou wäit wéi méiglech auszeschëpfen, wat op eisem Territoire méiglech ass.

Mir maachen dat éischtens duerch 100 % Notzung vum Holz vun eiser Gemeng. Een Deel geet an d'Miwwelindustrie. Een Deel gëtt geholl, fir d'Gemengegebaier ze hëtzen. Mir hunn eng ganz Unzuel u PV-Anlagen, sief et als eegen Anlagen, sief et als Daach-Locatioun mat Konventioun fir PV oder mat Biergerparticipatioun. Mir hu BHKW mat Gasmotor an Nahwärmenetz. Mir hunn Nahwärmenetzer mat Biomass. A sämtlech Schoulcampusse gi mat Biomass gehëtzt.

An deem Ganzen huet nach just de Wandpark mat Biergerparticipatioun gefeelt. Dat war den Haaptgrond, firwat d'Gemeng de Risiko vun der Etüd matgedroen huet, fir spéiderhin eng Biergerpartipatioun zum Wandpark ze erméiglechen. D'Gemeng wollt d'Potenzial vun erneierbaren Energië bei sech um Territoire ganz ausnotzen, fir d'Ziler vun der Klimaerwiermungsbegrenzung ze erreechen, déi sech d'Regierung selwer ginn huet.

Dofir hat d'Gemeng sech schonn 2011 op de Wee gemaach, fir e Partner ze fannen, deen Erfarung mat Wandenergie huet.

Dat sinn elo zéng Joer hier. Déi éischt Machbarkeetsstudie ass 2012 ugaangen, wourop zwee Sitten analyséiert gi sinn. De Roudenhaff an de Vesquenhaff. No éischten Analysen hat sech de Roudenhaff als net gutt erwisen, well een am Buedem relativ vill Aktivitéit feststelle konnt. Do sinn nämlech och nach Minnen. An dat hu mer gesinn als Resultat vun enger elektromagnéitescher Etüd.

Duerno ass de Site Vesquenhaff méi prezis analyséiert ginn a weider véier Anlagen, wou sech déi Anlag beim Ronnebierg als net machbar erwisen huet a just nach dräi Wandanlagen iwwreg bliwwe sinn.

Déi Machbarkeetsetüd hat eis 2014 erlaabt, eng Konventioun opzestellen, wou een d'Käschte konnt zesumme festhalen. De Käschtepunkt, dee bis haut mat eisem Partner Solarpower SA engagéiert ginn ass, ass 1.150.000 Euro toutes taxes comprises. D'Gemeng huet 50 % dovunner gedroen. Dat heescht 575.000 Euro.

Déi Sue goufe genotzt fir Wandmiessungen, Wandauswäertungen, Villerchersetüden, Fliedermaisetüden, Schall- a Schattenwurf, Buerungen, geotechnesch Etüden a fir d'Erstellung vun engem EIE-Dossier.

De 25. Mee 2014 hat eng éischt Biergerversammlung stattfonnt, fir ons Bierger doriwwer ze informéieren, wat mir um Vesquenhaff wëlles hätten. No den éischten Etüden, déi mer gemaach hunn an déi och positiv waren, hate mer mam Ëmweltministère deen Dossier weiderentwéckelt. Deemools war nach den Här Camille Gira, Staatssekretär fir Nohaltegkeet Entwécklung an Ëmwelt, an der Regierung. An hie selwer war richteg begeeschtert vun dësem Dossier.

Et däerf een drun erënneren, dass et eng relativ komplex Situatioun war, wou net nëmmen d'Fauna an d'Flora e Problem duergestallt huet, mee och déi ganz Statik e groussen Defi war.

Fir d'Etüde komplett ze maachen, krute mir gesot, déi néideg Buerungen ze maachen, fir d'Statik ze bestëmmen. 2020 ass eng EIE, Evaluation des incidences sur l'environnement, gemaach ginn. Ech mengen, mëttlerweil kenne mer dat alleguer. Mir haten den Dossier erageschéckt, eng Scoping-Prozedur ass och lancéiert ginn.

De finale Berich am Januar 2021 hat eis du sämtlech Oploe ginn, déi mir berécksiichtege missen. Den Ëmweltministère hat Follgendes gefuerdert: Eng

Bewäertung vun der Beanträchtegung bezüglech de Vibratioune wärend de Bauaarbechtszäiten a wärend dem Betrib vun de Wandanlagen op de Galerien an op d'Fliedermais.

Vibratiounen oder de Risiko, dass déi reschtlech Galerië kéinten zesummefalen an eventuell Fliedermais stéieren, déi op 70 m Déift an de Galerien iwwerwanteren, konnt net nogewise ginn. Oder de Risiko net eliminéieren. Doropshin hu mer den Ëmweltministère eng Ausnamereegelung laut Artikel 33.1 vum Ëmweltgesetz vum 18.7.2018 gefrot. Well fir eis deen Afloss relativ kleng ass.

Dat Gebitt um Vesquenhaff huet 523.000 m2 Terrain, wou d'Galerien drënner sinn. Brut schwätze mer vun 1.000.120 m2. Ouni d'Peripherie wou d'Bëscher dra sinn. Et ass 1.400 m laang an 800 m breet. D'Fondatioun huet mat 25 m Duerchmiesser genau 490 m2 Surface. Wat 0,1 % vun der gesamter Fläch ausmécht.

Dëst wäert fir eis keng signifikant Auswierkung op d'Natura-2000-Zon hunn. Mee den Ëmweltministère gesäit dat aneschters.

D'Stad Déifferdeng a Solarpower SA hunn zesummen decidéiert, de Wandprojet Uewerkuer elo mol leider net méi weiderzeentwéckelen. Et wëll kee méi Geld an Zäit an dëse Projet investéieren, well mer och keen Enn an all deenen Etüden, déi ëmmer erëm gefrot ginn, a kee Sënn méi gesinn.

An dësen Zäiten, wou d'Energie ëmmer méi deier gëtt, an dëse Projet hätt kënnen zu den Ziler gerechent ginn, déi de Staat sech selwer ginn huet, hätte mer massiv kéinte contribuéieren. Et ass eng ganz haart Decisioun. Vläicht gesäit de Ministère dat an e puer Joer aneschters an ënnerstëtzt eis dann och bei esou enger Demarche.

Mir wëllen drun erënneren, dass mir net Proprietär si vun deem Terrain, an dass de Proprietär natierlech fräi ass, mat anere Partner, wann hien dat da wéilt, weiderzefueren. Mir wären och bereet, him eis Etüden zur Verfügung ze stellen. Awer ëmmer erëm ënner der Konditioun, dass, falls de Projet awer eppes géif ginn, d'Biergerparticipatioun méiglech bleift.

Et deet eis leed fir all déi Bierger, déi op de Projet gewaart hunn, déi vum Projet begeeschtert waren an iwwerzeegt waren an déi iwwer Biergerparticipatioun hätte kënnen drun deelhuelen.

Déi divers Etüden iwwert d'Fauna an d'Flora sinn och interessant fir d'Gemeng ausserhalb vum Kader vun der Wandanlag. Zurzäit gëtt mam Ëmweltministère gekuckt, awéiwäit dës Etüde fir zum Beispill de Projet vun der Photovoltaikanlag um Ronnebierg kéinte genotzt ginn an ob de Ministère sech finanziell vläicht un den Etüde géif bedeelegen.

Sämtlech ofgeschlossen Etüde fannt Dir um Site www.diffwand.lu wann Der drun interesséiert sidd, se ze consultéieren.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Däerfe mer dozou Stellung huelen? Ech wéilt just eng Konklusioun doraus zéien. Dat betrëfft eis alleguer. 570.000 Euro goufen an de Sand gesat. Dat ass net näischt. Iwwer verschidde Schäfferéit ass dee Projet do gelaf. Dofir ass et elo net fir mam Fanger op een ze weisen.

D'Iddi vun der Wandenergie ass eng Zäit favoriséiert ginn. Op nationalem Plang ass awer kee Site zu Déifferdeng zréckbehale gi fir eng Wandmillen. Oder ech misst mech do ieren. Wann dat de Fall wär, da sot mer et, wannechgelift. Et gëtt e Plan d'implantation fir Wandparkenm en nationalem Plang. Do ass Déifferdeng net dobäi.

Ech wëll awer elo soen, mir kënnen net an déi Richtung virufueren a vläicht soen, elo ass Déifferdeng näischt ginn, elo gi mer op Nidderkuer entwéckelen, well de Site Vesquenhaff, just fir e Beispill ze huelen, net gepasst huet, den Ënnergrond oder wat et dann och ëmmer war.

Ech mengen, mir sollen eis elo an Zukunft op jidde Fall mol do erausshalen, net méi an déi Richtung goen. Et sief dann, mir géifen ënner en nationale Projet falen, wou Initiative fir erneierbar Energië sech géifen erweisen.

*hibernent — afin de s'assurer qu'elles ne s'effondrent pas. Aucune vibration de ce type n'a été détectée.*
*L'ensemble du site de Vesquenhaff mesure 1400 m de long sur 800 m de large et couvre 1 000 120 m2 sans compter les zones boisées, et les galeries s'étendent sur 523 000 m2 de celles-ci. La fondation aurait un diamètre de 490 m2, soit seulement 0,1 % de la surface totale.*
*Pour la bourgmestre, il n'y aurait pas d'impact significatif sur la zone Natura 2000, mais le ministère de l'Environnement est d'un autre avis.*
*C'est pourquoi la Ville de Differdange a décidé, en collaboration avec Solarpower SA, de ne plus développer le projet du parc éolien Oberkorn. C'était une décision difficile et on espère que le ministère changera d'avis un jour.*
*Christiane Brassel-Rausch souhaite rappeler que la commune n'est pas propriétaire de cette zone et que le propriétaire peut décider de poursuivre le projet avec d'autres partenaires. Pour cela, la commune mettrait bien sûr à disposition les résultats des études déjà réalisées, à condition que la participation des citoyens reste possible.*
*Les études sur la faune et la flore pourraient cependant être très utiles à la commune dans d'autres contextes, comme le projet photovoltaïque sur le Ronnebierg.*
*Toutes les études peuvent être consultées sur www.diffwand.lu.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *explique que ce n'est la faute de personne si 570 000 € sont partis en fumée, car le projet a été lancé il y a très longtemps.*

*Pourtant, Differdange ne figure pas dans le plan national d'implantation de parcs éoliens et il est donc nécessaire d'abandonner cette idée en attendant qu'une initiative nationale voie le jour.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *est d'avis que la bourgmestre n'a pas le droit de prendre seule la décision de mettre fin à un projet dont le lancement et le budget ont été votés en conseil communal.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique, à la suite de l'intervention de monsieur Muller, que le sujet sera abordé lors du prochain conseil municipal.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *se demande s'il est juridiquement justifiable que la commune ait dépensé pendant des années de l'argent public pour une bonne cause, dans le cadre d'études imposées par la loi, et qu'en fin de compte le projet ait quand même été amorti par le ministère.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il ne s'agissait aujourd'hui que d'annoncer le sujet et donne la parole à monsieur Meisch.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *partage l'avis de monsieur Muller selon lequel le sujet de l'énergie éolienne devrait être élaboré au niveau national. Il croit cependant se souvenir d'une convention qui stipule que si le projet de 1,15 million d'euros n'est pas réalisé, le cout sera alors entièrement à la charge de la commune.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *demande de reporter ce sujet au prochain conseil communal.*
*Après le traitement de toutes les communications, elle passe au point 2 de l'ordre du jour : le reprofilage et la mise en œuvre d'enrobés sur le chemin rural lieudit Op Jommel entre le cimetière de Differdange et la rue des Mines à Oberkorn, où circulent des machines agricoles. Le devis de l'ASTA s'élève ici à 96 000 €.*

Mir kënnen net direkt erëm soen: Elo ass do näischt draus ginn, da gi mer op Nidderkuer an da fänke mer do erëm vu vir un. Dat wollt ech just mat op de Wee ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Et ass u sech just eng Kommunikatioun gewiescht. Natierlech kënnt Der Iech zu Wuert mellen. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, eng Fro zur Prozedur. Dir gitt eis hei eng Kommunikatioun iwwer e ganz wichtege Punkt, wou de Gemengerot driwwer ofgestëmmt huet. Zommen, déi am Budget gestëmmt gi sinn. An da gitt Dir eis hei eng Kommunikatioun. Wann e Projet opgehal gëtt oder ugefaang gëtt, da muss am Gemengerot e Vott dozou geholl ginn. Dir kënnt dat dach net einfach eleng maachen. Dat geet dach net.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert, ech wollt souwisou elo, op dem Här Muller seng Interventioun hin, soen, mir huelen de Punkt an den nächste Gemengerot.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ech wëll eppes dozou soen. Mir hate gëschter rieds, ech sinn eréischt aus dem Congé komm. Wann s de zéng Joer laang eng EIE-Studie gemaach hues, wat jo ee Gesetz ass, an da gëss de ëmmer erëm zousätzlech zu neien Aktiounen opgeruff, wat vill Sue kascht – mir hu jo elo d'Resultat, wat et eis kascht huet –, sinn ech der Meenung, dass mer eis juristesch mussen d'Fro stellen, an dat wär dann e Punkt, wa mer deen Dossier iwwer ee Votum boucléieren, dass mer an Aktioun mussen trieden. Well do sinn ëffentlech Gelder, fir gudden Zweck oder e gudde Wëllen agesat ginn. Dat elo haut dann iergendwéi net méi vu ministerieller Säit geneemegt gëtt. Da musse mer och eis voies et moyens kucken.

Et wär vläicht eng Iddi, dass een dat den 30. Mäerz op den Ordre du jour géif setzen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir wollten et just haut scho matdeelen. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Domat fält meng Fro dann um Schluss ewech. Ech si beim Här Muller, datt dat Ganzt, wat d'Wandenergie ugeet, national sollt an Ugrëff geholl ginn.

Just eng Verständnisfro: Wann ech mech gutt erënneren, gouf et eng Konventioun, an där drasteet, datt d'Käschten, déi ufalen, déi 1,15 Milliounen Euro, datt déi hallef/hallef géife gedroe ginn, wann de Wandpark géif gebaut ginn. Wann en net gebaut géif ginn, da géifen d'Käschten integral op d'Gemeng falen. Ech weess awer net, ob dat stëmmt. Ech hunn dat an Erënnerung. Dofir wollt ech déi Fro stellen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Erlaabt Der mer ze soen, mir halen op a mir huelen eis Zäit am nächste Gemengerot fir iwwert dee Punkt ze schwätzen. Ech soen Iech villmools Merci.

Gëtt et nach Kommunikatiounen? Soss géife mer elo op den Ordre du jour kommen. Dat wär de Punkt 2, Reprofilage et mise en oeuvre d'enrobés sur les chemins. Ech iwwerhuelen der Madamm Pregno hir Punkten. Do geet et ëm de Reprofilage a Mise en oeuvre d'enrobés sur le chemin rural lieu-dit „op Jommel“. Dat ass e landwirtschaftleche Wee. Den Devis vun der ASTA läit bäi, 96.500 Euro. Do fuere landwirtschaftlech Maschinnen. Dee Wee läit en gros tëschent dem Déifferdenger Kierfecht an der Rue des Mines, Uewerkuer.

**ENG STËMM:**

Mir kréien awer e Subsid.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir kënnen e Subsid ufroen herno. Kënne mer zum Vott kommen?

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis concernant le reprofilage et la mise en œuvre d'enrobés sur les chemins ruraux au lieudit Op Jommel à Differdange.*

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 2, ddivers transferts de crédits budgétaires au sein des dépenses extraordinaires liés au projets d'investissement. An dofir géif ech d'Wuert un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Hei ass eis e klenge Mëssel geschitt, wéi mer de Budget opgestallt hunn. Mir hate vergiess, de Solde vun dem Mathendahl ze budgetiséieren. Dat heescht, do feelen dräi Milliounen Euro, déi virgesi waren. Déi awer net am Budget erschénge sinn. Mir froen heimat, de Budget ze equilibréieren an eis déi dräi Milliounen zur Verfügung ze stellen. Dass mer déi sämtlech Rechnungen, déi elo nach ufalen, bezuele kënnen. Mir géifen da jeeweils annerhallef Millioun vun de Projete vun der EIDE, École internationale, École primaire respektiv vum Aménagement vun den neien Atelieren, dem CID, transferéieren op deen do Posten. Fir dass mer, wéi gesot, déi Rechnunge kënne bezuelen.

Leider ass dat bei der Budgetsopstellung vergiess ginn. Dofir musse mer dat heiten elo maachen, fir dass mer awer déi Rechnungen, déi fälleg sinn, bezuele kënnen. A mir mengen och, dass mer relativ héich gegraff hate bei deene Projeten, déi mer elo ewechzéien, dass mer awer déi Projeten och net wäerten hypothekéieren an Zukunft. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver divers transferts de crédits budgétaires au sein des dépenses extraordinaires liés aux projets d'investissement.*

Mir si beim Punkt 2c. Do geet et ëm d'Dekonte vu Projeten aus dem extraordinäre Budget. An ech ginn d'Wuert dofir un den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech wäert déi Dekonten all een nom aneren duerchhuelen. Virop hunn ech awer zwou Remarken ze maachen. D'Dekonte gesi ganz gutt aus. Immens vill Sue sinn deelweis net gebraucht ginn, déi mer veranschlaagt haten. Mat anere Saachen hu mer Saachen zousätzlech gemaach, déi net virgesi waren. Soudass mer mat den aktuellen Dekonte ganz zefridde si kënnen.

Mee ech fäerte just, dass dat an Zukunft net méi wäert esou sinn. All Dag kënnt een neien Entrepreneur, deen eis schreift, dass alles méi deier gëtt, dass e seng Präisser net méi kann halen duerch d'Pandemie. An et weess een och net, wéi déi Saach mat Russland an der Ukrain weidergeet, wat fir Repercussiounen dat wäert hunn. Soudass ee fäerte muss, an Zukunft keng esou flott Dekonte méi kënnen ze presentéieren.

Déi zweet Remark: Et si Projeten dran, déi 2013 ugefaange goufen a wou elo eréischt den Dekont gemaach gëtt. Et kann een eréischt en Dekont maachen, wann een déi lescht Rechnung vun der Entreprise kritt huet. Mir hu keen Drockmëttel fir déi Entreprisen, dass se eis d'Rechnung matzäit schécken.

Ech géif soen, no engem Joer, wann e Projet bis fäerdeg realiséiert ass, misst een awer kënne raisonnablement zu där Entreprise, déi do geschafft huet, soen:

*Elle explique qu'un subside peut également être demandé pour ce projet.*
*(Vote)*
*Pour le point suivant « divers transferts de crédits budgétaires au sein des dépenses extraordinaires liés aux projets d'investissement », Christiane Brassel-Rausch donne la parole à monsieur Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'une petite maladresse a été commise lors de l'élaboration du budget. En effet, on a oublié de budgétiser le solde du Mathendahl, auquel il manque maintenant trois-millions d'euros. Il souhaite donc que le budget soit équilibré et que les trois-millions soient mis à disposition pour pouvoir payer les factures restantes. Il faudrait alors transférer 1,5 million d'euros des projets EIDE respectivement de l'aménagement des nouveaux ateliers, CID, vers ce poste.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 2 c, qui traite des décomptes des projets du budget extraordinaire.*

**TOM ULVELING (CSV)** *déclare que les décomptes sont excellents et qu'une grande partie de l'argent prévu n'a pas du tout été utilisée. Cependant, il craint que cela ne soit pas le cas à l'avenir, car en raison de la pandémie, les entrepreneurs devront tout renchérir. Par ailleurs, il est impossible de savoir quel sera l'impact de la situation en Russie et en Ukraine.*
*De plus, il explique que certains projets ont commencé déjà en 2013, mais que les dernières factures des entrepreneurs ne sont arrivées que maintenant.*
*Malheureusement, il n'existe aucun moyen de pression pour obliger les entreprises à envoyer leurs décomptes plus tôt. Personnellement, il regrette qu'il faille attendre huit ou neuf ans après la fin du projet pour recevoir le décompte de l'entreprise. Cependant, le conseil juridique a confirmé qu'une entreprise peut encore envoyer une facture dix ans après fin du projet.*
*Ensuite, Tom Ulveling passe aux décomptes. Au niveau de l'accès*

*Woiwerwisen, appelé rue Renée-Lazard, 1 194 000 € étaient prévus, dont 1 070 000 € ont été utilisés. Malgré des travaux supplémentaires non prévus, comme un système d'arrosage des arbres ou le chauffage urbain, on a pu économiser 124 000 €.*
*Pour l'aménagement de l'entrée de ville par contre, on avait prévu 4 795 000 € et finalement 5 180 000 € ont été utilisés. Ici aussi, des travaux supplémentaires ont été réalisés, sans lesquels le devis n'aurait pas été dépassé. On a par ailleurs ajouté la rue John-Dolibois. Ensuite, la rue du contournement a été élargie pour garantir l'accès et les raccords du bâtiment de la police. Pour 50 000 €. Le bureau de coordination pour la phase des travaux sur plusieurs chantiers, lycée provisoire, dépollution, site entrée en ville et construction Opkorn a également couté 50 000 € supplémentaires.*
*Ensuite, l'escalier de la Miami University a été rénové pour 65 000 € au lieu de 120 000 € et celui de la rue de la Montagne, place Millchen, pour 50 000 € au lieu de 80 000 €.*
*En ce qui concerne le réaménagement de la Grand-rue, seuls 4 150 000 € ont été utilisés sur les 4 350 000 € initialement prévus, et ce malgré des travaux supplémentaires tels que la canalisation de la source venant du bâtiment Fonds du logement et des raccords vers le lavoir rue Victor-Hugo. La réalisation avant début de chantier, parking et trottoir rue de l'Hôpital a couté 125 000 € et le déplacement des arbres au coin Grand-rue, Rue de l'Hôpital 40.000 €.*
*La remise en état du garde-corps sur le mur du lavoir de la rue Victor-Hugo représente un cout supplémentaire de 50 000 €.*
*Le réaménagement de la rue Henri-Bessemer était prévu pour 2,8 millions d'euros et a finalement couté 1,5 million d'euros. Ici, 500 000 € supplémentaires avaient été prévus sur un autre poste pour des travaux de la Poste, de sorte qu'au total, on a économisé 800 000 €.*
*Le réaménagement de la rue Pierre-Krier et de la rue Pierre-Dupong a couté 2 500 000 € au lieu des 2 350 000 € prévus. La raison en*

Maach däin Dekont. Mee leider hu mer do keen Drockmëttel. An och wann den Dekont bis do ass, muss dat vun deem Bureau, deen dee ganze Chantier hat, kontrolléiert ginn, ob dat dann och esou war. Doduerch geet immens laang Zäit verluer.

Ech perséinlech fannen et net gutt, dass aacht oder néng Joer nodeem een ugefaangen huet, op eemol een Dekont kritt vu Saachen, déi scho laang an der Rei sinn. Mee dat ass leider esou. Ech mengen, do misst de Legislateur awer eng Kéier driwwer kucken. Mir hu bei eisem Conseil juridique nogefrot, reng theoreetesch kann eng Entreprise zéng Joer duerno nach eng Rechnung schreiwen.

Da kéim ech zu den Dekonten.

Den Accès Woiwerwisen, déi sougenannte Rue Renée Lazard, do waren 1.194.000 Euro virgesinn. Mir hu gebraucht 1.070.000 Euro. Dat heescht, mir hunn 124.000 Euro manner gebraucht, obwuel mer zousätzlech Aarbechten oder Saache bezuelt hunn, déi am Fong primär net virgesi waren: notamment Frais de compensation fir 80.000 Euro, e Système d'arrosage fir d'Beem mat enger Cuve vun 10.000 Liter fir 20.000 Euro. Attentë si geluecht gi fir de Chauffage urbain fir 25.000 Euro. Trotz deenen zousätzlechen Ausgaben huet et eis am Endeffekt manner kascht.

Amenagement Entrée de ville. Do ware sengerzäit 4.795.000 Euro virgesinn. Kascht huet et 5.180.000 Euro. Do hu mir 385.000 Euro méi gebraucht wéi veranschlaagt war. Mee mir hunn awer zousätzlech Aarbechte gemaach op deem Chantier. Soudass wann een dat elo géif dobäirechnen, si mer awer ënner dem Devis bliwwen.

En plus goufen Attentë geluecht fir de Chauffage urbain, e Fonçage ënner d'Rue Emile Mark, tëschent dem Gravity an dem Arcelor-Terrain. D'John-Dolibois-Strooss ass materageholl ginn. Déi war net am Projet virgesinn. Mir hunn och en Elargissement vun der Strooss vum Contournement fir den Accès un de Bâtiment de la police an d'Raccorde fir de Bâtiment de police matgemaach. Alles dat fir 50.000 Euro méi. A fir de Bureau de coordination pour la phase des travaux sur plusieurs chantiers, Lycée provisoire, Dépollution site entrée en ville et construction Opkorn, do waren och 50.000 Euro méi ugefall. Dat erkläert de Méibetrag.

Zwou Trape goufen nei gemaach. Dat eent dat ass déi Trap bei der Miami. Déi sollt 120.000 Euro kaschten, huet nëmme 65.000 Euro kascht. Do hu mer also 55.000 Euro manner gebraucht.

D'Trap an der Rue de la Montagne, Place Millchen, déi war mat 80.000 Euro veranschlaagt a si huet nëmme 50.000 kascht. Soudass mer hei 30.000 Euro manner gebraucht hunn.

Réaménagement de la Grand-Rue. Do ware sengerzäit 4.350.000 Euro virgesinn. 4.150.000 Euro si gebraucht ginn. Dat heescht 200.000 Euro manner. Awer och do goufen zousätzlech Saache gemaach: Canalisatioun de la source venant du bâtiment Fonds du Logement et raccords vers le lavoir rue Victor Hugo. Wat mat 20.000 Euro veranschlaagt gouf.

Réalisation avant début chantier, parking et trottoir rue de l'Hôpital, 125.000 Euro huet dat kascht.

Deplacement vun de Beem am Coin Grand-Rue, Rue de l'Hôpital fir 40.000 Euro.

Remise en état vun de Garde-corpsen a vun der Mauer vum Lavoir an der Rue Victor Hugo fir 50.000 Euro zousätzlech. Wat dann awer nach zu engem gudde Resultat gefouert huet.

D'Reamenagement vun der Rue Henri Bessemer. Do waren 2,8 Milliounen Euro virgesinn. Mir hunn et fir 1,5 Milliounen Euro realiséiert. Dat ass en Delta vun 1.300.000 Euro. Do muss een awer fairerweis soen, dass do Aarbechte gemaach gi si vun der Post, déi op engem anere Poste mat 500.000 Euro veranschlaagt waren. Soudass mer am Fong nëmmen 800.000 Euro manner gebraucht hu wéi virgesi war.

Reamenagement vun der Rue Pierre Krier an der Rue Pierre Dupong, déi ware mat 2.350.000 Euro virgesinn. Dat huet 2.500.000 Euro kascht. E Plus vun 150.000 Euro. Mee och do sinn zousätzlech Aarbechte gemaach ginn: Passage piéton, Dalle geluecht gi fir

Leit, déi net gutt gesinn. Dat war fir 20.000 Euro. Backe fir d'Beem: 10.000 Euro. Et gouf eng Hausse des prix vu Material an der Main d'oeuvre vu 50.000 Euro. Conduite d'eau an der Rue Xavier Brasseur tëschent der Rue Pierre Krier an der Rue Pierre Dupong, wat mat 80.000 Euro zousätzlech zu Buch geschloen huet.

Dee leschten Devis ass d'Realisatioun vun der Zone d'activité Haneboesch. Dat ass déi nei kleng Industriezon hanner der Soclair zu Nidderkuer. Do ware 608.000 Euro virgesinn. An do hu mer awer eng Millioun Euro gebraucht. Dat ass en Delta vun 392.000 Euro. Do koum en neien Trafo, deen net virgesi war vun der Creos mat Raccordements fir 150.000 Euro. Et war e Supplement doduerch, dass mer de Buedem net konnten op d'Decharge op Suessem féieren. Dat fir 81.000 Euro.

D'Decharge an de Bureau de contrôle an d'Terrassement an d'Evakuatioun, dat huet 125.000 Euro kascht. Et gouf eng Étude du sol pour le déchargement des déchets inertes sur la décharge historique d'ArcelorMittal à Differdange gemaach, déi huet 20.000 Euro kascht. Soudass Der gesitt, wou déi Méikäschten do hierkomm sinn.

Ech géif Iech bieden, déi sämtlech Dekonten unzehuelen. Wat ech virdru vergiess hat ze soen: Wa mer keen Dekont maachen, kréie mer och kee Subsid. Dat heescht, déi lescht Tranche vun de Subsiden hänkt ëmmer um Dekont. A soulaang mer keen Dekont maachen, kënne mer déi Subsiden net kréien. Soudass wa mer elo déi Dekonten hei stëmmen, da kréie mer och déi Subsiden, déi mer nach zegutt hu vun deene verschiddene Projeten. Kënne mer dann ufroen. Dofir wär ech frou, wann Der dat géift stëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschter. Wéi den Här Ulveling richteg sot, déi Saache leie schonn eng Zäitchen zréck. Ech hat och deelweis domadder ze di gehat. An ech sinn och frou driwwer, dass mer konnte virun allem d'Groussstrooss maachen. Ech mengen, déi ass jo awer plus ou moins gelongen. Déi ass ëmmer zréckgesat ginn a war zum Schluss eng Katastroph, en vue vun engem Projet, dee sollt gemaach ginn. An do hu mer eis awer decidéiert, déi dann ze realiséieren. An dat ass jo eenegermoosse gutt verlaf.

Frou sinn ech och iwwert déi zwou Stroossen: Rue Pierre Krier a Rue Pierre Dupong um Fousbann. Well dat war wierklech eng Katastroph, déi Stroossen. A wann een haut kuckt, wat fir ee flotte Quartier dat ginn ass, dann ass dat och am Beméien, fir eis Quartieren ze erneieren a se och aktuell ze gestalten.

Allgemeng kann ee soen, dass mer relativ gutt ofgeschloss hunn, meeschtens e positive Solde. Ausser, wou den Här Ulveling och d'Erklärunge ginn huet, wou et dann effektiv driwwer gaangen ass.

Mee et gëtt ee Projet, wou ech net grad esou zefridde sinn. An zwar ass dat dee vun der neier Strooss am spéidere Quartier Woiwerwisen. Do ass déi Situatioun – déi meescht wäerten dat och kennen –, wann een erafiert, op der lénker Säit ass de Chauffage urbain. A mir hunn hei e Solde gehat, elo hu mer decidéiert deen zur Verfügung ze stellen, mee ech mengen, mir missten eng besser urbanistesch Abannung maache vun deem Chauffage urbain an deem Quartier.

Ech wollt dem Schäfferot mat op de Wee ginn, fir sech dat emol unzekucken an ze kucken, wat een do ka maachen. Well wann een do erafiert, dann huet dat éischter den Aspekt vun engem industrielle Charakter. Also dat ass net ganz aluedend do op där Plaz. Ech mengen, dass een urbanistesch kéint déi eng oder déi aner Mesure huelen, fir dass dat besser ausgesäit. Well deemnächst wäerten do ganz vill Leit optrieden, wa mol de Servior bis opgaangen ass. Ech soen Iech Merci.

*était des travaux supplémentaires tels qu'un passage piéton, des bacs pour les arbres, une hausse des couts de matériel et de main-d'œuvre ainsi qu'une conduite d'eau dans la rue Xavier-Brasseur entre la rue Pierre-Krier et la rue Pierre-Dupong.*
*Le dernier devis de 608 000 € concerne la réalisation de la zone d'activité Haneboesch derrière la Soclair à Niederkorn. Au final, le projet a couté un-million d'euros. La raison était un transformateur de Creos, le fait que la terre ne pouvait pas être transportée sur la décharge à Sanem. Ceci plus le bureau de contrôle, le terrassement et l'évacuation ainsi qu'une étude du sol pour le déchargement des déchets inertes sur la décharge historique d'ArcelorMittal à Differdange constituent la différence importante.*
*Il demande au conseil communal d'accepter tous les décomptes. Il avait oublié de dire qu'on ne pouvait demander des subventions que si tous les décomptes étaient acceptés.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie Monsieur Ulveling et passe la parole à monsieur Muller.*

**ERNY MULLER (LSAP)L** *a lui-même été impliqué dans certains des projets et se réjouit tout particulièrement de la mise en œuvre de la Grand-rue, qui a été constamment repoussée alors qu'elle avait été une catastrophe.*
*En outre, il se réjouit de la rue Pierre-Krier et de la rue Pierre-Dupong au Fousbann. Ce projet démontre à quel point il est important de moderniser les quartiers de la commune.*
*Il n'y a qu'un seul projet qui lui plait moins : la nouvelle rue dans ce qui deviendra le quartier Woiwerwisen. Selon lui, le chauffage urbain situé à cet endroit devrait être mieux incorporé au niveau urbanistique, car il donne au quartier un caractère plus industriel et moins accueillant. Il demande au collège échevinal de chercher une solution à ce problème et le remercie.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *le remercie et appelle au vote.*
*(Vote)*
*Le point 3 de l'ordre du jour traite ensuite de la modification ponctuelle du PAP Avenue de la Liberté, l'ancien bâtiment Monopol. À la suite une demande de la fraction LSAP, Christiane Brassel-Rausch présente la situation actuelle. Une petite modification a été apportée au PAP, qui pouvait être soumise en tant que procédure allégée. La barrière prévue dans le plan initial le long de la piste cyclable est supprimée, la densité est augmentée et les immeubles d'habitation construits un peu plus haut afin d'améliorer la qualité de vie et la vue.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a lui-même été longtemps impliqué dans ce projet en tant qu'ancien échevin des constructions et explique que ce PAP a été adopté il y a 12 ans déjà et qu'il est resté en friche pendant de nombreuses années. On a eu l'idée de vendre le PAP par le biais d'une vente au meilleur prix. Malheureusement, aucun promoteur n'était intéressé. Il y a cinq ans, le projet a été transféré au propriétaire actuel dans le contexte du projet de l'école Mathendahl. Il espère maintenant que le projet pourra bientôt démarrer.*
*Dans la modification ponctuelle actuelle, l'idée d'un restaurant près de la piste cyclable n'a pas été acceptée, car on y prévoit plutôt des logements.*
*Il y a un léger changement du COS, ce qui représente une augmentation de 48 m2. Le CUS augmente également de 313 m2 surface brute d'habitation afin de pouvoir proposer des appartements plus grands.*
*Au total, 15 nouveaux logements seront créés ici conformément à l'architecture contemporaine, en intégrant l'ancienne façade du numéro 52 de l'avenue de la Liberté.*
*Dans le bloc A, les bâtiments auront 4 étages et dans le bloc B, rue Kelvert, la maison numéro 4 sera démolie, car la façade n'est pas protégée.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Mir huelen Är Suggestioun mat. Mir kommen zum Vott.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Kënne mer déi aacht Devisen en bloc huelen? Okay.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décomptes de divers projets extraordinaires.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Punkt 3, Modification ponctuelle vum PAP Avenue de la Liberté, den ale Monopol. Wann ech mech gutt erënneren, hat ee Member vun der LSAP-Fraktioun am leschte Gemengerot gefrot gehat, wou mer do dru sinn. Hei hutt Der d'Äntwert. Et gëtt eng kleng Ännerung am PAP vum ale Monopol, deen als Procédure allégée agereecht konnt ginn. Et ass ganz schéin op de Grafiken ze gesinn.

Am initiale PAP war e Balke virgesi laanscht d'Vëlospist. Dee soll ewechgeholl ginn, d'Densitéit eropgesat an d'Appartementer e bësse méi héich gebaut ginn. D'Liewensqualitéit an deem zentrale Punkt vun der Stad, wat d'Vue ubelaangt, wat d'Sonn ubelaangt an esou virun an esou weider, soll erhéicht ginn. Ech wéilt Iech bieden, dës Modification ponctuelle matzestëmmen.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dat hei ass eng Saach, mat där ech och länger Zäit befaasst war. Dëse PAP ass am Juni 2010 vum Interieur approuvéiert ginn. Dat sinn elo zwielef Joer hier. Als virege Bauteschäffen hunn ech mech mat dem PAP beschäftegt. Dat hat eng Partie Jore brooch geleeën. Et war effektiv esou, dass mer hu mussen déi Gebailechkeeten enger neier Utilisatioun zouféieren.

Du war eis d'Iddi komm fir dee PAP, dee jo vun der Gemeng ausgeschafft gi war, fir deen duerch eng Vente au meilleur offrant unzebidden. Leider hate mer awer domadder kee Succès. Kee Promoteur hat dat interesséiert. Duerno ass de Projet als Echange vun den Terrainen an Zesummenhang mat der Mathendahl-Schoul un deen haitege Proprietär iwwergaangen. Dat sinn och elo scho fënnef Joer hier. Ech hoffen, dass et dann endlech lassgeet.

Elo zum PAP selwer. Wéi am Dossier ze gesinn, gëtt et eng Modification ponctuelle vum Lot 1. Parallell zum Vëlos- a Foussgängerwee war e Gastronomiebetrib virgesinn. Wat och flott war. Ech wëll haut net kritiséieren, dass dat kee flotte Projet war. Deen ass awer tel quel net ugeholl ginn, well éischter eng Entwécklung vu Logementer op dëser Plaz do gesi gëtt vun deene Leit, déi Logementer entwéckelen. Doduerch ass awer elo d'Modifikatioun als non substantielle vum Interieur unerkannt ginn. Wat eis d'Saach vereinfacht.

D'Gesamtfläch vum Projet ass 10,33 a. Et gëtt eng liicht Verännerung vum COS, Coefficient d'occupation au sol. Wat um Terrain selwer ee Plus vun 48 m2 ausmécht. A vu dass de CUS, de Coefficient d'utilisation au sol, och eropgeet, kréie mer 313 m2 méi Surface brute d'habitation – de Grond, deen hei ugi gëtt, fir méi grouss Appartementer unzebidden.

Insgesamt, am Kader vum PAP Ale Monopol, entsti 15 nei Logementer. Wéi et heescht, ginn déi komplett nei gebaut, no enger Architecture contemporaine a wou déi al Fassad vum Haus Nummer 52 an der Avenue de la Liberté matintegréiert gëtt. Änlech wéi dat am Projet Groussstrooss de Fall ass.

Mir gesinn eng Bauentwécklung fir de sougenannte Block A an der Avenue de la Liberté, Dir hat et och gesot, fir e bësse méi héich, dat heescht véier Stäck, ee Retrait, ee Sous-sol. Am Block B Rue Kelvert gëtt d'Haus Nummer 4 ofgerappt. Déi Fassad ass net protegéiert. Ënner de Fassaden hate mer dat erausgeholl. Do entsteet dann en Dräi Plus zwee R plus een S, dat heescht dräi Stéck, zwee Retraiten an ee Sous-sol.

Um Rez-de-chaussée ass den Agang fir an d'Déifgarage an och zu de Commercen als Livraisoun.

Wat de Parkschlëssel ubelaangt, sou ass dee vum PAP approuvé zréckbehale ginn. Dat heescht eng Parkplaz pro Logement. Wat een, wéinst engem direkten Accès zu den ëffentleche Verkéiersmëttele wéi Bus an Zuch op dëser Plaz kann akzeptéieren.

Mir hunn eng 3D-Vue vum Projet am Dossier entdeckt, mat enger trapeférmeger Entwécklung vun de Balconen un der hënneschter Fassad vun deenen zwee Gebaier, wat soll zur Liewensqualitéit bäidroen. Jo, dat gesäit gutt aus.

Dem Promoteur kéint ee vläicht mat op de Wee ginn, fir de Rez-de-chaussée, dee sech jo praktesch iwwert dee ganzen Terrain erstreckt, nach um Daach ze begréngen. Dat ass eng Iddi, déi kann een nach diskutéiere mam Promoteur.

Des weideren invitéiere mer de Schäfferot, elo scho Gespréicher opzehuele mam Promoteur an eventuellen Interessente vu Commercen an dësem Gebai. Net dass, wéi dat esou oft de Fall ass, déi eenzeg Méiglechkeet herno ass, dass mer erëm eng nei Crèche do kréien. Wat jo och vläicht wichteg ass, mee et wär awer grad esou wichteg, hei Commercen ze entwéckelen an ze diversifizéieren.

Alles an allem géif ech soen: e gelongene Projet, deen d'LSAP selbstverständlech matstëmmt. Ech soen Iech Merci.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

#### GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Den techneschen Detail brauch ech net méi ze erklären. Den Här Muller huet dat exzellent virgedroen.

Mir ass déi Ännerung opgefall, dat wëll ech just resüméieren, dee monolithesche Block, deen et virdrun e bësse war, ass elo gelackert ginn. Dat ass urbanistesch méi flott. Ech begréissen déi Richtung insgesamt.

Et ass jo net nëmmen eleng hei zu Déifferdeng, dat gesäit een och an anere Gemengen, an anere Stied, dass de Baustil amgaang ass sech e wéineg ze wandelen, par rapport zu deenen, ech soen elo mol e bësse vereinfacht „Këschten", déi mer soss kennen. D'Architekte probéieren, wéi an dëser Modifikatioun, e bësse méi Variatioun an d'Fassadespill ze bréngen. Dat bréngt Virdeeler fir déi Leit, déi do wunnen, well se méi Liichtafall hunn, méi grouss volumineis Fënsteren hunn. Wat natierlech d'Liewensqualitéit an den Appartementer erhéicht.

Et bréngt awer och Virdeeler fir d'Leit, déi zu Déifferdeng wunnen. Et ass méi schéin, laanscht esou eng Fassad ze goen a sech déi unzekucken, wéi déi Fassaden, déi mer bis elo kennen. Wat éischter flaach, grouss Fassade sinn.

Insgesamt ass déi Modifikatioun hei duerchaus ze verstoen. Mir begréissen déi. Dat geet an déi richteg Richtung. Ass ganz reusséiert gemaach. Och déi 3D-Vuen, wat den Här Muller grad gesot huet, déi si villverspriechend. Wann et herno esou ausgesäit, ass dat wierklech e ganz flotte Projet. Mir kënnen dat hei nëmme matstëmmen.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Madamm Saeul, wannechgelift.

#### CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, zur Modifikatioun vum PAP Ale Monopol. Dee besteeënde PAP gëtt geännert via procédure allégée conforme zum PAG. Et ass wierklech un der Zäit, dës vereelzte Bausubstanz ze erneieren.

D'Gebailechkeete vum fréiere beschtbekannte Monopol, duerno Supermarché Match ginn ofgerappt, fir dass een neie Quartier „Ale Monopol" entsteet. Protegéiert an integréiert gëtt d'Fassad vum Haus an der Liberté. An der Haaptsaach gi Wunnenge gebaut, 15

*Ici, il y aura une place de parking par appartement, ce qui est acceptable grâce à l'accès direct aux transports publics.*
*Les balcons en escalier des deux bâtiments visent à contribuer à la qualité de vie et sont très esthétiques. Toutefois, on pourrait suggérer au promoteur de végétaliser le toit.*
*Il demande au collège échevinal de prendre contact avec le promoteur et les éventuels commerces intéressés afin d'éviter de se retrouver avec encore une nouvelle crèche, même si celles-ci sont évidemment très importantes.*
*Pour lui, c'est un projet réussi que le LSAP approuve.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *se réjouit que le bloc monolithique soit désormais un peu plus aéré. Il est également heureux de constater que dans de nombreuses communes du pays — comme à Differdange — le style architectural est en train d'évoluer et de s'éloigner des boites simplistes. Les architectes essaient d'apporter un peu plus de variété, garantissant plus de lumière grâce à de plus grandes fenêtres et donc une meilleure qualité de vie pour les habitants. De plus, ces logements sont plus attrayants pour les passants. La modification est donc compréhensible et bienvenue, et déi gréng s'expriment en sa faveur.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *résume que dans le nouveau quartier Ale Monopol, le supermarché Match sera démoli, la façade de la maison de la rue de la Liberté sera conservée et 15 nouveaux immeubles d'habitation seront construits.*
*L'accès se fait par la rue Kelvert. Elle explique que le DP est très content que les anciens bâtiments soient reconvertis en quelque chose de nouveau et que cela représente une revalorisation l'ensemble du quartier.*

*Là — dans l'ancien quartier italien — se trouvent encore d'impressionnantes maisons de maitre et de nombreux établissements de restauration, médecins et magasins. Elle est ravie que le nouveau quartier contribue à leur redonner de l'importance et vote en faveur de cette modification.*

**GUY TEMPELS (CSV),** *au nom de son parti, explique que ce projet a déjà une longue histoire et qu'il est heureux qu'il démarre bientôt.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *prend la parole. Comme monsieur Tempels, il estime que le projet est formidable pour un coin aussi tortueux. Il trouve l'architecture très intéressante et se réjouit que les appartements soient plus lumineux et plus spacieux grâce à l'augmentation de l'occupation du sol.*
*Il est moins d'accord avec l'intégration de la façade historique de la rue Liberté. Il est conscient que la loi l'impose, mais personnellement, il trouve cela moche.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point suivant, une simple formalité.*

nei Logementer, déi sech hannen zum Vëloswee opmaachen a gutt orientéiert sinn. Den Accès zum ënnerierdesche Parking geschitt iwwert d'Rue Kelvert.

Mir si frou, dass aus där aler Bausubstanz eppes Neies entsteet. Dat ass eng weider Opwäertung a Beliewung vun dësem Quartier. Dëse Quartier huet schonn eng Geschicht. Wann ee vun Nidderkuer eroffiert an d'Liberté eran, kënnt een an d'Rue Kelvert, wat fréier den Italiener-Quartier war. A weider bis bei d'Bréck stinn nach bemierkenswäert Härenhaiser. Et ass och Restauratioun do, Caféen, Dokteschpraxissen a Geschäfter.

Sou wäert dësen neie Wunnquartier och dozou bäidroen, dass déi Geschäfter méi beuecht ginn hei an Déifferdeng wéi dat de Moment de Fall ass. D'DP stëmmt dës Modifikatioun zum PAP, an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass flott, wann een zum Schluss ka schwätzen. Déi meescht Virriedner hu praktesch alles gesot.

Mir haten an der Fraktioun oder an der CSV diskutéiert. Déi ganz Geschicht huet schonn e relativ laange Baart. Mir si frou, dass et endlech lassgeet, an dass dee Schandfleck do fortkënnt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Den Här Tempels huet et gesot, ech schléisse mech einfach menge Virriedner un. Ech wollt soen, dass et en immens flotte Projet ass fir dee verknéchelten a verwénkelten Eck oder Bauterrain. Och dass de Projet endlech ofgeschloss gëtt, dee säit éiweg an der Loft hänkt. Et gesäit och flott aus. D'Occupation du sol ass an d'Luucht gesat ginn. Dat heescht, d'Wunnenge gi méi grouss, et kënne méi Leit do wunnen. Et gesäit wierklech architektonesch flott aus. Mat der Luucht, déi dann allen Appartementer zegutt kënnt.

Klenge Bemoll ass, wann ee sech d'Fassad an der Liberté-Strooss ukuckt, wou déi al Fassad vum fréiere Gebai matintegréiert gëtt. Bon, et ass Gesetz. Haut gëtt eeben esou mam Patrimoine bâti ëmgaangen. Mee ech fannen, dat gesäit zimmlech moche aus, wann ech dat esou soen däerf. Et gëtt iergendwou eng historesch Fassad gehalen, mee dat ass näischt Ganzes an näischt Hallwes.

Dat ass elo éischter eng perséinlech Geschicht. An eeben éischter d'Problematik/Thematik vum Patrimoine bâti a wéi mer domadder ëmginn. Mee et gesäit esou aus, wéi wann do iergendwéi een e Fleck gezeechent hätt op der Zeechnung. En plus d'Garagenafaart, déi ënnendrënner erduerchgeet. Dat ass elo schued. Mee dat heescht awer net, dass et keen immens flotte Projet wär. Ech droen dat heiten natierlech gäre mat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Ech mengen, dass et deem ganze Quartier immens gutt wäert doen, wann do esou e flotten Edifice kënnt.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier* Avenue de la Liberté – Ale Monopol *à Differdange présenté par le collège échevinal pour le compte de l'administration communale.*

Villmools merci. Den nächste Punkt erlaben ech mer e bëssen als Formalitéit ze intituléieren. Et geet ëm genau 10,51 a, déi de Staat der Gemeng

ofkeeft am Kader vun der EIDE an der Rue du Gaz. Dat ass déi Plaz, wou déi nodréiglech Containere stinn. A mir kréien dofir 157.650 Euro. Da komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente à l'État du Grand-duché de Luxembourg d'un terrain d'une superficie de 10,51 a abritant l'école internationale à Differdange (EIDE).*

---

Am Punkt 4b geet et ëm den Acte de vente vun der Sportsfabrick. Mir verkafen dem Staat den Terrain wéi och d'Konstruktioun. Am Ufank war dat jo aneschters geduecht. Fir den Terrain kréie mer 153.450 Euro. Dat ass plus ou moins 15 Euro den Ar. A fir d'Konstruktioun kréie mer 15.525.000 Euro. Da komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente avec l'État du Grand-duché de Luxembourg du terrain et de la construction hébergeant la SportFabrik à Oberkorn.*

---

Da si mer bei den Acte-notariéen. Déi sinn elo endlech erakomm. Dir hutt d'Oplëschtung hannendrun, déi mer elo endlech ënnerschriwwen hu fir eis Appartementer am Gravity, déi zur Vente stoungen. Ech hu se gezielt, et sinn der eppes an déi 20. Et si se awer nach net all, mee si sinn awer all an der Maach. D'Appartementer si jo alleguer verkaf, dat wësst Der. Mee et huet elo esou laang gedauert, bis mer se erëmkritt hunn.

Da komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements situés dans le Gravity Tower à Differdange.*

---

Ech soen Iech villmools Merci. Da komme mer bei de Contrat de bail fir déi 50 Studioen, déi jo net am Gravity sinn, mee am Tower. Déi mer kaf hu fir d'Studenten. Dat ass e Bail, deen tëschent der Société Students Residence and Studios SARL beschloss ginn ass mat der Gemeng. Et geet ëm zwee Stäck, dem zweeten an dem sechste Stack vum Immeuble. An et geet ëm 50 Studioen.

De Bail ass fir 25 Joer no der Remise des clés. Dat ass viraussiichtlech fir den 1. Dezember 2023 virgesinn. De Loyer fir déi 25 Joer beleeft sech op 2.430.000 Euro, déi dann och bezuelt wäerte ginn, wann d'Schlësselen erëmgi sinn. „Le Locataire s'engage à payer mensuellement à titre d'avance un montant de 5.000 euros." An déi gi jo da weider verlount un d'Studenten.

Et ass eng Tripartite, Dir gesitt d'Gemeng, de Locataire an – nee, et ass keng Tripartite, dat elei. Et sinn der just zwee: de Locataire an d'Gemeng. Well mir hunn aner Kontrakter mat der Miami University.

Här Weirich, wannechgelift.

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech di mech e bësse schwéier dermat. Et ass och net déi éischte Kéier, dass mer dat heiten um Ordre du jour hunn. Mir hate schonn eng Kéier en Draft vun deem Kontrakt virleien an enger Gemengerotssëtzung virun e puer Méint. Do sinn ech net ganz an den Detail gaangen. Dës Kéier maachen ech et, well elo wierklech den ënnerschriwwenen Akt virläit. Ech hunn e puer Froen an et si mer e puer Saachen opgefall.

Ech verstinn iergendwou, dass mer als Stad Déifferdeng déi Studentewunnengen net wëllen direkt bedreiwen. Dofir gëtt et genuch Grënn: Ressources humaines an esou weider an esou fort. An ech verstinn och, dass d'Miami University dat net mécht. Et ass net hir primär Kompetenz. Soudass een eeben zréckgräift op en drëtten Acteur.

Mee et ass wéi déi ganz Saach ficeléiert ass. Hei gëtt einfach en drëtten Acteur dertëschent geschalt, also tëschent eis

*Il s'agit d'un terrain de 10,51 a que l'État achète à la commune dans le cadre de l'EIDE, rue du Gaz, où se trouvent les conteneurs installés ultérieurement. Pour cela, la commune recevrait 157 650 €.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 4 b traite de l'acte de vente de la SportFabrik. Le terrain est vendu à l'État au prix de 15 €/a, soit 153 450 €. Pour la construction, la commune recevra 15 525 000 €.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux actes notariés.*
*Le premier concerne les vingt appartements du Gravity qui ont enfin été signés. Cela a pris pas mal de temps. Cependant, tous les appartements sont déjà vendus.*
*(Vote)*
*Ensuite, il s'agit des cinquante studios au deuxième et au sixième étage, qui ne font pas partie du Gravity, mais du Tower, et qui ont été achetés par la commune pour accueillir des étudiants. Un bail a été conclu avec la société Students Residence et Studios SARL. Il court sur 25 ans à compter de la remise des clés, qui devrait avoir lieu le 1er décembre 2023, et s'élève à 2 430 000 €, payables à la restitution des clés. Ils sont ensuite reloués à des étudiants.*

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *prend ensuite la parole. Il comprend que ni la commune ni la Miami University ne souhaitent gérer elles-mêmes les logements étudiants et qu'il faille faire appel à un acteur tiers. Il regrette que la Miami University, en tant que bénéficiaire, gagne beaucoup d'argent avec ce contrat.*

*Il craint qu'en cédant les logements à la Miami University pour une durée de 25 ans et en lui laissant la possibilité d'ajuster les loyers, la Miami University se fasse beaucoup d'argent. À ses yeux, il faudrait prévoir une limite.*
*Dans le contrat CO2, le contrat de bail et le contrat de tripartite, on peut lire à propos du loyer : « shall apply reasonable rents ». Eric Weirich estime que cette formulation est un peu vague. Il se demande pourquoi aucune limite concrète n'a été fixée, étant donné qu'il s'agit ici de logements étudiants qui doivent être aussi bon marché que possible.*
*Dans le même agrément tripartite, il est aussi écrit que les logements peuvent être loués à des personnes liées à la Miami University. Cela ne le dérange pas, mais il faudrait quand même établir une proportionnalité.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que l'objectif de ce contrat était que la Miami University reste à Differdange. Et deuxièmement, il ne fallait pas que ce projet pèse sur les finances de la commune.*
*Comme la commune a préfinancé le bâtiment, elle recevra 75 % de subventions de l'État. Et il faut savoir que lorsque l'on reçoit des subventions de l'État, on est tenu de respecter certains prix de location. Et cela a bien sûr été communiqué à l'université, qui est d'accord. On a donc réussi à ce que l'université reste ici et que le patrimoine revienne à la commune après 25 ans.*

als Proprietär an dem Beneficiaire, soen ech elo, der Miami University. Wou ech einfach elo mol an de Raum geheien, dass deen erëm gutt Sue mat deem heite Kontrakt verdénge wäert.

Hie bezilt déi Zomm vun 2,43 Milliounen Euro Loyer ofgedeckt op déi nächst 25 Joer. Do kann e warscheinlech de Loyer och upassen. An ech froe mech, awéiwäit séchergestallt ass, dass deen elo net – ech soe ganz salopp – Tonne vill Geld domadder verdéngt a mir hu keng Handhab méi drop, well mer dee Bail an déi Wunnenge wärend deenen nächste 25 Joer aus der Hand ginn.

Obwuel ech näischt dergéint hunn, dass en Drëtte Geld dorunner verdéngt. Mee fir mech feelt e bëssen e Gardefou, dass een do eng gewësse Limitt abaut.

An där selwechter Schinn steet och an deem CO2-Kontrakt, de Contrat de bail an och e Contrat tripartite, dee mir als Stad mat der Miami University an där Firma do ënnerschriwwen hunn, deen ass op Englesch verfaasst an do steet och dran, wat de Loyer betrëfft: „shall apply reasonable rents". „Shall apply" heescht fir mech „soll sou gutt wéi et geet abordabele Loyer bezuelen". Abordabel, dat ass en Term, deen net genau definéiert ass. A „shall apply", also soll sou gutt wéi méiglech.

Ech froe mech, wéisou keng Limitt dragesat gëtt. Et geet ëm Studentewunnengen. Studente sollen an de Genoss komme vu méiglechst bëllege Loyeren. Fir mech feelt do och e Garde-fou, dass ee seet, et däerf net méi wéi X sinn. Oder dass dat un iergendeen Indice gebonnen ass an esou weider an esou fort.

Am selwechten Agrement tripartite steet och dran, dass et och kann u Leit verlount ginn, déi mat der Miami University ze dinn hunn. Hunn ech och näischt dogéint. Mee do muss eng Proportionalitéit festgeluecht ginn. Ech hunn näischt dogéint, wann en Doktorant oder e Proff do lount, dat ass mir nach egal, à la limite. Mee primär sollte Student*inne vun der Miami University an de Genoss komme vun deene 50 Wunnengen.

Meng Iwwerleeungen heizou. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Den Här Ulveling mellt sech zu Wuert.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt direkt äntwerten. D'Zil vun deem ganze Kontrakt war, dass mer éischtens eppes maache fir d'Miami, dass mer sécher wären, dass se hei géife bleiwen. Domat si mer praktesch sécher, dass se heibleiwen. Zweetens sollt et eis Gemengekeess net ze vill belaaschten oder guer net belaaschten. Dofir hu mer dat gemaach.

Et geet drëms, dass mir déi Saach virfinanzéieren an doduerch, dass mir et bauen oder kafen, kréie mir déi 75 % vum Staat als Subsid. A si bezuelen den Delta an enger Kéier. Mee wat Der vergiess hutt an Ärer Iwwerleeung oder net berécksiichtegt hutt, ass, dass wa mir e Subsid kréie vum Staat, da si mir jo gehalen u gewësse Loyeren. Mir kënnen do net egal wat froen.

Do gëtt et eng eng Virschrëft, déi seet, de Loyer däerf net méi héich sinn oder tëschent esou vill an esou vill an net méi. An dat hu mir hinnen natierlech och gesot. Mir kënnen net elo vum Staat bëlleg subventionéiert ginn, an Dir frot do e Loyer vun 3.000 Euro. Dat geet net. Also dat wësse si schonn. A si sinn och domadder d'accord.

Ech mengen, dat ass wichteg, dass een dat weess.dDass si sech mussen un déi Konditioun halen, déi de Staat virschreift, wann ee Subside kritt. Also et ass net esou, dass si domat e Geschäft kënne maachen.

Mir hunn, wéi gesot, doduerch erreecht, dass d'Miami University heibleift a mir hunn och erreecht, dass no deene 25 Joer dee ganze Patrimoine un eis zréckfält. No deene 25 Joer sinn ech zwar net méi hei, also zumindest net op där Plaz hei, an dann hunn déi zukünfteg Leit awer trotzdeem d'Rentrée vu praktesch 50 Appartementer, déi si da kënne verlounen déi dann direkt an d'Gemengekeess kommen.

Ech géif mengen, dat wär awer en equitabelen a gudden Deal fir eis Gemeng,

well et eis ënner dem Stréch elo direkt näischt kascht.

Natierlech musse si fir all Fraisen an esou opkommen. An och hate mer gesot, dass mer missten driwwer schwätzen, fir vläicht eng Aart, wéi nennt een dat, Fong fir d'Reparatiounen an esou ze maachen. Dass si eventuell do och géife contribuéieren, wa Reparature misste gemaach ginn. A wéi gesot, ech mengen, et wär e gudden Deal.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Weirich, dass aner Leit kéinten drakommen, dat ass eng Demande vun hinnen. Wa Vakanze sinn, komme jo och Proffen, well se och eng Zesummenaarbecht mat der EIDE hunn. Dass se déi net an en Hotel verleeën, wärend hir Studioen net besat sinn. Et ass an deem Sënn, wou déi Klausel formuléiert ass.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

D'Kaderkonventioun gesäit 70 % Subside fir Studente vir. Do gëtt et elo keng Zuelen. Et ass net plafonéiert, esou vill Prozent musse Studente sinn, esou vill mussen Akademiker oder Rechercheuren oder wat och ëmmer sinn. Am Quinquennal an der Konventioun ass fir Studentewunnengen och temporär e Proff zum Beispill erlaabt. Dat ass konventionell méiglech.

Zur Tripartite. Ech hat en Austausch deen Dag, wou et ënnerschriwwe ginn ass, mam Jurist. Et ass eng Lëtzebuerger Anwaltskanzlei, déi déi Tripartite ausgestallt huet. Well ech hunn déi nämmlecht Fro gestallt. Ech fannen, wann s de eng Konventioun hues mat Geld aus engem Plan quinquennal vum Logementsministère, da muss de hannendrun d'Gewährleeschtung hunn, dass och ee Fairplaypräis an der leschter Ligne droite dran ass.

An de Jurist huet eis confirméiert, dass duerch de Saz vu räsonabeler Bepräisung, par rapport eeben zu deem, wéi mir och de Mietzins applizéieren, hu mir en Droit de regard. A mir wäerten deen och notzen als Verwaltung. Also mir wäerte fir déi Verträg, wéi se als éischt ënnerschriwwe ginn, vun eisem Droit de regard als Verwaltung Gebrauch maachen. A wa mir do d'Gefill kréien, dass dat net méi suivant les règles de fairplay geschitt, dann ass et eist Recht, iwwert deen Tripartite-Accord do ze reagéieren als Gemeng.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Krecké. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Erlaabt mer eng kuerz Äntwert. Merci fir déi zousätzlech Erklärungen. Dat äntwert op meng Bedenken, déi ech hat. Et ass vläicht dann ongléckch formuléiert. Si frou, dass iergendwéi Garde-foue séchergestallt sinn. Här Ulveling, et bleift definitiv e gudde Projet à long terme fir d'Gemeng. Si ganz mat Ären Aussoen averstanen. Ech géif dat deementspriechend matdroen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail pour les cinquante studios d'étudiants situés au Gravity Tower à Differdange.*

Villmools merci. Et ass haut u mir. Am Punkt 4 geet et ëm d'Konventioun mat der Gemeng a mam Staat fir Logopediesklassen. Et gëtt Logospedieklassen am Cycle 1, Spillschoul. Gëtt et zënter der Rentrée 2013-2014 hei zu Déifferdeng. An zënter der Rentrée 2021/2022 gëtt et och eng Logosklass am Cycle 2.

D'Konventioun ass geduecht, fir verschidden Detailer zum Funktionement festzehalen. Entre autres, dass een Enseignant, deen zu Déifferdeng affektéiert ass, dee kritt eng Décharge ministérielle, déi vum Logopediezenter ugefrot gëtt, fir esou eng Klass ze féieren. Logo-

*À partir de ce moment-là, les loyers seront directement versés à la commune. Pour l'instant, l'université est tenue d'assumer tous les frais, et elle devra éventuellement participer aux frais de réparation éventuels.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique que l'école est autorisée à mettre les appartements inoccupés à la disposition de son personnel, par exemple pendant les vacances.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *explique que la convention-cadre prévoit 70 % de subventions pour les étudiants, mais qu'il n'y a pas de chiffres précis à ce sujet. Cependant, il n'est pas précisé combien de pour cent doivent être des étudiants, des universitaires ou des chercheurs.*
*En ce qui concerne la tripartite (délivrée par un cabinet d'avocats luxembourgeois), il a posé la même question au juriste le jour de la signature. Le juriste a confirmé que la commune avait un droit de regard. Ainsi, si le prix ou l'occupation des logements ne se fait pas de manière équitable, la commune fera usage de ce droit.*

**ÉRIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *reprend ensuite la parole et remercie pour les explications supplémentaires. Cela répond à ses préoccupations. Il est d'avis à long terme qu'il s'agit d'un bon projet pour la commune et le soutient.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point suivant concernant la convention entre la commune et les classes de logopédie du cycle 1 de l'école maternelle qui existent depuis 2013-2014 à Differdange. Depuis 2021-2022, il en existe également une pour le cycle 2.*

*Cette convention donne quelques détails sur le fonctionnement, comme le fait que les enseignants affectés à Differdange reçoivent une décharge ministérielle du Logopediezenter pour diriger ces classes. Par conséquent, ces heures sont exclues du contingent de Differdange. Cela représente 9 heures avec un maximum de 8 élèves en C1 et 10 heures avec un maximum de 10 élèves en C2. Les élèves sont prioritairement de Differdange et le transport est organisé par le Centre de logopédie et payé par l'État.*
*La Ville de Differdange met à disposition les locaux de Differdange-centre. Elle prend également en charge les frais de fonctionnement, comme le matériel, etc. Aussi, il est garanti que les enfants sont intégrés sur un seul campus scolaire avec d'autres élèves afin de créer une bonne collaboration entre le personnel enseignant. La nouvelle classe C2 permet une prise en charge plus globale et un meilleur suivi des enfants.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *ajoute qu'il est nécessaire d'inclure les enfants avec des besoins spécifiques pour qu'ils puissent ensuite s'adapter aux classes normales et faire leur chemin dans le système scolaire national.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il n'y a que cinq classes de logopédie dans tout le pays et que celles-ci sont très importantes. Par ailleurs, il indique que le nombre d'enfants présentant des traits autistiques dans les écoles primaires est en augmentation. Dans ce sens, il s'est renseigné pour savoir quels étaient les centres CTSA au Luxembourg. Le centre le plus au sud se trouve à Leudelange, même si cette commune ne souhaite pas être considérée comme faisant partie du sud. Il se demande maintenant s'il ne serait pas avantageux de créer un tel centre au sein de l'école à Differdange.*

**TOM ULVELING (CSV)** *trouve que c'est une bonne idée et souhaite y revenir ultérieurement.*
*(Vote)*

pedie ass jo fir all déi Kanner, déi e Problem mam Langage hunn.

Duerch déi Decharge ginn déi Stonnen net vum Déifferdenger Contingent of. Dat sinn elo ganz technesch Saachen. E Professeur d'enseignement logopédique assuréiert am C1 néng Stonnen d'Woch an zéng Stonnen am C2. Cycle 2 ass dat éischt Schouljoer.

Déifferdeng stellt d'Lokalitéiten. D'Logosklass funktionéiert am Moment am Déifferdeng-Zentrum. D'Gemeng iwwerhëlt d'Frais de fonctionnement vun deenen zwou Klassen, Material etc. Et si maximal aacht Schüler an enger C1-Klass a maximal zéng Schüler an enger C2-Klass Logopedie.

D'Schüler si prioritär vun Déifferdeng. Den Transport gëtt vum Centre de logopédie organiséiert a vum Staat bezuelt.

Fir d'Kanner ass assuréiert, dass se op engem Schoulcampus mat anere Kanner integréiert sinn. Dat erméiglecht e gutt Zesummeschaffe vun den Enseignante vu béide Strukturen. Duerch déi C2-Klass, déi elo bäikomm ass, ass eng méi global Prise en charge an e bessere Suivi vun de Kanner méiglech, deen och néideg ass hei zu Déifferdeng.

Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Konventioun vum Enseignement logopédique hei zu Déifferdeng. Säit der Rentrée 2013/2014 gëtt et eng Klass am Cycle 1 a säit der Rentrée vun 2021/2022 ass eng Klass am Cycle-2 bäikomm. D'Zil ass, dass eng Inklusioun vun deene Kanner mat spezifesche Besoine stattfënnt, fir dass si sech spéider an enger normaler Klass kënnen zurechtfannen an hire Wee an eisem Schoulsystem maache kënnen. Ech soe Merci. Mir stëmmen de Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här De Sousa, wannechgelift.

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech hunn e bësse gekuckt, wou mer hei zu Lëtzebuerg mat Logopediesklassen dru sinn. Landeswäit gëtt et nëmme fënnef Stéck. Et gëtt eng zu Déifferdeng, zu Rodange an dann uewen am Norden.

Logopedie ass ganz wichteg. Mee et kënnt nach een neie Problem op eis Enseignanten duer an de Primärschoulen: den Autismus. Et si ganz vill Kanner an eise Primärschoulen, déi begleet ginn, well se autistesch Zich hunn.

An ech hu mer och d'Méi gemaach ze kucken, wéi et mat de CTSAen ausgesäit. Dee südlechsten Zentrum ass zu Leideleng. Leideleng wëll net zum Südbezierk gehéieren. Awer et ass dee südlechsten Zentrum, dee mer hei am Land hunn. Déifferdeng, kréien ech doheem mat, well meng Fra am Zentrum schafft, huet ganz vill Kanner, déi dorënner leiden. Déi kréie ganz schwéier eng Plaz. Vläicht wär et en Ureiz, een Zentrum hei an Déifferdeng ze kréien.

Esou Klasse befanne sech meeschtens an de Schoulen. CTSA, brauch ee just ze googlen, da kritt een déi zéng Zentre gewisen. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci. Eng gutt Suggestioun. Mir huelen déi mat. Da kucke mer, wat mer kënne maachen. Wëll nach een dozou Stellung huelen? Keen. Da kënne mer zum Vott iwwergoen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec l'État du Grand-duché de Luxembourg portant sur la scolarisation spécialisée d'élèves des cycles 1 et 2 de l'enseignement fondamental au sein d'une classe par cycle du Centre de logopédie.*

Fuere mer virun. Wou si mer drun? Gemeinwohl-Zertifizierung.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gemeinwohl-Zertifizierung der Stadt Differdingen. Wat ass dat? Gemeinwohl-Ökonomie heescht: „Wirtschaften für ein gutes Leben". Op Franséisch: Économie sociale et solidaire. Ech erklären Iech, wat et mat där Konventioun op sech huet. An ier ee vläicht elo op d'Konventioun selwer ageet, ass et ganz sécherlech vläicht vun Notzen, denken ech, wat déi Gemeinwohl-Ökonomie do ass.

Am Kader vu Gemeinwohl-Ökonomie geet et drëms, dass een all wirtschaftlech Transaktioun, déi eng Gemeng mécht, duerch e Raster lafe léisst. Dee Raster préift d'Transaktioune bezüglech Mënschewierd, Solidaritéit, Nohaltegkeet, Gerechtegkeet an Demokratie.

Responsabelt Handele soll duerch déi sougenannt Ökonomie gefuerdert ginn. An deem Raster gëtt et ongeféier 25 Theemen, déi jeeweils mat gewëssene Punktenzuele beluecht sinn. Unhand vun der gesamter Punktenzuel gëtt e Bilan gezunn, wou een als Gemeng an der Zertifizéierung steet.

Et ass jo ganz oft esou, dass ekonomesch Transaktioune vum Präis geleet ginn. Dat heescht, mir huelen dee Bëllegsten. Bei der Gemeinwohl-Ökonomie ass net nëmmen de Präis ausschlaggeebend, mee et kommen eng ganz Rei aner Krittären derbäi. Do ginn d'Entreprisë bevirdeelegt, déi nohalteg sinn, déi e soziaalt Verhalen hunn, déi sozial ausgeriicht sinn, déi éischter lokal si wéi global. An et beinhalt och zum Beispill Mënscherechter, wéi Saachen hiergestallt ginn.

Elo wësse mir, dass mir hei zu Déifferdeng schonn zënter Joren an déi dote Richtung schaffen. Mir wäerten och nach weider dru schaffen. Mee et läit eis awer immens um Häerz – an dofir hu mer d'Konventioun och ënnerschriwwen –, fir dat villt Schaffe visibel ze maachen, fir et ze weisen: Hei, do si mer. Do sti mer. An do wëlle mer hin. Dat ass ganz genau de But vun dëser Konventioun.

Awer wat nach derbäikënnt – dat ass fir eis ganz wichteg: Mir hei sinn eis verschidde Saache bewosst, mee mir mussen eis Awunner mat op de Wee kréie vun där Nohaltegkeet. An do ass nach ganz vill Aarbecht ze leeschten, dass mer dat fäerdegbréngen. Dat ass och an dëser Konventioun matabegraff.

Natierlech souwäit d'Leit wëllen a souwäit et méiglech ass. Et geet deemno net nëmmen drëm, reng ekonomesch Decisiounen ze huelen, mee nohalteg ekonomesch Decisiounen ze huelen.

Déi Konventioun, déi vum Schäfferot ënnerschriwwe gouf, an ech hoffen dann och vum Gemengerot approuvéiert gëtt, hu mer mat zwee zertifizéierte Beroder vun der Gemeinwohl-Ökonomie gemaach, dem Lara Frisch an dem Gregor Waltersdorfer. Si hunn hei am Land scho mat der Gemeng Mäerzeg geschafft. Wann ee Mäerzeg mat Déifferdeng vergläicht, denken ech, dass mir als Déifferdeng, als grouss Stad vläicht Virreider si fir esou ee Schaffen.

D'Konventioun ass op dräi Joer ausgeriicht. D'Ennprodukt soll dann am Januar 2024 virgestallt ginn.

Am Gesamte beleeft sech d'Konventioun op 156.000 Euro. Wat opgedeelt ass op dräi Budgetsjoren, ronn 52.000 Euro d'Joer. Déi éischt Tranche ass schonn am Budget 2022 virgesinn.

Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dat hei ass begréissenswäert. Fir mech perséinlech ass et näischt Neits. Ech si schonn e bësse méi laang bewandert mam Konzept vun der Gemeinwohl-Ökonomie. Ech ka jiddwerengem uroden, eng Konferenz vum Christian Felber ze kucken, en Éisträicher, deen d'Gemeinwohl-Ökonomie matgegrënnt huet.

Wéi Der gesot hutt, Madamm Buergermeeschter, et geet definitiv an déi richteg Richtung. Et ass ganz oft, dass mer op d'Leit klappen an d'Leit culpabiliséieren am Kader vum Klimawandel, dass jiddwereen eppes muss maachen.

Mee iergendwou vergëesst een, wéi seet een, the elephant in the room, den Elefant am Raum: déi grouss Betriber, dat

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à la certification de bien commun de la commune qui implique une économie sociale et solidaire. Cette convention consiste à faire passer toutes les transactions économiques de la commune par une grille qui les évalue en termes de dignité humaine, de solidarité, de durabilité, d'équité et de démocratie, afin de favoriser les actions solidaires.*
*La grille se compose de 25 thèmes ou critères liés à des scores spécifiques. Le score total détermine ensuite la certification de la commune. De manière générale, cela signifie que la commune n'accepte plus forcément toujours l'offre la moins chère, mais celle qui est la plus bénéfique pour le bien commun.*
*Depuis plusieurs années déjà, la commune est particulièrement engagée dans ce domaine et c'est dans cet esprit qu'elle a signé la convention.*
*En outre, la commune a encore beaucoup de travail à faire pour que les habitants s'engagent eux aussi dans cette voie de la durabilité. Cette convention, rédigée en collaboration avec deux consultants certifiés, vise donc à prendre des décisions économiques durables et à être un précurseur dans ce domaine. Elle est conçue pour une durée de 3 ans et le produit final sera présenté en janvier 2024.*
*Le montant de la subvention s'élève à 156 000 €, répartis sur 3 années budgétaires, dont la première tranche est déjà prévue dans le budget 2022.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *remercie la bourgmestre et salue cette convention. Il s'intéresse lui-même depuis un certain temps déjà au concept de l'économie de bien commun et conseille à tout le monde de suivre une conférence de l'un des cofondateurs de cette idée, Christian Felber.*
*Il explique que souvent, lorsqu'il s'agit du changement climatique, on accuse les citoyens. Mais il ne faut pas oublier les grandes entreprises et les institutions comme les communes qui ont une grande responsabilité vis-à-vis des citoyens et c'est pourquoi il est logique pour*

*un grand employeur comme la commune de Differdange de lancer un tel projet.*
*À la fin du projet, il faut absolument utiliser le rapport comme base pour adapter la politique citoyenne et climatique de la commune, également en relation avec le Pacte Climat 2.0 récemment voté. Lui aussi soutient le projet.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *ne connaissait pas encore très bien le sujet, mais pour lui, tout cela doit être considéré comme normal et logique, tout comme le Pacte climat et le Pacte nature. Pourtant, on a du mal à l'appliquer correctement au quotidien, car on n'a ni les ressources ni le temps pour le faire. C'est pourquoi il trouve cet exercice très intéressant.*
*Il a remarqué que, contrairement à ce qu'a expliqué monsieur Weirich, les conseillers feront des propositions d'amélioration pendant les trois années de l'étude et non pas seulement à la fin. Il apprécie ce fait, car il sait bien que les démarches administratives pour la mise en œuvre de certaines mesures sont souvent très longues, soit parce que le budget ne le permet pas, soit parce qu'il existe d'autres contraintes.*
*Il est également très enthousiaste quant à l'aspect participatif. Il se réjouit que, dès le début, toutes les parties prenantes soient impliquées dans le processus et puissent exprimer leurs idées et leurs préoccupations.*

ass Ökonomie, an dat sinn awer och Gemengen, ëffentlech Institutiounen. Déi hunn natierlech och eng Verantwortung vis-à-vis vun hire Biergerinnen an och als Employeur. Mir sinn e relativ groussen Employeur als Stad Déifferdeng. An dee ganze Volet ass ofgedeckt. Ech mengen, dat mécht absolutt Sënn, esou ee Projet wéi dat heiten ze starten.

Ech hat och gelies, wat d'Gemeng Mäerzeg gemaach huet. Dat ass elo zwee, dräi Joer hier, och relativ spannend, dee Rapport, deen erauskomm war, wou déi selwecht Ekipp dru geschafft huet. Just, wat do e bësse gefeelt huet, dat ass awer mëttlerweil nogereecht ginn, e Suivi, wat een als Basis kéint huelen, fir vläicht Gebailechkeeten anescht ze bauen, Biergerforen, wat weess ech.

Dat wär immens wichteg, dass een dee Rapport, deen dann hei erauskënnt, dann och wierklech hëlt als Basis fir eis zukünfteg Biergerpolitik, Klimapolitik an esou weider an esou fort. Och de Lien mécht mat engem Pacte Climat 2.0, wat mer jo och viru Kuerzem hei gestëmmt hunn.

Mee am grousse Ganze geet dat hei definitiv an déi richteg Richtung. Dat droen ech ganz gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech hunn de Sujet net esou gutt kannt. Ech hu mech e bëssen eragelies. A wann een dat liest, da kënnt et engem vir wéi bei aneren Etüden, déi ee maache léisst, datt ee seet: Wat do steet, ass eigentlech normal. Dat ass dat, wat ech souwisou géif maachen.

D'selwecht wéi beim Pacte Climat, d'selwecht beim Pacte Nature. Wann een dat liest, da seet een: Dat do ass eigentlech logesch, dass een dat mécht. An awer kritt een et am Alldag guer net hin.

Et huet ee weeder d'Ressourcen nach d'Zäit nach hëlt ee sech wierklech geziilt déi Moossnamen ënner d'Lupp fir ze soen, elo wëll ech dat dote mol vill méi genau wëssen an och wëssen: Wou sti mer a wou leien d'Potenzialer, wat ass eigentlech nach méiglech? Eleng dowéinst fannen ech dësen Exercice extreem interessant, fir dat doten ze maachen.

Ech hunn d'Etüd gelies. Ech hu se op jidde Fall gutt fonnt. Ech hu se e bëssen aneschters vläicht da gelies wéi den Här Weirich. An der Etüd selwer steet dran, dass se eebe scho wärend deenen dräi Joer wou se schaffen, Verbesserungsvirschléi proposéieren. Se hunn net dräi Joer gewaart, bis de Rapport do ass, bis ee mierkt, do si mer an hei sinn elo d'Potenzialer, wou mer eis kënne verbesseren. Mee dass eigentlech schonn en cours de route Propose kommen. Wat ech absolutt begréissen.

Well hei muss een net elo dräi Joer ofwaarden. Et kritt een en cours de route schonn d'Méiglechkeet, fir Saachen ze maachen. Wëssend, dass mer jo oft laang administrativ Weeër hunn, bis dann och eng Mesure ëmgesat ass. Sief et well de Budget dee Moment net do ass. Oder sief et well aner Contrainten nach matspillen. Soudass et souwisou nach oft eng Zäit dauert, bis eppes ëmgesat ass.

Wat mer och ganz gutt gefält ass dee participative Volet, dass et hei wierklech net drëm geet, eng Etüd ze maachen, wou déi Leit am Büro sëtzen, dat maachen an eis an dräi Joer e Rapport hei presentéieren an da solle mir doraus eppes ofleeën an handelen. Mee hei geet et am Virfeld scho lass mat enger ganzer Partie Interviewen, wou gekuckt gëtt mat de Leit zesummen: Wou dréckt de Schong? Wat ass gutt? Wat geet net gutt? Wéi fille se sech an eiser Gemeng? Wou fille se sech net esou gutt an eiser Gemeng? A wat kéint een doraus erausleeden?

Insgesamt fannen ech dat heiten e ganz spannende Prozess iwwert déi dräi Joer. An ech hoffen, dass mer och Tëscherapporte kréien, dass mer net als Conseilleren dräi Joer musse waarden. Mee dass een effektiv vläicht schonn nom éischte Joer en Tëscherapport kéint kréien, wou se mat hirer Aarbecht dru sinn a wat se schonn esou entdeckt hunn an eis do e bëssen e Feedback ginn. Ech fannen dat heite wierklech en absolutt

spannende Projet. Duerfir kënne mer deen als Gréng och nëmme matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Betreffend Gemeinwohl-Zertifizierung oder Gemeinwohl-Ökonomie hu mir als LSAP eng komplett aner Meenung. Dëse Schäfferot glänzt mat reegelméissege Konventiounen, mat externe Consultanten, fir dann am Endeffekt eng sëlwer oder vläicht och gëlle Medail ze kréien. Oder wéi et an dësem Fall heescht: „Die Stadt Differdingen kann die größte zertifizierte Stadt in der Bewegung werden". Fin de citation.

D'Fro kann ee sech stellen: Wéi vill Lëtzebuerger Gemenge maachen iwwerhaapt mat? Mir hunn elo vun enger héieren. Méi nach net. Dee ganze Screening erstreckt sech vu Mäerz 2022 bis Januar 2024. Dat si menger Meenung, also wéi ech dat interpretéieren, zwee Joer. Net dräi Joer, wéi den Här Liesch gemengt huet. An dat kascht Déifferdeng 156.288 Euro. Plus d'Follgekäschten. Dat si geschate 25.000 Euro fir sougenannte Reviewer. Wéi vill Reviewe sinn néideg? Steet net dran. An dann nach zousätzlech eng Memberschaft beim Veräin GWE Lëtzebuerg fir 2.000 Euro pro Joer.

An den Ae vun der LSAP soll d'Gemeinwohl vun eise Biergerinnen a Bierger eng Haaptmissioun si vun alle politesch Gewielten. An um Niveau vun der Gemeng duerch de Schäfferot ëmgesat ginn. Dir hutt et och scho gesot, Madamm Buergermeeschter. Mir hu selbstverständlech schonn Iddien ëmgesat an déi Richtung. A mir waarde jo elo net op e Consultant, fir eis op déi Pist ze bréngen.

Heizou gehéiert Asaz, Iddien, Kompetenz an e gutt Personal, dat mir souwisou schonn um Niveau vun eiser Gemeng hunn. Mir brauchen ergo keen externe Beroder.

D'LSAP ass dofir der Meenung, dass an Zäiten, wou et ville Leit an der Gemeng net esou gutt geet, op dës Initiativ soll verzicht ginn an d'Zomm vun 156.000 a méi eise Biergerinnen a Bierger a Form vun direkten Hëllefen zoukommen ze loossen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Madamm Buergermeeschtesch, léif alleguer, och bei eis an der Fraktioun hu mer eis gefrot, wat dat ass. Kruten elo dann déi flott Erklärungen. Effektiv, bei esou enger Konventioun stellt sech ëmmer d'Fro: Mécht se Sënn? Kritt een do wierklech nei Erkenntnisser oder bezilt een deier fir duerno just dat gewuer ze ginn, wat ee souwisou scho weess?

Et muss een awer soen hei zu Déifferdeng hu mer als Gemeng vill en place gesat, ënner dëser Koalitioun, an och ganz vill ënner deene vu virdrun, fir eeben d'Wäerter, déi hei am Gemeinwohl gekuckt ginn, ze fërderen. An dat duerchgeeënd duerch déi verschidde Servicer. Sief et am Sozialen, bei der Jugend, de Senioren, am Sport, der Kultur, der Digitalisatioun, der Ekonomie an esou weider.

All déi verschidden Offeren/Servicer, déi mer hunn oder déi zukünfteg en place gesat ginn, dat brauch vill u Personal, Ressourcen a Finanzen. Ech denken, wann een dat alles kuckt, wat mer als Gemeng do maachen, ass dat hei dann awer just e Brochdeel. An do mécht et Sënn, fir emol eng Zort Diagnostik vun allem ze hunn, fir ze wëssen: Wat feelt? Wat kann ee wou optimiséieren? Méi vernetzen? Wou musse mer nach nobesseren? Wéi eng Offeren kann een nach schafen? A sou weider. Fir a punkto Liewensqualitéit eis Servicer fir d'Awunner bescht méiglech auszeriichten.

Natierlech mussen um Enn konkreet Pisten, Proposen, Projeten op den Dësch kommen an natierlech och

*Il espère que le conseil municipal recevra un rapport intermédiaire dès la fin de la première année afin de voir comment les choses évoluent. En tout cas, déi gréng ne peuvent que soutenir le projet.*

**ERNY MÜLLER (LSAP)** *explique que le LSAP ne partage pas le même avis sur la certification de bien commun. Il est d'avis que le collège échevinal présente des conventions régulières avec des conseillers externes comme celle-ci pour se mettre en valeur. Il a également remarqué que la convention en question ne s'étend que sur deux ans au lieu des trois ans mentionnés et qu'il n'y a qu'une seule autre commune luxembourgeoise qui y participe. En outre, il déplore le prix tout de même très élevé de 156 288 € plus les frais de suivi et une adhésion à l'association GWE Lëtzebuerg pour 2000 € par an.*
*Pour le LSAP, le collège échevinal devrait prendre lui-même des initiatives pour mettre la commune et ses habitants sur la bonne voie, comme il l'a déjà fait, au lieu de faire appel à des consultants externes.*
*Après tout, la commune a déjà le personnel, les idées et les compétences pour le faire. Le LSAP estime donc qu'à une époque difficile comme celle-ci, on pourrait investir cet argent dans des aides directes aux citoyens.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que le CSV s'est également demandé si une telle convention avait un sens et pouvait réellement apporter de nouvelles connaissances. À son avis, la Ville de Differdange avec la coalition actuelle et les coalitions précédentes a entrepris beaucoup de choses pour le bien commun, que ce soit dans le domaine social, pour les jeunes et les personnes âgées, dans le sport, la culture, etc.*
*Il serait peut-être intéressant de faire une sorte de diagnostic de tous ces projets déjà réalisés et à venir, qui nécessitent beaucoup de personnel et de ressources, afin de déterminer quels aspects peuvent être optimisés ou doivent être adaptés pour garantir aux habitants la meilleure qualité de vie possible. En espérant qu'il en ressortira au final des propositions et*

*des projets concrets, le CSV vote pour la convention.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *explique qu'au départ, le DP pensait que cette convention n'était qu'une tape sur l'épaule, mais maintenant ils sont ravis que cette étude envisage de faire un état des lieux, des workshops et des interviews. Même si tout cela parait intéressant, le DP est un peu sceptique quant à l'utilité de cette démarche.*
*Le DP considère que l'économie de bien commun est un sujet très important, mais il estime que le prix de cette étude n'est pas justifiable et vote contre cette proposition.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *est depuis toujours d'avis que l'économie doit travailler au nom du bien commun et que les gens doivent en tirer profit. Selon lui, cela constitue la première mission de tout parti politique.*
*Toutefois, il constate que dans la plus grande entreprise de Differdange, ArcelorMittal, de nombreuses personnes sont encore exploitées. Elle ne respecterait ni les droits de l'homme ni les autres droits dans le monde entier. C'est à la commune de Differdange de s'en occuper.*
*À ses yeux, il semble que cette étude ne serve qu'à se vanter, alors que la situation à Differdange ne cesse d'empirer et que la pauvreté s'accroit. Il préfèrerait réfléchir à la manière dont on pourrait créer des emplois et plus de justice sociale à Differdange et vote contre la convention.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique qu'elle est consciente que l'on se trouve au milieu d'un grand changement, tant au niveau de la cohabitation, des ressources que de la vie en elle-même. La commune a signé cette convention pour savoir si elle pouvait aller encore un peu plus loin. Elle invite le conseil communal à voter.*
*(Vote)*

ëmgesat ginn. Duerfir stëmme mir als CSV dëst mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Wéi mer gelies hunn, Gemeinwohl-Zertifizéierung, do hu mer geduecht: Wat ass dat do dann? Geet et hei just drëms, fir sech selwer op d'Schëller ze klappen? Mee, wéi bei aneren Etüden, ass et effektiv virgesinn, eng Bestandsopnam ze maachen, wéi och eng Partie Workshoppen, Interviewen, punktuell Eventer ze organiséieren an den Dialog ze färderen.

Dat kléngt alles gutt. Ass och positiv. Mee wat et bréngt, steet op engem anere Blat. An do si mer e bësse skeptesch.

Gemeinwohl-Ökonomie läit eis och um Häerz a sollt och weider a Betruecht gezu ginn. Awer den initiale Käschtepunkt vun dësem Exercice vun iwwer 156.000 Euro, ouni d'Follgekäschten, ass fir eis net vertriedbar. Et steet net an adequater Relatioun mat deem, wat eventuell kéint ugeduecht ginn oder wat eventuell kéint d'Resultat vun der ganzer Saach sinn. Dofir kënne mir déi Konventioun hei net matdroen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech war ëmmer der Meenung, dass d'Ekonomie am Interesse vum Gemeinwohl misst schaffen. Dass ee sech misst derfir asetzen, dass d'Betriber, dass déi verschidde Wirtschaftsberäicher sech am Interesse vun de Leit géifen entwéckelen. An och, dass d'Leit dovun Notzen hätten. Dat wär am Fong déi éischt Aufgab vun enger politescher Partei.

Dat hei ass jo eppes anescht. Mir stelle fest, dass d'Ekonomie, och déi, déi mer hei zu Déifferdeng hunn, wann ech dee gréisste Betrib huelen, ArcelorMittal, wou vill Leit zu Déifferdeng schaffen, dass do d'Ausbeutung ganz héich ass. Dass dee Konzern an der Welt, do wou e säi Stol verkeeft, weeder Mënscherechter nach soss eppes respektéiert. Et wär vläicht gutt, wa mer eis als Gemeng Déifferdeng ëm déi Saache géife këmmeren.

Dat hei ass esou eng, ech weess net, dat schéngt iergendwéi eng Spillwiss ze sinn, wou eng Etüd gemaach gëtt a wann dat eriwwer ass, da klappt ee sech op d'Schëller an et seet een: Wat si mir awer esou gutt. Mir hunn elo eppes fir d'Gemeinwohl gemaach.

A Wierklechkeet gëtt d'Situatioun ëmmer méi schlëmm zu Déifferdeng. D'Aarmut wiisst. Ech hätt wierklech léiwer, mir géifen eis Gedanken doriwwer maachen, wéi mer dat zu Déifferdeng an de Gréff kréien. Wéi mer hei Aarbechtsplaze schafen, wéi mer dozou bäidroen, méi sozial Gerechtegkeet ze schafen. Awer net dat do. Also ech muss do dergéint stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Et geet net drëm, dat eent géint dat anert auszespillen. Mir si matzen an enger grousser Wandlung, wat d'Zesummeliewen, wat d'Liewen iwwerhaapt ugeet, wat eis Ressourcen ugeet. Dat eent ass esou néideg wéi dat anert.

An dofir si mer op de Wee gaangen, well mer vläicht selwer eis net ëmmer, wéi gesot, wa mer als Gemeng dee Bëllegste mussen huelen, egal wéi produzéiert gëtt a wou produzéiert gëtt, do hu mer kee Choix. A vläicht ass dat hei elo eng Initiativ fir ze kucken, ob mir als Gemeng Déifferdeng, déi iwwerhaapt an all den Ëmweltberäicher scho wäit gaangen ass a flott opgestallt ass, do nach kënnen e Schratt weidergoen. A wie weess, vläicht dann eng vun deene wichtege Gemenge ginn, déi dat elei ëmsetze kënnen. Merci. Komme mer elo zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui et 6 voix non d'approuver la convention* Gemeinwohl-Zertifizierung der Stadt Differdingen.

Da si mer bei enger neier Konventioun, déi géif geschloss ginn tëschent der Gemeng an dem Observation nationale vun de PMEen, also vun de Petites et Moyennes Entreprises, Groupement d'intérêt économique (GIE), mam Zil, eng Base de données an duerno awer och eng Kartographie opzestellen, wou een all kommerziell Offer um Lëtzebuerger Territoire fënnt.

Den informatesche Programm vun der Kartographie ass den ArcGIS, mat deem d'Gemeng dann och Zougrëff hätt op déi kartographesch Donnéeën. Et kann een och selwer Donnéeë bäifügen. Déi statistesch Donnéeë sinn accessibel fir d'Gemeng.

Mir wëssen net, wéi eng Commercë sech hei op eisem Territoire befannen. Mir hunn dat gemierkt wärend der Pandemie, wéi mer Bréiwer geschriwwen hunn. Do si mer se zum Deel ziele gaangen, kucke gaangen, well mer keng Donnéeën hunn.

Dat heescht, wa mer der Geschäftswelt wëllen hëllefen, ass dat elei fir mech e Stéck, wat dozou bäidréit Geschäfter ze fannen, wou se da jo och kënnen ugeklickt ginn. Dir gitt Boucherie an, da weise se Iech Boucherie. Dir gitt Textile an, da weise se Iech d'Textile. Awer virun allem, dass mir als Gemeng wëssen, wou d'Geschäfter sinn a wat hei ze fannen ass.

D'Geschäfter brauche sech leider Gottes bei der Gemeng weeder unnach ofzemellen. No deenen zwee Joer Pandemie ass dësen Outil immens wichteg. E beziffert sech op 1.500 Euro pro Joer.

Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech war e bëssen iwwerrascht wéi ech dat hei gelies hunn an och elo iwwer Är Ausso, dass mer als Gemeng net wëssen, wat mer vu kommerzielle Betriber oder Aktivitéiten op eisem Territoire hunn. An dass dat genau sou wéineg gewosst ass op nationalem Niveau. Mir hunn awer zwee Ministèren, déi sech dorëm këmmeren. Économie a Classes moyennes. Ënner anerem war et de Minister Delles, deen dat heite virgestallt huet an enger Pressekonferenz virun e puer Méint.

Dat fannen ech immens iwwerraschend. Fir deem entgéintzewierken, mécht esou een Outil vläicht Sënn. Mee ech verstinn awer net, wéisou dat payant ass. Soudatt mer eis vläicht, wéi bei de Punkte virdrun ugeklongen ass, eppes verkafe gelooss hunn, wat net onbedéngt misst sinn. Firwat musse mer elo bezuelen? À la base ass et eng staatlech Initiativ. Ech fannen et immens konfus. Och wann ech d'Plus-value vun deem Outil hei awer verstinn.

Dir sot elo 1.500 Euro. Mee ech hunn dat awer net gelies am Kontrakt. Do steet, et muss ee bezuelen, Montant x, deen an eiser Sëtzung vum leschte Joer Oktober festgeluecht ass. Vläicht hunn ech eppes iwwersinn. Mee dat ass esou, wéi ech et an der Konventioun gelies hunn. Wat mech awer och iwwerrascht huet, dass do kee Montant drasteet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dat do sinn d'Informatiounen, déi mer kritt hunn. Well et jo u sech elo net de Ressort ass. Ech kann et awer gären nach eng Kéier nofroen an Iech d'Äntwert noreechen.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Et wär natierlech ideal, wann dat am Kontrakt géif stoen. Normalerweis, steet an engem Kontrakt, wou een e Service keeft, dran, wat et kascht. An och, dass et evoluéiere kann. Absolutt. Averstanen. Mee aktuell steet kee Montant am Kontrakt.

*La prochaine convention serait signée entre la commune et l'Observatoire national des PME, c'est-à-dire les Petites et moyennes entreprises, Groupement d'intérêt économique (GIE), afin d'établir une base de données et une cartographie (via le logiciel ArcGIS) représentant toutes les offres commerciales au Luxembourg. Les données statistiques seraient consultables et modifiables par la commune.*
*Pendant la pandémie, on s'est rendu compte que l'on ne savait pas exactement quels commerces se trouvaient sur le territoire de la commune, car on ne disposait pas de données concrètes. Cette convention n'aidera pas seulement la municipalité, mais aussi les commerçants, car cette plateforme permet de retrouver très facilement — par catégorie — les différents commerces.*
*Comme les commerces ne doivent ni s'inscrire ni se désinscrire auprès de la commune, cet outil s'avère donc très important et se chiffre à 1500 €.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *a été étonné d'apprendre que l'on ne sait pas quels commerces se trouvent sur le territoire, ni au niveau communal ni au niveau national, alors que deux ministères sont impliqués. Par conséquent, il considère que l'outil est très utile, mais se demande pourquoi il n'est pas gratuit, d'autant plus qu'il s'agit d'un outil gouvernemental.*
*De plus, il aimerait savoir d'où vient ce montant de 1500 €, car il ne figure pas dans la convention.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique que ce sont toutes les infos que la commune a reçues. Elle propose de se renseigner à nouveau et de fournir une réponse ultérieurement.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *se demande pourquoi il existe le bureau des statistiques et celui des impôts. Ceux-ci devraient disposer de ces informations. Dans ce sens, il ne voit pas pourquoi il faudrait dépenser de l'argent pour un tel outil, si le gouvernement devait fournir ces informations à la commune.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique que la numérisation joue un rôle important dans ce contexte. Elle indique en outre que les vingt heures de conseil prévues dans le contrat sont destinées à former l'équipe à l'utilisation du logiciel ArcGIS, qui s'avère un peu compliqué.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *est d'accord que cet outil est important pour donner une vue d'ensemble à la communauté. Il se réjouit par ailleurs que le système respecte la protection des données. Le LSAP soutient cette idée.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *apprécierait également que le contrat mentionne un prix concret. Déi gréng sont en tout cas d'avis qu'une telle base de données informatisée et constamment actualisée sous forme de carte serait un avantage. Surtout — comme l'a déjà mentionné la bourgmestre — dans des périodes comme la pandémie, où l'on s'est tout à coup rendu compte que l'on n'avait pas de vue d'ensemble concrète.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wäert dat nofroen an da kritt Der d'Äntwert nodréiglech. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech froe mech an deem Zesummenhang, firwat mer e statistescht Amt hunn. Ech froe mech, firwat mer e Steieramt hunn. Déi misste jo iwwer all Donnéeë verfügen. Dat eent wéi dat anert. An ech gesi wierklech net an, dass d'Gemeng soll Suen elo ausginn, fir ze wëssen, wat fir Commercen et hei zu Déifferdeng gëtt.

D'Regierung ass dofir zoustänneg, eis dat da matzedeelen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

D'Digitaliséierung spillt hei e ganz grousse Rôle. Also dass et op de Kaarte lokaliséiert ass. Als Informatioun: Déi 20 heures de conseil, dat ass fir den ArcGIS, dee relativ komplizéiert ze geréieren ass. Wou Leit mussen ugeléiert ginn, wéi deen Tool ze handhaben ass.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Et ass mir och opgefall, dass kee Montant drasteet. Och net e Montant, wat mer op d'Stonn bezuelen. Well do steet jo e Conseiller vun 20 Stonnen.

Als LSAP fanne mir den Outil op jidde Fall wichteg, deen eis et erlaabt, e kompletten Iwwerbléck ze hunn iwwer eis Gemeng an och d'Necessitéit vun eventuelle méiglече Commercen, déi mer nach net zu Déifferdeng hunn, fir déi erauszefilteren.

Op där anerer Säit muss eng gewësse Confidentialitéit agehale ginn. An déi ass dann och iwwert dee System garantéiert. Do gi keng Wäerter erausgeholl, déi dann ëffentlech zirkuléieren. Dat schéngt mer garantéiert ze sinn iwwert dëse Wee.

Mir sinn op jidde Fall derfir, fir Accès ze kréien op déi do Base.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller an der Konventioun steet: „La commune s'engage à n'utiliser les données que dans la mesure nécessaire à l'accomplissement de l'analyse dans le cadre de leur développement stratégique et de l'offre du commerce". Den RGPD ass ganz kloer mat dran. Also dovunner gi mir och natierlech aus.

Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Déi verschidde Kriticken, déi elo gesot gi sinn, déi si bestëmmt zum Deel berechtegt. Ausser, effektiv, wat d'Protection des données ubelaangt, dat steet am Kontrakt. Den Här Muller hat elo dozou eppes gesot.

Och vu menger Säit aus wär et gutt gewiescht, wann e Präis dragestanen hätt. Ech hätt en alt nogefrot. Mee e misst ëmmer nach fir mech am Kontrakt stoen.

Mir sinn awer der Meenung, dass et gutt, ass ee Register ze hunn, dass een déi Base de données huet. Et ass dann informatesch. Dann huet een eng geografesch Kaart, wou ee gesäit: Wéi grouss ass dat? Wéi eng Natur ass dat? An et bleift aktualiséiert.

Dass déi Conseilsstonnen dra sinn a musse gemaach ginn, dat ass fir Gemengebeamten, déi sech dorëms këmmeren, dass déi mat deem Outil eens ginn. Well esou einfach ass dat net. An dat ass just fir déi Leit, déi an deem Domän schaffen.

Leider huet d'Informatik net alles méi einfach gemaach. Verschidde Saache si komplizéiert.

Wat d'Madamm Buergermeeschter virdru gesot huet, dat fannen ech ganz wichteg. An der Pandemie zum Beispill, wann een op eemol muss sichen: Wéi eng Leit si wou? Wien huet Recht op wat? Wou si se alleguerten? Et kann näischt schueden, esou een Outil ze

hunn, wou mer einfach kënnen drop zréckgräifen.

Dat ass meng Meenung. Mir als Gréng stëmmen dësem Punkt zou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Da komme mer zum Vott. Pardon, Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Mir als CSV begréissen déi Konventioun. Et gleeft engem jo kaum een, datt mer hei zu Déifferdeng keng vollstänneg Lëscht vun all eise Commercen a Betriber zur Verfügung hunn.

Dëse Manktum ass ëmmer nees an der Commission d'activité économique ugeschwat ginn, an datt mer solle kucken un déi Informatiounen ze kommen. Wou een dann eebe fir verschidden Aktiounen ëmmer iwwer verschidde Lëschten oder hei an do versicht huet, dat esou zesummenzedroen. Awer eng richteg komplett Lëscht hat een ni.

A wann een Aktioune gemaach huet, war een ni sécher, ob ee jiddwereen erreecht huet, deen ee wollt erreechen.

Mat dëser Konventioun kréie mer fir 1.500 Euro Accès zu ville wichtegen Donnéeën, bezüglech dem Commerce. An net nëmmen zu enger Lëscht. Wéi scho gesot an enger digitaler Faassung vun der Ekonomie hei zu Déifferdeng. Wat der Gemeng, hire Servicer an der Kommissioun sécherlech hëllefräich ass an hire Beméiungen, fir d'Wirtschaft zu Déifferdeng ze ënnerstëtzen an ze promouvéieren.

D'CSV stëmmt dëser Konventioun zou. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Déi Saach mam Präis – also ech liesen dat esou eraus, dass dat änlech funktionéiert wéi bei engem Syndikat oder esou. Duerfir steet hei kee fixe Montant. Dat heescht, de Syndikat leet eppes fest. A mir akzeptéieren dee Präis, dee si festleeën, pro Habitant oder wéi och ëmmer, dee Schlëssel.

Wann e fixe Präis géif drastoen, da misste mer déi Konventioun fir all Ännerung an de Gemengerot huelen. Fir mech ass dat hei just eng Flexibilitéitsausféierung, dass dat esou formuléiert ass, dass mer hei e Präis matdroen, sou wéi bei engem Syndikat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Da komme mer elo zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 2 abstentions d'approuver la convention conclue avec l'Observatoire national des PME, GIE.*

Ech denken, dass et ee Punkt ass, wou mer eng Konklusioun aus der Pandemie kënnen zéien. Och déi Zäit war léierräich. A léiert eis. Léiere mer virun.

Am nächste Punkt geet et ëm d'Konventioun mat der ASBL Poppespënnchen. An dofir ginn ech d'Wuert un den Här Mangen.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. D'Poppespënnche mat hire Marionettentheater-Veranstaltungen ass wäit iwwert d'Gemeng Déifferdeng bekannt. Et ass eng vun deene wéinege Marionettentheateren, déi nach hei am Land aktiv sinn. Ënner anerem mat nach historesche Poppen.

Bis elo gouf et keng Konventioun tëschent der Gemeng an der Associatioun. Dat huele mer elo an dësem Gemengerot no. Ech mengen, et ass och sënnvoll dat ze maachen, fir d'Benot-

*Déi gréng soutiennent la proposition.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que le CSV est très favorable à cette convention. Il trouve incroyable qu'il n'y ait pas de liste complète des commerces à Differdange. Ce fait a déjà été évoqué à plusieurs reprises au sein de la commission d'activité économique.*
*Grâce à cet outil, on aurait un accès numérique à ces données importantes, ce qui permettrait à la commune ainsi qu'à la commission de supporter les commerces differdangeois. Le CSV approuve la proposition.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *est d'avis que le prix sera fixé comme pour un syndicat selon une certaine clé, par exemple par habitant. Par conséquent, et pour des raisons de flexibilité, il n'y a pas de prix fixe mentionné dans le contrat, afin de ne pas devoir le revoter à chaque changement.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *demande au conseil communal de voter sur la convention et affirme que ce point illustre le fait que nous avons aussi appris quelque chose de la pandémie.*
*(Vote)*
*Le point suivant porte sur une convention avec l'ASBL Poppespënnchen.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique que le Poppespënnchen est un des rares théâtres de marionnettes encore actifs et qu'il est connu bien au-delà de la commune de Differdange.*

*Une convention est maintenant signée, notamment pour règlementer l'utilisation de la salle des fêtes à l'école de Lasauvage. La commune met cette salle gratuitement à la disposition de la Poppespënnchen. En contrepartie, le théâtre de marionnettes s'engage à organiser dix représentations par an au sein de la commune. Ces dernières années, le Poppespënnchen s'est très bien occupé des locaux et l'on suppose qu'il en sera de même dans les années à venir. La convention sera valable pendant un an et sera renouvelée à la fin de cette année.*
*Robert Mangen a récemment appris au ministère de la Culture que l'on envisageait d'ouvrir un musée de la marionnette à Lasauvage. Dans les semaines à venir, la commune élaborera un concept en ce sens avec le Poppespënnchen.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *ajoute que le Poppespënnchen ne se produit pas seulement dans la salle de Lasauvage, mais aussi dans les écoles et dans les maisons relais, et que l'année dernière, malgré la situation difficile, ils ont fait preuve de flexibilité et se sont produits en partie en ligne, en fonction de la situation. Ils sont aussi en train de planifier un festival de marionnettes les 17 et 18 septembre dans le cadre d'Esch2022. Déi gréng approuvent ce point et le conseil communal passe au vote.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point suivant portant sur la convention actualisée avec le TNT, le Territoire naturel transfrontalier de la Chiers et de l'Alzette. Ce périmètre — en France et au Luxembourg — présente une cohérence à la fois géographique, historique et culturelle.*
*La première convention à ce sujet a été signée en 2017 entre les communes de Differdange, Hussigny-Godbrange et Saulnes. En 2018, Herserange s'y est ajoutée et Haucourt-Moulaine en 2021.*
*L'ASBL TNT souhaite, par des actions conjointes, rapprocher les communes et faire oublier les frontières, ce dont se félicite aussi le ministre Claude Turmes.*

zung vun der Salle des Fêtes an der Lasauvager Schoul, datt dat reglementéiert gëtt.

D'Gemeng behält weiderhin d'Benotzung vun dësem Sall. Niewent dem Marionettentheater kënnen och aner Aktivitéite stattfannen.

D'Poppespënnche kritt de Sall gratis zur Verfügung gestallt, samt de Chargen. En contrepartie engagéiere si sech, fir mindestens zéng Representatioune pro Joer an onser Gemeng ofzehalen.

D'Konventioun dauert ee Joer, gëtt all Joer erëm verlängert. D'Poppespënnchen huet dës Raimlechkeeten déi lescht Joren en bon père de famille verwalt. Ech ginn dovun aus, datt se dat och an deenen nächste Jore maachen.

Wéi ech kierzlech um Ministère vun der Culture wor, virun e puer Méint, an anerer Ugeleeënheet, war rieds vun engem Marionettemusée, deen eventuell kéint zu Lasauvage kënne gegrënnt ginn.

Dee Virschlag ass net op daf Ouere gefall. D'Gemeng wäert mat der Poppespënnchen an deenen nächste Wochen e Konzept ausschaffen. Dann hu mer vläicht en zousätzleche Musée zu deenen zwee Muséeën, déi mer schonn zu Lasauvage hunn. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Hei gëtt gereegelt tëscht der Gemeng an der Poppespënnchen, wie wat iwwerhëlt a wie sech ëm wat këmmert oder sech fir wat engagéiert. Wat sécher eng gutt Saach ass. Et geet drëm, den Här Mangen huet et gesot, dass si hir Spektakelen am Sall zu Lasauvage ofhalen. Awer net nëmmen.

Si engagéiere sech, fir Virstellungen ze maachen. Zéng Stéck pro Joer. Si engagéiere sech och, fir an d'Schoulen an an d'Maison-relaisen ze goen. D'Poppespënnchen ass och d'lescht Joer aktiv bliwwen, trotz der Situatioun, déi mer haten. Si ware flexibel, hu sech der Situatioun ugepasst. Deels Spektakelen online an deels a présentiel gemaach. Wat sécher eng gutt Initiativ war.

Ech wëll nach kuerz drop opmierksam maachen, dass si och am Kader vun Esch2022 de 17. an den 18. September e Marionettefestival hunn.

Mir stëmmen dësem Punkt zou. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Et gëtt keng weider Wuertmeldung, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention conclue avec l'ASBL Poppespënnchen pour l'exercice 2022.*

Villmools merci. Mir komme bei déi nächst Konventioun. Dat ass déi aktualiséiert Konventioun mam TNT, dem Territoire Naturel Transfrontalier de la Chiers et de l'Alzette. Et ass e Perimeter, dee souwuel geografesch wéi historesch a kulturell kohärent ass. An e befënnt sech souwuel a Frankräich wéi zu Lëtzebuerg.

Déi éischt Konventioun tëschent der Gemeng an dem TNT ass am Juli 2017 ënnerschriwwe ginn. D'Membersgemenge sinn: Déifferdeng, Héiseng-Godbrange an Zounen. 2018 ass Herserange derbäi komm. An 2021 Haucourt-Moulaine.

TNT ass eng ASBL, ouni But lucratif. D'Ziler bestinn doranner, duerch gemeinsam Aktiounen an e gemeinsaamt Erliewen d'Nopeschgemengen am Fong méi no zesummeréckelen. Wat den Här Minister Claude Turmes och ënnerstrach hat, dass hien dat begréisst a mat op dee Wee geet, dass d'Länner méi nokommen an d'Grenze vläicht manner wichteg ginn.

Am Mëttelpunkt vun der Aarbecht vum TNT stinn d'Natur an d'Ëmwelt.

Well déi nu mol keng Grenzen an Interessen national an international hunn. Et geet drëms, en nohaltegen Territoire ze schafen. Et ass schued, dass mer eis ëmmer selwer sou klengrieden. De Projet ass kleng entstanen, dee lues a lues awer kéint wegweisend ginn aus nationaler Siicht. An ech si frou, dass mer esou kleng Projete kënnen ustiwwelen, déi dann herno an hirer Envergure ëmmer méi grouss ginn an en nationalen Impakt kréien.

Mir kënne lokal agéieren an d'Populatioun duerch eis gemeinsam Aktiounen beieneebréngen.

Dës Konventioun, déi tëschent fënnef Membersgemengen opgestallt ass an ënnerschriwwe gouf, reegelt gewësse Saachen. Zum Beispill: All Gemeng mécht hir Dieren op fir d'Servicer vum TNT a stellt, sou wäit et méiglech ass, Säll zur Verfügung fir Workshoppen an Atelieren. Natierlech ëmmer am Respekt vun de kommunalen Disponibilitéiten a Prozedure vun de jeeweilege Gemengen. Well Lëtzebuerg ass net Frankräich a Frankräich ass net Lëtzebuerg!

All Gemeng verflicht sech, d'Ekippe vun de Gemengen an d'Ekippe vum TNT mateneen ze verbannen. Soudass eng kohärent Zesummenaarbecht am Kader vun de Projete ka gestalt ginn.

De finanzielle Kader ass follgendermoosse regléiert: All Gemeng bezilt 1,5 Euro pro Awunner.

Fir eng Vereinfachung bei der Ëmsetzung vu gewëssene Projete kann d'Gemeng Déifferdeng, well dat déi gréisste Gemeng ass, e Prefinanzement maachen. Dat kann awer just mat den néidege Pièces justificatives gemaach ginn a mam Accord vum Schäfferot.

Soubal dësen Accord do ass, kann d'Prefinanzement gemaach ginn. De Solde gëtt dann der Gemeng herno vum TNT zréckerstatt. Den TNT kritt deemno déi Sue vun de fënnef concernéierte Gemengen zréck. D'Zomm gëtt nom Schlëssel vun den Awunner opgedeelt. Ech hunn et virdru schonn ugedeit. Momentan ass Déifferdeng 66 % vum Solde. Haucourt-Moulaine 8 %, Herserange 11 %, Héiseng-Godbrange 9 % an Zounen 6 %.

Ech wier frou, wann dës Konventioun géif approuvéiert ginn.

Här Schwachtgen, wannechgelift.

### FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wollt mech dozou zu Wuert mellen. De Projet ass scho quasi zéng Joer al, wéi e gebuer ginn ass. An dass mer elo zu engem formal och proppere Projet komm sinn, verdanke mer enger Rei Leit, déi effektiv ëmmer un der Staang bliwwe sinn, haaptsächlech vun Héiseng-Guedber, Zounen an Déifferdeng. Och eis Beamten, ganz äerdeg Beamten aus der Déifferdenger Gemeng, deenen et ze verdanken ass, dass mer dee Projet ëmmer erëm konnte weiderféieren. Heifir e ganz grousse Merci!

Wéi ech mer gëschter Owend e puer Notize gemaach hunn, ass mer de Gedanke vum Krich an Europa opkomm. Viru Joren, wéi mer driwwer nogeduecht hunn, kommt mer réckele méi no bei dee franséischen Territoire. Mer dréien net de Réck dohinner.

Well dacks ass dat e bëssen denigréiert ginn an der Lëtzebuerger Mentalitéit: „Wat maache mer mat deenen?“ an esou virun an esou weider. „Deen Eck kennt keen“ an esou weider. A wann een deen Eck lues a lues iwwert d'Grenz ewech kenneléiert, da kritt een eng ganz aner Vue.

Ech invitéiere jiddwereen, och drun ze participéieren, wa mer Aktivitéite mat deene Gemengen hunn, déi bis elo derbäi sinn. Dat Ganzt ass nach ausbaufäeg. Péiteng, Käerjeng, vläicht eng Kéier dee ganze Kordall. Mer hunn och e Pendant geschaaft zu Esch, wou Esch, Villerupt an dee ganzen Eck och am Projet Esch2022 mat dran ass.

A wann ee sech Gedanke mécht, dass et jo vill besser ass, et schafft een op där do Basis iwwer Konventioune mat dem Nopeschland, wéi eventuell Krich ze féieren a seng Panzer iwwert d'Grenz ze schécken, ass dat am ganz Klengen hei dee richtege Wee, wou Europa soll goen.

An et ass och dat, wat mech opwullt, dass d'Mënschen et fäerdegbréngen, mat Krichsgerät iwwert deem anere seng Grenz ze goen amplaz Weeër ze

*L'accent est mis sur la nature et l'environnement et sur la création d'un territoire durable. Le projet a beaucoup évolué depuis ses débuts modestes et a désormais un impact national. Il permet d'agir localement et de rassembler la population autour d'actions communes.*
*La présente convention en définit certains aspects, comme le fait que chaque commune partenaire mette à disposition — dans la mesure de ses possibilités communales — des locaux pour les ateliers et les activités de la TNT. De plus, chaque commune s'engage à mettre en relation les équipes des communes et du TNT afin de permettre une collaboration cohérente.*
*En ce qui concerne le cadre financier, chaque commune paie 1,5 € par habitant. Pour les projets plus importants, la commune de Differdange, en tant que commune la plus importante, peut — uniquement avec l'accord du collège échevinal —, faire un préfinancement. Le TNT refinancera ce montant avec les contributions des cinq communes.*
*Actuellement, Differdange représente 66 % du montant du solde, Haucourt-Moulaine 8 %, Herserange 11 %, Hussigny-Godbrange 9 % et Saulnes 6 %, explique Christiane Brassel-Rausch en espérant que la convention sera adoptée.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *remercie tous les participants que ce projet, qui existe depuis dix ans, ait pu être poursuivi jusqu'à aujourd'hui. Il regrette que dans le passé, les citoyens n'étaient pas toujours prêts à se rapprocher des communes frontalières françaises. Par conséquent, il souhaite encore une fois encourager tout le monde à participer aux activités transfrontalières. Le projet est certes encore perfectible et on envisagera peut-être d'ajouter Pétange, Käerjeng et l'ensemble du Kordall. Ce projet fait aussi pendant à celui d'Esch qui, dans le cadre d'Esch2022, a établi un partenariat avec Villerupt et les communes voisines.*
*Au lieu de faire la guerre, comme dans d'autres pays européens, la commune de Differdange se trouve sur la bonne voie en élaborant de*

*telles conventions et en favorisant une cohabitation pacifique.*
*Malgré un parcours difficile, l'initiative TNT a déjà reçu la reconnaissance du ministère luxembourgeois, de la Grande Région, du Grand Est et même de l'État français.*
*De plus, Frenz Schwachtgen se félicite que le développement durable soit au cœur de cette convention.*
*Déi gréng soutiennent ce projet à coup sûr et espèrent qu'à l'avenir, davantage de personnes participeront à la mise en œuvre et aux activités de cette initiative.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point suivant concernant les contrats de bail et les avenants dans l'espace 1535°. La bourgmestre souhaite savoir si toutes les personnes présentes sont d'accord pour voter tous les avenants et contrats conjointement.*
*Pour les avenants, il s'agit principalement de changements dans les locaux des bâtiments A et B.*
*Inktology de la tatoueuse Sandra Biewers quitte le local A129 pour le B01 et l'artiste et designer Lisa Junius quitte le local 118A pour le B02 le 1er mars 2022.*
*Un nouveau bail est établi pour l'agence de design et de print Dubl Design Studios de Michael Soares Machado, car son associé a quitté la société et la composition de l'entreprise a donc changé. Il quitte le local A108 pour le B06.*
*L'artiste et designer Lea Schroeder veut louer un local commercial en plus de son espace pour vendre ses produits. Il s'agit donc également d'un nouveau bail.*
*Le fabricant de percussions Massimo Savo (essebi drum) quitte le local C301 pour le B4.*

sichen, déi e friddlecht Zesummeliewe fir d'Zukunft bréngen.

Déi minikleng Initiativ TNT huet gegraff bis elo. Dat weist och, dass mer mëttlerweil vum Lëtzebuerger Ministère eng Unerkennung kritt hunn. An dass mer och an der Grande Région am Grand Est e Widderhall kritt hunn, bis an de franséische Staat eran.

Wat jo guer net einfach ass, iwwert déi kompliz éiert Weeër, déi mer do hu musse goen, iwwert Préfecture a sou virun, fir eis richteg ze legitiméieren an ze soen, dass esou e gemengeniwwergräifende „Syndikat" funktiounsfäeg ka ginn an Zukunft. An elo scho funktiounsfäeg ass.

Iwwer dës Konventioun, d'Madamm Buergermeeschter huet dat ganz gutt alles zitéiert, brauch ech net méi ze soen. Déi fënnef Gemengen hunn e klengt Potenzial elo un Awunner, awer e risegrousst Potenzial nach un Developpement. Natierlech zielen ech do Déifferdeng mat derbäi als ganz grouss Stad, mat 27.000 Awunner héchstwarscheinlech elo no bei 30.000, wa mer fäerdeg sinn. An ech denken och, dass déi méi kleng Gemengen a Frankräich et verdéngen, esou valoriséiert ze ginn, dass mer och eng Bedeitung an där Zesummenaarbecht hunn.

Dass dobäi d'Theema Nohaltegkeet am Mëttelpunkt steet, ënner all senge Sparten, och an der Ekonomie, schéngt mer vu ganz grousser Bedeitung.

Mir als Gréng ënnerstëtzen déi Saach do. Mer hoffen op d'Matwierken an Zukunft vun alle Parteien. Well mer mussen eis an der Gemeng méi breet opstellen, dass mer méi Leit hunn, déi och un deenen Aktivitéiten deelhuelen, respektiv sech un der Organisatioun vun deem ganzen Territoire Naturel Transfrontalier bedeelegen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention régissant la collaboration active entre l'ASBL Territoire naturel transfrontalier de la Chiers et de l'Alzette (TNT) et ses communes membres.*

Villmools merci. Deen nächste Punkt si Contrats de bail et avenants am Espace 1535°. Ech wollt froen, ob Der d'accord sidd iwwert déi Avenanten an déi Kontrakter an engem Siess ofzestëmmen oder haalt Der drop, se eenzel ofzestëmmen?

Deels sinn et Avenanten, deels Bailen. En Avenant gëtt gemaach, wa keng Statutenännerung gemaach ginn ass oder soss Personalfroe sech geännert hunn an der Firma. Ënner anerem geet et hei ëm Wiessel aus den Espacë vun de Gebaier A a B. D'Gebai B huet sechs Unitéiten. Déi sinn alleguerte besat.

Inktologie vum Sandra Biewers. Dat ass eng Tätowéierin. Déi changéiert d'Lokal vum 1.3.2022 u mat engem Avenant vum 129A an de B01.

D'Madamm Lisa Junius wiesselt vum 118A an de B02. Dat ass eng Kënschtlerin an eng Designerin. Si produzéiert selwer Objeten. Dësen Avenant spillt och ab den 1.3.2022.

Dubl Design Studio, Michael Soares Machado, dee plënnert vum Bâtiment A108 an de B06. Dat ass eng Design- a Print-Agence. Do ass en neie Bail, well den Associé net méi derbäi ass. Dat heescht, d'Zesummestellung vun der Firma huet geännert. Dee leeft och den 1.3.2022 un.

D'Madamm Lea Schroeder kënnt an de B5. Si ass eng Kënschtlerin, eng Designerin, produzéiert selwer Objeten a lount zousätzlech zu hirem A-Espace e Geschäftslokal fir eng Vente. Dat ass een neie Bail. Si huet zwee Espacen, wann d'Vente sech net géif droen, dass se déi kéint opginn, ouni hiren Espace am Bâtiment A opzeginn.

Vum Bâtiment C, 301C geet et an de B4: essebi drum, de Massimo Savo. Dee baut Batterien. Hie changéiert d'Lokal ab dem 1.3.2022. Dat ass en Avenant.

Am B3 sinn nei Locatairen: Alchemilla SARL, d'Marina Fonseca. Dat ass e Concept Store fir Design-Produiten. Dee Bail leeft den 1.3.2022 un. Ech liesen en Extrait du rapport vum Comité de sélection: „Candidature retenue. Le projet est idéal pour le concept du Bâtiment B avec pignon sur rue et en étant une sorte de concept store (une niche sur le territoire differdangeois). Le travail est le fruit d'une collaboration entre mère et fille. L'univers de Marina et le travail artisanal du duo font rappel à leurs origines et donnent une touche intéressante au projet." Dat ass en neie Locataire Alchemilla SARL.

All dës Aktivitéite maache Vente fir de Public. Wat jo och d'Zil vum Bâtiment B war.

Am Bâtiment C312, do hu mer eng Resiliatioun vum Carmen de Pinto. De leschten Dag war den 31. Januar 2022. Si schafft elo vun doheem aus.

Am Bâtiment C wiesselt d'Madamm Anouck Pesch vum 307 an den 105. Si huet intern gewiesselt a méi ee groussen Espace vum 1.2.2022 un. Si huet een neie Bail kritt. A si bezilt elo 12 Euro de Meterkaree, well hir Societéit méi wéi véier Leit beschäftegt.

Explose huet zwee Espacen. Si hu gefrot, fir sech ze verklengeren. Wiessele vun 172 m2 op 67 m2 mat hirem zweeten Espace. Dat heescht, een Espace behält se. Deen zweeten Espace, den 325, gëtt den 307. Dat heescht, dee grousse gëtt dee klengen. Well den 325 vill ze vill grouss ass. De Bail ass resiliéiert ginn. Den 307 ass elo fräi ginn. An dat ass dann en zweeten Avenant fir ab dem 1.3.2022.

A wéi d'Saachen heiansdo, le hasard fait bien les choses, hu mer Mäntel. Déi wiessele vum 211 an den 325. Déi froe méi ee groussen Espace, vu 65,5 m2 op 172,2 m2 per Avenant och ab den 01.03.2022.

Als Informatioun: Am C-Gebai hate mer jo eng Resiliatioun vum Do Demuth gehat. De leschten Dag war den 30.11.2021. Den Espace 321 am Gebai C hu mer provisoresch De Mains de Maîtres ASBL zur Verfügung gestallt vum 15.01.2022 u bis Juni 2022. Si sinn d'Porteure vum Projet vun der grousser Ausstellung Craft 3.0 am Kader vun Esch 2022 an iwwert d'Zukunft vum Konschthandwierk. Dat wäert dann och an der Hal B am B-Gebai ausgestallt sinn. Natierlech bezuele si och.

Déi zweet Informatioun: Den Här Yves Cochtum huet an zweeter Instanz um Geriicht verluer. Hien ass condamnéiert gi fir den Espace, deen hien zënter engem Joer ouni Bail besëtzt, spéitstens fir de 7. Mäerz ze raumen. E raumt seng Saachen och. An en ass och zu Schuedensersaz verurteelt ginn.

Dann hu mer d'Madamm Linn Theisen, déi kann elo endlech an den Espace plënneren, deen zanter Mäerz 2021 gelount ass a bezilt och. Well deen Espace elo fräi gëtt ka se dora goen.

Dat ass alles wat de 1535° ugeet. Madamm Wohl.

### NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert. D'Madamm Buergermeeschter huet eis elo exhaustiv Informatioune ginn. Dozou gëtt et elo net méi vill ze soen. Mee et gesäit een, dass Beweegung dran ass. Mir hunn natierlech och Espacë bäikritt.

Ech wollt awer och soen, well dat och an eise Pabeiere steet, ech si frou, dass No One's Clothes (0:02:15.8) erausgesicht ginn ass, fir an de 1535° ze zéien. Hei handelt et sech ëm jonk Designer, déi den Design an d'Ausféierung vun nohaltege Kleeder maachen. Bei de Creative Days am Dezember konnt ee sech schonn en éischten Androck maachen. Déi hate sech jo do gewisen. Mëttelfristeg wëlle se och d'Stëfter hei am Land wiewe loossen.

Mir als Gréng kënnen dat nëmme begréissen. Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Hartung.

### JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, fir all déi exhaustiv Erklärungen. Normalerweis stëmme mir als CSV d'Contrat-de-baile vum 1535° jo

*À partir du 1.2.2022, il y aura un nouveau locataire dans le B3 : Marina Fonseca avec le concept store design Alchemilla SARL.*
*Dans le local C312, il y a une résiliation de Carmen de Pinto, qui continue à travailler à domicile à partir du 31 janvier 2022.*
*Dans le Bâtiment C, Anouk Pesch passe du 307 au 105 pour avoir un local plus grand à partir du 1er février 2022. Il s'agit d'un nouveau bail, car son entreprise emploie désormais plus de quatre personnes.*
*Explose réduit ses deux locaux de 172 m2 à 67 m2. Le local 307 est donc désormais disponible.*
*1re information : dans le bâtiment C, il y a eu une résiliation de Do Demuth, qui a déménagé le 30.11.2021. Le local 321 a été mis à disposition des Mains de maitres ASBL à titre provisoire jusqu'en juin 2022. Ils sont porteurs de projet de l'exposition Craft 3.0 sur l'avenir des métiers d'art dans le cadre d'Esch2022, qui sera également exposée dans la Hal B.*
*2e information : Yves Cochtum a perdu en deuxième instance devant le tribunal et doit quitter le local qu'il détient sans bail depuis un an au plus tard le 7 mars. Il a également été condamné à payer des dommages et intérêts.*
*Comme il est maintenant libre, Lynn Theisen peut enfin emménager dans le local qu'elle loue et paie depuis mars 2021.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *affirme qu'il y a du mouvement au 1535° et que des locaux ont également été ajoutés. Par ailleurs, elle se réjouit que No One's Clothes ait été choisi pour s'installer au 1535°. Cette entreprise s'occupe de la conception et de la réalisation de vêtements durables. Le public a déjà pu s'en faire une idée lors des Creative Days en décembre. À l'avenir, ils souhaitent également faire tisser leurs tissus localement. Déi gréng ne peuvent que soutenir cette démarche.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que le CSV approuve et soutient comme toujours le contrat de bail et les propositions du dossier pour le 1535°.*

*Toutefois, il souhaite demander s'il est prévu d'ajuster les prix des bâtiments A et C à six euros le mètre carré, comme cela avait été envisagé au départ. Si ce n'est pas le cas, il est probable que tous les locataires de A et C voudront un jour déménager dans le bâtiment B, car les infrastructures y sont beaucoup plus modernes.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique que le contrat pour No One's Clothes ne sera signé que lorsque l'entreprise aura déposé des statuts.*
*En ce qui concerne la tarification des bâtiments du 1535°, elle explique que l'institution est considérée comme un ensemble et que l'on ne fait pas de différence entre les trois bâtiments et donc entre les prix.*
*Une étude de recouvrement des couts est en cours afin de déterminer si les prix du 1535° sont toujours d'actualité ou s'ils doivent être adaptés. Dès la publication des résultats, les prix seront adaptés en conséquence, car la commune ne doit pas dépenser plus qu'elle ne gagne. Mais même dans ce cas, les prix en A, B et C resteront les mêmes, à moins que l'étude ne se prononce concrètement pour un ajustement.*
*(Vote)*
*Ensuite, il s'agit de l'avenant au contrat de bail à courte durée du Popup-Store au numéro 3 de la Parkstrooss. Le premier contrat avait une durée de cinq mois.*

ëmmer einfach mat, well mer d'Propose vun deem neutrale Comité de sélection an hiren Experte jo esou guttheeschen. D'Proposen, déi mer haut hei am Dossier hunn, hale mer och dës Kéier fir gutt. Och déi intern Wiesselen, wéi Der se elo erkläert hutt. A wëlle kloerstellen, datt mer all dat ënnerstëtzen.

Mer wollte just nofroe wat d'Präisgestaltung ugeet. Bei de Bâtimenten A a C ass jo sengerzäit ëmmer gesot ginn, datt een den niddrege Präis vu 6 Euro de Meterkaree géif uwenden. Zum enge fir de Commerce, dee sech hei grënnt huet, eng Chance ze gi sech ze entwéckelen. An awer och, well eeben dës zwee Gebaier, wéi soll ech soen?, de Confort e bësse vermësst gouf, beim Bâtiment B ass dat jo net de Fall. Do ass jo vun der Säit vun der Gemeng vill Aarbecht a Suen dra gestach ginn. Esoudatt d'Locatairen hei modern Infrastrukturen hunn an och klimatechnesch alles um Stand ass.

Do wollt ech froen: Ass ugeduecht dat eng Kéier nozekucken? Soss wëll jo jiddwereе warscheinlech aus A a C herno an de B eriwwerwiesselen. Fir dat vläicht e bësse méi fair oder dat eng Kéier ze iwwerdenken.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wat No One's Clothes ugeet, si si matselektionéiert ginn. Si hu keng Statuen eraginn. A soulaang keng Statuten do sinn, gëtt et kee Vertrag. Dat ass firwat déi keen Espace elo nach am Moment hunn.

Wat d'Präisgestaltung vum B ugeet, also de B huet jo eng ganz kloer Vokatioun. Dat ass Public. Wat awer ganz kloer ass fir mech als Ressortschäffin vun deem 1535° mat der Madamm Brugnoni, dass dee ganze 1535° als Ganzt ze gesinn ass. Als Entité. Och wann d'Konditiounen am Moment vun deenen engen an deenen aneren aneschters sinn.

Mir sinn elo endlech, ech weess net no wéi ville Joren – do war ech nach net derbäi, wou dat Kreativwirtschaftsgebai do entstanen ass –, ganz no beim Schluss vun den Aarbechten. Wou mer emol kënne soen: Den Espace steet. En ass do. Ouni d'Parkplazen.

Et ass wichteg, dass dat Ganzt als ee Konzept ugesi gëtt. Mir maache keen Ënnerscheed tëschent A, B an C. An dofir och net bei de Präisser. Wat sech awer elo opdrängt, vu dass et jo schonn eng Geschicht ass, déi scho méi laang leeft, an do ass och elo schonn eng Etüd – alt erëm eng Etüd – an der Maach, déi eisen Ekonomist och matverfollegt. Kostendeckungverfahren. Dat heescht: Sinn eis Präisser nach aktuell ugepasst? Musse mer se upassen? Wat sinn eis Depensen? Den Här Felten nennt dat ëmmer eng Comptabilité analytique, mécht e jo gär. A wa mer déi hunn, da wäerte mer d'Präisser upassen. Well ech och denken, dass se net méi ugepasst sinn.

Et soll eis jo och net méi kaschte wéi mer erakréien. Dat ass alles an der Maach. Awer wichteg ass ze ënnersträichen: Och da wäerten déi am B net méi deier bezuele wéi déi am A oder net méi bëlleg bezuele wéi am A. Well dat Ganzt ee Konzept ass. Ausser mir géifen elo aner Resultater vun der Etüd kréien, da géife mer se upassen. Mee am Moment ass et esou, dass dat Ganzt als een Espace consideréiert gëtt.

Wa mer d'Resultater vun den Etüden hunn, komme mer bestëmmt nach eng Kéier drop zréck.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail et avenants concernant des espaces de création du 1535° Creative Hub.*

Da si mer beim Avenant vum Contrat de bail à courte durée fir eise Popup-Store 3, an der Parkstrooss. Hei geet et ëm eng Verlängerung vum Kontrakt vum Popup-Store mat der Madamm Yara (0:02:47.9) Cassoua. Ëm zwee weider Méint wäert e verlängert ginn. Vum 1. Februar bis den 31. Määerz.

Den éischte Kontrakt war fir fënnef Méint. D'Madamm wollt am Ganze fir sechs Méint verlängeren. Mee mir wëllen awer d'Konzept vum Wiessel bäibehalen a ginn der Madamm hei eng weider Chance sech ze etabléieren a vläicht doduerch weider Clienten ze

kréien. A vläicht de Schratt an en eegent Lokal ze packen, respektiv aktiv op letzshop.lu ze ginn. De Loyer läit wéi ëmmer beim Popup-Store bei 400 Euro de Mount. An den nächste Popup-Store, kann ech Iech scho soen, ass de Projet Wein und Kaffee.

(Diskussiounen)

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Mateneen?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

A wann et keng weider Wuertmeldung méi dozou gëtt, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant au contrat de bail à courte durée d'un local de commerce situé au n° 3 de la rue du Parc-de-Gerlache à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Mir komme bei de SIKOR – AIS Kordall. Mer stellen der AIS de 40, um Balcon zur Verfügung. Kënne mer do direkt zum Vott kommen?

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec le Sikor – AIS Kordall portant sur une maison unifamiliale située au 40, um Balcon à Lasauvage.*

De Punkt 4m, dat si véier Kontrakter. Mir hunn der schonn an där nämmlechter Form/Optik hei am Gemengerot gestëmmt, Exploitation des jardins. Véier Kontrakter tëschent Privatpersounen an der Gemeng. Et geet ëm d'Gäert an der Rue de la Chiers, déi un de Parc de la Chiers undocken.

Genee wéi d'leschte Kéier geet et ëm eng Formaliséierung an eng Offizialiséierung vun enger existenter Situatioun. Heescht: D'Leit këmmere sech schonn ëm déi Gäert. Si exploitéiere se scho méi laang. Et bestoung just kee Kontrakt. Dat gëtt heimat reguladiséiert. De Kontrakt reegelt wichteg Punkten. Ënner anerem däerf kee Pestizid benotzt ginn, et däerfe keng Beem ewechgeholl ginn. Alles am ekologesche Sënn.

Et si véier Kontrakter. Mir haten der zu Nidderkuer. Mir haten der an der Dicks-Lentz-Strooss. Et ass eng formell Aktioun, déi mer hei maachen.

Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail à Differdange pour des exploitations jardinières.*

Mir si bei de fräien Nuechten. Mir hunn déi e bëssen op de Leescht geholl. Wann dës haut guttgeheescht ginn, si se gëlteg fir d'ganz Gemeng. D'Cafetiere kascht et näischt.

Et goufe verschidden Ännerunge virgeholl. Et si fräi Nuechten derbäikomm, et sinn der ewechgeholl ginn. Deelweis sinn der vu sonndes op samschdes verluecht ginn, well méindes kee Feierdag méi ass.

D'fräi Nuechte sinn: Halleffaaschten de 26. Mäerz. Den 30. Abrëll virum 1. Mee. Nei derbäi ass den 8. Mee virum neie Feierdag, dem 9. Mee Europadag. Den 22. Juni. Nei derbäi, well mer vill Demanden erakritt hunn, den 31. Oktober, Halloween. Dat ass op d'Wei vum 1. November. D'Demande war grouss vun de Cafetieren, fir do fräi Nuecht ze kréien.

Dann hu mer nach Reveillon, Noël a Silvester. Saint Etienne, déi fräi Nuecht hu mer schonn erausgeholl. Mir wollten awer fir d'éischt froen, wéi grouss den Interêt bei de Cafetieren ass, fir de Reveillon an Noël als fräi Nuecht ze huelen. Dat wäerte mer ugoen. A wa mer en Echo kritt hunn, d'nächst Joer an deem Sënn eng Entscheedung huelen.

All Kiermes huet zwee Deeg. Nidderkuer huet da fräi Nuecht de 15. an de

*Il s'agit maintenant d'une prolongation de 2 mois jusqu'au 31 mars. Mme Yara Cassoua avait demandé une prolongation de six mois, mais la commune tient à conserver le concept de rotation régulière. La commune espère maintenant que ces deux mois suffiront à madame Cassoua pour s'établir dans un local fixe ou sur letzshop.lu.*
*Le loyer du local popup reste à 400 € par mois et le prochain locataire sera Wein und Kaffee. Le conseil communal procède au vote.*
*(Vote)*
*Le point suivant concerne le SIKOR — AIS Kordall, auquel la commune met à disposition le local 40, um Balcon.*
*(Vote)*
*Le point 4 m porte sur 4 conventions entre la commune et des particuliers concernant des jardins de la rue de la Chiers. Il s'agit de formaliser et d'officialiser une situation existante, ce qui signifie que les gens s'occupent déjà des jardins depuis un certain temps, mais qu'il n'existe pas encore de contrats à ce propos. Ces contrats comportent des règles importantes comme l'interdiction d'utiliser des pesticides et d'arracher des arbres.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point des nuits blanches. Quelques modifications ont été apportées à ce sujet. Certaines nuits blanches ont été ajoutées pendant que d'autres ont été supprimées ou reportées à un autre jour.*
*Les nuits blanches sont maintenant le 26 mars et le 30 avril. À cela s'ajoutent désormais le 8 mai (la veille de la Journée de l'Europe), le 22 juin et le 31 octobre (Halloween). En outre, il y a également le réveillon de Noël et du Nouvel An. Pour ceux-ci, on demandera toutefois un feedback aux cafetiers dans les temps à venir, avant de prendre une décision définitive l'année prochaine.*

*En ce qui concerne les kermesses, Niederkorn aura une nuit blanche les 15 et 16 juillet, Oberkorn les 7 et 8 octobre, Differdange et Fousbann les 22 et 23 avril et Lasauvage et Fond-de-Gras les 20 et 21 mai. Les nuits blanches ne seront pas accordées aux cafés qui ont déjà fait l'objet de plusieurs plaintes de la part de la population pour cause de nuisances sonores.*
*(Vote)*
*Le point suivant traite des déchets et des modifications dans le cadre du règlement des taxes.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il faudra adapter les taxes, car le prix d'achat des poubelles est tellement élevé. Les nouvelles taxes vont être refacturées aux consommateurs et la commune ne fera pas de bénéfice sur ce point. M. Ulveling demande à ses collègues du conseil communal d'approuver ces augmentations.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *explique que le LSAP est généralement opposé aux augmentations de tarifs. Comme déjà mentionné dans le passé, le LSAP ne pense pas que ce soit le bon moment pour faire payer des taxes plus élevées aux citoyens.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique que ce règlement sur les taxes a déjà été voté. Le ministère a transmis un avis à la commune stipulant que la poubelle noire ne devait pas être gratuite, en argüant que ce n'était pas favorable au tri. Malgré tout, elle restera gratuite.*
*(Vote)*

16. Juli. Et ass ëmmer freides a samschdes. Uewerkuer huet freides de 7. a samschdes den 8. Oktober fräi Nuecht. De Fousbann hu mer un Déifferdeng ralliéiert, well Fousbann jo keng Kiermes méi huet. Déifferdeng a Fousbann déi kréien den 22. an den 23. Abrëll fräi Nuecht. Zowaasch a Fond-de-Gras den 20. an den 21. Mee. A fir de Blues Express ass den 9. Juli fräi Nuecht.

„Tout en apportant la précision que les établissements se voyant refuser les nuits blanches à la suite de trop nombreuses plaintes du voisinage pour tapage nocturne ou causant des troubles à l'ordre et à la tranquillité publics restent contraints de se conformer aux heures normales d'ouverture des débits de boissons alcooliques."

Ech wier frou iwwer Är Zoustëmmung zu de fräien Nuechten.

Fir d'Kiermes hu mer eis déi nämmlecht Fro gestallt. Fräi Nuechte fir d'Kiermessen? Einfach fir mol eng Äntwert op déi Fro ze kréien, méi net. Wäerte mer och nofroen.

Wann et keng Wuertmeldung dozou gëtt, bieden ech ëm de Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de fixer les nuits blanches officielles pour l'année 2022.*

Merci. Da komme mer zum nächste Punkt. Do geet et ëm Decheten a Reglementer am Kader vum Taxereglement. An ech géif dofir d'Wuert un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, mir mussen déi Taxen upassen, well d'Poubellen am Akaf esou deier ginn, dass mer bei all Poubelle eppes bäileeë mussen. Dat heescht, dat hei sinn déi Tariffer, déi mer am Akafspräis hunn. An déi sinn dann och esou un de Consommateur weidergeleet ginn, ouni natierlech Benefice drop ze maachen. Ech géif Iech bieden, déi kleng Upassung vun 20 op 30 respektiv vun 20 op 25 oder vu 25 op 35, Dir gesitt dat an Ärem Listing, guttzeheeschen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Allgemeng si mir géint Taxenerhéijungen. Mir haten dat och schonn eng Kéier ofgeleent. Mir haten déi hei schonn eng Kéier am Kader vun engem ganze Package vun Taxen. Deemools hate mer dergéint gestëmmt. A mir sinn och dës Kéier als LSAP nach der Meenung, dass et net den Zäitpunkt ass, fir de Leit elo och nach méi deier Taxen ze froen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Ech wollt am Fong nach derbäihänken: Mir hunn dat Taxereglement hei scho gestëmmt. Mir hunn et erëmkritt mat engem Avis vum Ministère, dass mer och fir déi schwaarz Poubellë solle Sue froen. Mam Argument, dass wa mer déi fir näischt maachen, dat ass net favorable au tri. Als Gemeng bleiwe mir awer bei eiser Positioun, fir Iech ze soen, Här Muller, mir wäerten näischt fir déi schwaarz Poubellë froen.

An deem Sënn ass dëse Punkt um Ordre du jour ze gesinn. Dat heescht, mir bleiwen, trotz dem Avis vum Ministère, bei eiser Positioun. Déi schwaarz Poubellë si fir näischt an all déi aner si payant.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 voix non d'adapter le chapitre E-3 Déchets du règlement des taxes, tarifs et prix.*

Da wäre mer bei de Règlements temporaires de circulation. Här Altmeisch, ech weess net, wéi gutt ech et elo maachen, well et ass net mäi Ressort. Ech probéieren, et esou gutt wéi méiglech ze

maachen. Ech probéiere mech och kuerz ze faassen.

Do geet et an der Rue Sainte-Barbe, an der Rue de la Poste, an der Rue Dr. Conzemius, Rue Ouschterbour a Rue de Differdange deelweis ëm Echafaudagen, déi opgeriicht ginn, Travaux de façades, Occupation partielle du trottoire, Raccordements, Route barrée aux heures de travaux bis 2.3., Travaux de voirie par l'administration communale a Route barrée sens unique an Deviatioun op der Zowaasch bis den 11.3.

Et si se nach net all.

(Gelaachs)

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech mengen, mir sinn all frou, wa mer déi staark Hürd vun haut gepackt hunn. Dir hutt dat ganz gutt gemaach. Ech muss Iech felicitéiere fir déi Presentatioun vun deene verschiddenen Drénglechkeetsreglementer. Et ass jo och flott, dass een eemol erëm ka laachen, zu deenen Zäitpunkten, wou een net ëmmer ka laachen! Dofir sinn ech frou, wa mol gelaacht gëtt.

Et gëtt awer en eeschte Problem mat deene Reglementer. Ech kucke mer se och allkéiers un. Ech sinn och frou dës Kéier, dass mer bei deene Reglementer do nëmme Kuerzzäitchantieren hu vun een, zwee Deeg. Dass mer net ufänken, erëm Laangzäitchantieren ze kréien, wou mer herno dräi, véier Méint mussen hannendrun hänken. Mir perséinlech mécht dat Freed an och warscheinlech den Utilisateure vun de Gefierer, déi hei an der Gemeng zirkuléieren.

Ech hätt just eng Fro betreffend der Zirkulatioun. Mir ass opgefall an deene leschten Deeg: Vun der Place Jéhan Steichen hei zu Uewerkuer war ëmmer en Accès an d'Rue Jean Gallion, wat d'Leit verhënnert huet, dee ganzen Tour ze maachen, fir an d'Rue Jean Gallion ze kommen.

Do stinn awer elo Polleren. Déi Polleren – ech gesinn den Zweck net. An ech hunn och net héieren, dass mir am Gemengerot doriwwer geschwat hätten an och net an enger Verkéierskommissioun. Mee déi Leit ware gewinnt do erauszefueren. Eng Ofkierzung am Fong geholl fir an d'Peschkopp ze kommen. Elo mussen déi ee ganzen Tour dréien, laanscht den Dauphin bis d'Rue des Mines fir dann an déi selwecht Strooss. Bréngt näischt. Dat anert war keng Gefor. D'Jean Gallion ass e Sens unique. Ech weess net, firwat déi Barriären do sinn. Soss hätt ech näischt ze beanstanden. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Ech huelen dat mat an eis Servicer a wäert Iech eng Äntwert ginn. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Da si mer beim Punkt 6 vum Ordre du jour. Do geet et ëm Changements au sein des commissions consultatives. Ech ginn Iech als Informatioun mat, dass suite à un congé de maternité d'Madamm Sara Marques, Représentante du personnel enseignement au sein de la commission scolaire, durant le temps de son absence duerch den Här Daniel Thiltgen, Membre du comité de l'école Woiwer, ersat gëtt.

Da komme mer zu de Froen. Op dem Här Weirich seng Froe géif ech dann zréckkommen. Wou ech géif soen, also Är Froe si ganz, wann net extreem prezis, op Terrainen, déi der Gemeng gehéieren, bezunn. Vill Date sinn an der Étude préparatoire vum PAG erëmzefannen. Dës bezéie sech awer op all d'fräi Flächen. Onofhängeg vum Proprietär.

Fir genau Zuelen iwwert d'Proprietéite vun der Gemeng ze kréien, brauche mir e bëssen Zäit. Dat ass e gudden Exercice fir d'Gemeng, fir erauszefannen: Wat sinn eis? Wat sinn aneren hir? Doriwwer kann ech Iech zu dësem

*Ensuite, Christiane Brassel-Rausch passe aux règlements temporaires de circulation. Dans la rue Sainte-Barbe, dans la rue de la Poste, dans la rue Docteur-Conzemius, dans la rue Ouschterbur et dans la rue de Differdange, il est question d'échafaudages, de travaux de façades, d'occupation partielle du trottoir, de raccordements, d'une route barrée aux heures de travail jusqu'au 2.3, de travaux de voirie par l'administration communale et d'une route barrée sens unique et d'une déviation vers Lasauvage jusqu'au 11.3.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie et félicite Christiane Brassel-Rausch pour cette présentation réussie. Il se réjouit que cette fois-ci, il ne s'agisse pas de chantiers de longue durée.*
*Concernant la circulation, il aimerait savoir pourquoi on a maintenant installé des bornes entre la place Jéhan-Steichen et la rue Jean-Gallion, qui bloquent désormais le passage. Il ne voit pas l'utilité de ces bornes et ne se souvient pas qu'il en ait été question lors d'un conseil communal ou d'une commission. La population doit donc faire un grand détour pour accéder à la Peschkopp. À ses yeux, cela est inutile et la situation ne présentait aucun danger auparavant.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *se renseignera à ce sujet et y reviendra.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 6, qui concerne les changements des commissions consultatives.*
*La bourgmestre informe que la représentante du personnel enseignant au sein de la commission scolaire, Sara Marques, part en congé de maternité et sera remplacée par Daniel Thiltgen, membre du comité de l'école Woiwer.*
*(Vote)*

*Ensuite, Christiane Brassel-Rausch passe aux questions et commence par les questions de monsieur Weirich concernant les terrains appartenant à la commune. Elle explique que beaucoup de ces données — comme le plan d'occupation des sols, les terrains constructibles et non constructibles — figurent dans l'étude préparatoire du PAG, mais que pour obtenir des chiffres plus précis sur les propriétés de la commune, il lui faudra un peu plus de temps.*
*En tout cas, la commune ne dispose pratiquement plus d'espaces constructibles et les plus grandes surfaces constructibles d'un seul tenant au sein de la commune se trouvent dans les Woiwerwisen.*
*Dans l'ensemble, le conseil communal a approuvé le PAG selon lequel la commune doit désormais ralentir un peu sa croissance. Premièrement, parce qu'elle s'est développée trop rapidement ces dernières années et deuxièmement, pour donner aux infrastructures et aux services municipaux la chance de s'adapter.*
*En revanche, les structures résidentielles temporaires et mobiles, dont on avait déjà parlé, exigeront encore beaucoup de discussions afin de les définir plus précisément.*
*Ces dernières années, Differdange a beaucoup progressé sur le plan social : Gravity, Gulliver et quelques projets de la SNHBM dans la Grand-rue, op Cité, au Lauterbann, au Mathendahl. Même si ces derniers ne sont pas des logements communaux, la commune les soutient depuis des années.*
*Selon l'étude préparatoire (état 2019), il y a 2000 a de terrains qui sont directement constructibles, indépendamment des propriétaires, et 2595 a qui sont constructibles dans le cadre d'un PAP plan directeur.*
*Toutes les données supplémentaires suivront ultérieurement.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *remercie pour les réponses. Face à la crise du logement, il aimerait que la commune de Differdange continue à se développer dans cette direction et à explorer de nouvelles pistes. C'est dans ce sens qu'il a évoqué les tiny houses. Ici, la commune a la chance*

Zäitpunkt keng fest Zuel ginn. Dir kritt se awer. Also d'Servicer sinn drun. An Dir kritt déi Zuele geliwwert.

De Plang vun all de Flächen, déi der Gemeng gehéieren, Bauland an netbebaubar Flächen, fënnt een och an der Étude préparatoire erëm. Och hei kënne mer e Plang maachen, wou den Ënnerscheed tëschent de bebaubaren an den netbebaurae Flächen ze gesinn ass.

D'Gemeng huet sou gutt wéi keng Baulücke méi an hirer Proprietéit. Déi gréissten zesummenhänkend a bebaubar Flächen, déi der Gemeng gehéieren, befanne sech an de Woiwerwisen. Hei gëtt et e Plan directeur. Dës Flächen, wéi och zum Beispill d'Flächen zu Nidderkuer hanner der Rue des Ligures, sinn zum groussen Deel, mam Accord vum Gemengerot, an eng Zone d'aménagement différée klasséiert ginn. ZAD. Also als Reserv an net direkt bebaubar erkläert ginn. Dëst gëllt och fir déi ugeschwaten Tiny Houses.

Insgesamt huet de Gemengerot dem Vott vum PAG zougestëmmt, dass d'Gemeng an Zukunft e bësse manner séier wuesse soll. Éischtens, well mer déi lescht Joren extreem séier gewuess sinn. An zweetens, well mer den Infrastrukture vun der Gemeng an eise Servicer sollen d'Méiglechkeet gi sech unzepassen.

Déi ugeschwate begrenzt a mobill Wunnstrukturen ass en Theema, wat nach vill Diskussiounsbedarf bedéngt, baugeneemegungstechnesch wéi awer och an der Praxis. Ënner anerem: Wat heescht begrenzt? Wat heescht mobill an dësem Kader? Déi Leit, déi do dra wunne wäerten, kann een net vun engem Dag op deen aneren erausgeheien oder erausplënneren. Well keng aner Wunnméiglechkeet do ass. An där Hisiicht gëtt et nach ganz vill Froen, iwwert déi ee muss diskutéieren.

D'Gemeng Déifferdeng – ech soen et dann nach eemol – d'Gemeng Déifferdeng huet an de leschte Jore ganz vill um sozialen Niveau gemaach. Mir hunn de Gravity, mir hunn de Gulliver elo kaf. D'Projete vun SNHBM a Fonds de Logement – dat sinn ëffentlech Bauträger, deenen hir Aufgab et ass, bezuelbare Wunnraum ze schafen – hu mer an der Grand-Rue, hu mer op Cité SNHBM am Lauterbann, mir hu se am Mathendahl. An dat huet d'Gemeng zënter Joren ëmmer erëm ënnerstëtzt. Och wann et net eis Gemengewunnenge sinn.

Laut Étude préparatoire, Stand 2019, sinn zirka 2.000 Ar Terrain direkt bebaubar. Onofhängeg vun de Proprietären. An ongeféier 2.595 Ar bebaubar am Kader vun engem PAP Plan directeur.

An all déi aner Donnéeë kritt Der méi spéit. Si maachen de Relevé, an Dir kritt déi.

Dann hat Dir nach eng zweet Fro.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Däerf ech Är éischt Äntwert kommentéieren?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Natierlech.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci. Scho mol merci fir déi ausféierlech Äntwerten. Och, dass eis Servicer dru schaffen, dass nach Zuelen a Pläng nokommen, déi den Ënnerscheed maachen tëschent Terrainen, déi eis gehéieren an net.

Ech wollt vläicht als Zousaz soen, dat ass elo net als Kritik geduecht, mee just eis nach méi Ambitioune ginn, mir maache vill, effektiv. Et kann een natierlech ëmmer méi maachen, vu d'Urgence an d'Logementskris.

An ech wier och frou, wa mer géifen an déi Richtung och weider evoluéieren als Stad Déifferdeng an der Virreiderroll vu Logement a vläicht nei Weeër aschloen. Dee Message hat ech och mat den Tiny-Haiser hei ernimmt. Ech wär frou, wa mir géifen als Stad Déifferdeng d'Pilotroll huelen an déi Froen, déi opsti fir d'Tiny Houses, mobill Strukturen a sou weider a sou fort, an Ugréff ze huelen. An do eng Virreiderroll och ze spille vis-à-vis vun engem Ministère de l'Intérieur, deen immens skeptesch ass,

wat déi mobill Wunnstrukturen an Tiny Houses ugeet.

Wéi gesot: keng Kritik. Mäin Uleies beim Logement ass: Et kann een ëmmer méi maachen. Dat ass eebe mäin Uleies. An d'Froe sinn an déi Richtung ze verstoen.

Déi zweete Fro – et waren der souguer nach zwou. Déi eng, wéi den Här Meisch och, huet de Wandpark betraff. Doriwwer hu mer jo virdru geschwat. Déi aner ass en anert grousst Theema, de Crassier Déifferdeng. D'Dechargen, futur Dechargen, déi op eisem Gemengenterrain an an der Nopeschgemeng leien.

Do wollt ech just ganz banal wëssen, wou mer do dru sinn. Ob et Neiegkeete gëtt. Dat war, wéi jiddweree warscheinlech matkritt huet, desleschte erëm en Theema an der Press. Do ass elo déi lescht Neiegkeet, déi ech gelies hunn, dass et elo virugeet mat der Extensioun Decharge Suessem.

Mee ech mengen, an der Ëffentlechkeet gëtt vläicht duercherneegehäit déi Dechargen, déi bei eis an der Prozedur sinn, an dem Deel zu Suessem. Dee jo u sech amgaang ass ofgeschloss ze ginn. Well déi sou lues voll ass.

Dat heescht ganz graff, ob et do Neiegkeete gëtt. Méi net. Dat war meng Fro.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Leien ech do falsch, dass den Här Scacchi Iech net schonn dorobber geäntwert huet?

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Genau. Dat hätt ech och kënnen direkt soen. Nee, den Här Scacchi huet mer natierlech ugeruff a mer dat erkläert. A wéi ech den Här Scacchi verstanen hunn, ass dat an der Prozedur. Hien hätt Dokumenter kritt. Dat wär an der Proezdur. Eng Woch oder zwou drop huet et geheescht, ech mengen elo d'Madamm Dieschbourg oder Ëmweltministère, dat wär sou gutt wéi duerch. Dat ass deen neiste Kenntnisstand par rapport zum Gespréich, dat ech mam Här Scacchi hat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech froen dat no. Ech kann Iech leider elo net …

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Okay. Ech duecht Dir hätt vläicht nach weider Informatiounen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Nee.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Meisch, Dir hutt Är Fro zréckgezunn. Dann ass nach den Här Bertinelli an den Här Hobscheit.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, ech hunn eng Fro. Ech war iwwerrascht a frou och ze gesinn, datt e Samschdeg d'Ouvertür vun Esch2022 war. Ech wollt Iech froen, Madamm Buergermeeschter, ob mer do vergiess haten, d'Suen ze iwwerweisen un dee Veräin do. Well ech mer Froe gestallt hunn.

Mir hunn do matgemaach als Gemeng Déifferdeng. Mir waren onscheinbar an onsiichtbar. Ech weess, datt d'Leit aus dem Schäfferot invitéiert waren. An da froen ech mech, mir representéieren hei 30.000 Awunner vun der Bevëlkerung vun Déifferdeng, a mir wësse jo alleguerten, wat mer e Réngen hei haten, fir zu där Zomm ze kommen, déi mer hei gestëmmt hunn, fir bei Esch2022 matzemaachen, déi zwou Milliounen Euro.

An datt do gefaart ginn ass vun Ufank un, datt dat esou eng One-Man-Show géif ginn, vu datt den Numm schonn Esch war, woufir d'Leit e bësse kritesch waren. Bon, mir hunn net dozougehéiert. Mir hunn dat positiv gesinn am Kader vun enger Année culturelle.

*de prendre un rôle de pionnier, notamment face au scepticisme du ministère de l'Intérieur.*
*Concernant le crassier de Differdange, il voudrait savoir comment la situation évolue et s'il y a des nouvelles, puisque la presse en a récemment reparlé. Il y a lu que le dossier de la décharge de Sanem progressait. Cependant, il craint que le public ne confonde les choses, car la décharge à Sanem est sur le point d'être fermée, puisqu'elle est pleine.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *veut savoir si monsieur Weirich n'a pas déjà reçu une réponse à cette question de la part de monsieur Scacchi.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *répond par l'affirmative et explique que monsieur Scacchi lui a confirmé que la procédure était en cours. Deux semaines plus tard, le ministère de l'Environnement et madame Dieschbourg ont déclaré que le dossier était quasiment bouclé.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *n'a pas d'autres informations pour le moment et se renseignera.*
*Monsieur Meisch a retiré sa question. La bourgmestre passe à la question de monsieur Bertinelli.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *se demande pourquoi la commune de Differdange a été pratiquement invisible lors de la récente inauguration d'Esch2022. Après tout, Differdange représente 30 000 habitants et a investi 2 millions d'euros dans le projet Esch2022.*

*Depuis le début, il y avait des craintes que le projet devienne un one-man-show pour la ville d'Esch. Maintenant, il se demande pourquoi lors de l'inauguration, certains conseillers communaux ont été invités et d'autres non. Comme il s'agit d'un projet communautaire, il faudra à l'avenir mieux impliquer toutes les communes du sud.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique qu'elle était présente à l'inauguration en tant que bourgmestre et qu'elle partage les préoccupations et les critiques de monsieur Bertinelli. Et Differdange n'est pas la seule commune à s'être énervée. Les 10 bourgmestres qui n'ont pas été nommés pendant toute la cérémonie vont adresser une plainte à la directrice générale ainsi qu'au président d'Esch2022.*

**TOM ULVELING (CSV)** *est vice-président de l'association et malheureusement, il doit dire qu'il n'est pas vraiment au courant. Bien qu'il soit régulièrement invité, l'organisation a été très chaotique jusqu'à présent.*
*Même lors de l'inauguration, on a dû attendre des heures alors que le nom de Differdange a seulement été mentionné en passant. Pourtant, les sponsors ont été cités toutes les quelques minutes.*
*C'était une insolence. En outre, il trouve tout à fait injuste de voir que les conseillers d'Esch étaient invités et pas ceux de Differdange — même pas les porte-paroles des fractions. Au préalable, on avait annoncé qu'il n'y avait pas assez de places, mais en fin de compte, un grand nombre de places étaient libres.*

Mee et wonnert mech dann, datt verschidde Gemengeconseilleren invitéiert waren an anerer net.

Ech hoffe jo, Madamm Buergermeeschter, datt eise Representant vun Esch2022 do wäert intervenéieren, datt dat elo net ee Joer oder zwee esou weidergeet. Well soss stellen ech mer awer Froen, wat mer do maachen am Kader vun Esch2022. Wann do ee mengt, dat wär eng One-Man-Show, da muss deen awer emol zréckrudderen. Do sinn d'Südgemengen alleguerten déi participéieren.

Mir hu vill Sue bezuelt, wou mer hätten eng Schoul kéinte bauen oder aner Saache maachen. An da soll een, wannechgelift, d'Gemeng Déifferdeng an déi aner och do mat an déi selwecht Déngen zéien. Dat wollt ech soen. Datt dat mech immens stéiert. An och kee Wuert iwwer Déifferdeng do gefall ass. Mir hu jo net fir näischt matgehollef finanzéieren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Ulveling kann och nach vläicht drop äntwerten. Ech war jo als Buergermeeschtesch do. Ech deelen Är Bedenken. Ech deelen och Är Kriticken. Déifferdeng ass net déi eenzeg Gemeng, déi sech opgereegt huet, kann ech Iech soen.

Mir wäerten als zéng Buergermeeschteren, déi net ernimmt gi sinn, il faut le faire!, an där ganzer Zeremonie/Ouvertür, wäerte mer zesummen eis Beschwerden an eis Kriticken un d'Presidentin, also un d'Directrice générale vun Esch2022 wéi awer och un de President vun Esch2022 schécken.nNet méi spéit wéi gëschter Owend um 22 Auer hunn ech déi nach geschéckt. An déi wäerten elo am Kader mat deenen aneren néng, déi jo da bleiwen, wann ech mech ewechhuelen, e Schreiwes un d'Leit, un d'Responsabel maachen. Wann den Här Ulveling nach eppes vläicht wëll soen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, gären, well den Här Bertinelli huet mech ugeschwat. Ech sinn anscheinend Vizepresident vun deem Veräin. Kréien awer net vill mat, muss ech Iech soen. Ech ginn zwar reegelméisseg invitéiert. Mee soss schéngt dat net ze zielen. All déi aner sinn och Vizepresidenten, déi zielen och net. Et ass wierklech eng chaotesch Organisatioun gewiescht, muss ech Iech soen.

Ech hu mol nogerechent, dass mer am Fong dräi Stonne laang an d'Luucht gekuckt hunn a gewaart hunn, wou näischt war, well iergendwéi vergiess gi war oder ech weess et net. Mee dat Schlëmmst ass – wat mech immens schockéiert huet – den Numm Déifferdeng ass eng Kéier gefall, awer esou als Bäisaz. Den Numm Déifferdeng ass néierewou erschéngen. All fënnef Minutte si Sponsore gewise ginn: BMW, Ferrero, ArcelorMittal, all fënnef Minutten en continue. An d'Gemeng Déifferdeng, d'Gemeng Schëffleng, d'Gemeng …

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Maach du hinnen och elo nach Reklamm.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

… Ma nee. Mee ech soen: Et ass keng Gemeng genannt ginn, gewise ginn. Et ass kee Buergermeeschter genannt a gewise ginn. Och net, wien d'Bändchen duerchgeschnidden huet. Also ech hunn et wierklech eng Frechheet fonnt. An ech hunn och gesot schonn, dass ech et och net richteg fonnt hunn, dass Conseillere vun Esch invitéiert waren a vun eis keng Conseilleren invitéiert waren.

Et ass ëmmer gesot ginn, et ass net genuch Plaz do. Ech hu festgestallt, dass awer e ganze Koup Plazen nach eidel waren. A wéi gesot, ech hu gesinn, dass déi Escher present waren an ech hunn och gemengt, dann hätt ee wéinstens awer kënnen d'Fraktiounsspriecher invitéieren. Dass een elo net kann 19 invitéieren, dat kéint ech jo nach verstoen. Mee well déi Leit jo awer och déi Kreditter liberéiert hu fir Esch 2022.

An ech wëll och soen, dass mir als Gemeng, déi awer ëmmerhin ëm déi zwou Milliounen Euro an dee Projet investéiert, dass mir net genannt ginn,

dat fannen ech e Skandal. A mir wäerten dat och, wéi d'Madamm Buergermeeschter gesot huet, nach weider en haut lieu artikuléieren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech kann nach dobäi soen, dass mir als Gemeng Déifferdeng gutt vertruede waren. Mir waren zu dräi do! Dat heescht: Ech als Buergermeeschtesch, den Här Ulveling an nach e Schäffen. Well mir einfach gesot hunn: Mir kommen. Ech weess awer vun anere Gemengen, wou d'Schäffe beim Foussvollek stoungen. Wou Der sot, dat ka jo net méiglech sinn.

Wéisou kann ee bei 25.000 verkaafte Plazen, wa mer eelef Gemengen hunn – ech weess net, wéi vill Gemengeconseillere gëtt dat? 200 oder 120? Ech hu se net gezielt. Mee méi wéi 150 gëtt et der dach sécher net. A mir sinn net capabel, deenen 150 Leit op d'mannst eng Plaz unzebidden.

Ech weess, dass Leit mech gefrot hunn: „Christiane, kréie mer keng Plaz"? Ech sot: „Ech weess et net". Dat ka jo net sinn. An dat wäerte mer och an deem Sënn esou weiderginn.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Wat ech och mengen, datt eis Bierger herno eis froen, wat mer mat deenen zwou Milliounen Euro gemaach hunn, wann do ni Déifferdeng dra virkënnt. Ech mengen, dat si jo Suen, déi mer investéieren, wat jo och net direkt eis hei sinn. Ech mengen, mir investéiere fir déi Stad hei. An da sollt och, wannechgelift, den Numm vun eiser Stad falen. Well mir sinn och an där Année culturelle dobäi. Da sollt een och esou gewierdegt ginn, wéi sech dat passt. Mee esou. Dat geet jo net.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, ech muss Iech soen als Buergermeeschter, mir sinn zu 18-19 do erauskomm – vu dass ech mat hinnen zwou Stonnen do souz, weess ech mëttlerweil, wie wien ass, wien de Buergermeeschter vun Thil ass, wien dee vu Villerupt ass an d'Buergermeeschtesch vun Ottange. Mee wär dat esou schlëmm gewiescht, d'Leit eenzel op d'Bün ze ruffe mat hirem Numm a mat hirer Stad?

Dann hätten alleguerten déi, déi nogekuckt hätten, gewosst: Do si mer erëm bei enger Gemengen-, bei enger landiwwerschreidender, Saach. Wat den Här Schwachtgen jo nach eng Kéier betount huet, wéi wichteg dat ass. Esch2022 ass dee Wee jo gaangen. Mee dee verleeft am Nichts. A mir bedaueren, also ech bedaueren et wierklech, dass do 18 oder 19 Leit erauskomm sinn, et wousst kee Mënsch, wéi et war. Et war innerhalb vun enger Minutt un an aus. An dat war d'ganz Ouvertür. Wëll ech soen. Also d'Stëmmung war gutt.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Jo, ech ka mer dat virstellen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dir kënnt dat elo interpretéieren, wéi Der wëllt!

(Gelaachs)

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dann hätt ech nach eng Fro un den Här Aguiar. An dat ass eng, déi mer wierklech um Häerze läit. Ech wollt den Här Aguiar froen, ob e wierklech de Maximum mécht, fir dat an de Grëff ze kréien. Et ass jo bal net méiglech, datt mir eng Stad vun 30.000 Awunner sinn, datt mir hei an der Gemeng kee Medico méi hunn. Datt mir Samschdeg fir Samschdeg d'Kanner mat Camionnetten op Réiden op der Atert féieren op Ettelbréck fueren, fir Medico ze maachen. An dat massiv, massiv, massiv.

Also an enger Stad wéi Déifferdeng schénge mir hei keen Dokter ze fannen oder keen ze fannen, deen de Medico hei mécht. An dat geet elo scho méintelaang, wou all Samschdeg Benevoller mat enger Dose Camionnetten duerch d'ganzt Land jabelen, fir hir Medicoen ze maachen, fir virun de Federatioune korrekt ze sinn.

*Par ailleurs, il trouve scandaleux qu'une commune qui a investi deux-millions d'euros dans le projet ne soit même pas citée.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que Differdange avec ses trois représentants était bien représentée par rapport à d'autres communes. Parmi les autres communes, il fallait que les échevins prennent place parmi le public. Avec 25 000 places vendues, on aurait quand même dû mettre à disposition les quelque 150 places pour les conseillers communaux.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *craint que les citoyens ne se demandent par la suite pourquoi ces deux-millions d'euros ont été investis. Car cet argent a été investi au nom de toute la ville.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique que pendant les deux heures de la cérémonie, elle a certes rencontré tous les maires, y compris ceux des communes françaises, mais qu'elle aurait souhaité que chacun d'entre eux ait été appelé sur scène pour être présenté au public. Ainsi, les gens auraient compris qu'il s'agissait d'un projet intercommunal, mais aussi transfrontalier. Monsieur Schwachtgen avait déjà expliqué l'importance de cet aspect plus tôt.*
*Malgré tout, l'ambiance était très agréable, explique Christiane Brassel-Rausch.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a encore une question pour monsieur Aguiar qui lui tient particulièrement à cœur. Il voudrait savoir pourquoi, dans une ville de 30 000 habitants comme Differdange, il n'y a plus de médico et pourquoi des bénévoles sont obligés de conduire chaque samedi des enfants jusqu'à Redange-sur-Attert ou même jusqu'à Ettelbruck.*

*En plus, ces trajets représentent un danger supplémentaire dans les temps actuels. Il prie monsieur Aguiar de bien vouloir résoudre cette situation le plus rapidement possible.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *est bien conscient de la situation. La décision de supprimer cette place à Differdange a été prise par le ministère des Sports. Il n'avait reçu aucune information à ce sujet. Maintenant, il fait tout son mieux pour rétablir un médecin de sport à Differdange, mais il est important de savoir que pour cela, il faut une formation médicale spécialisée. Certes, il est question de faire appel à des médecins généralistes, mais cette discussion n'est pas encore close. Dans tout le pays, il y a une pénurie de médecins du sport, ce qui explique le fait que certains aient dû être retirés.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *le remercie et donne la parole à monsieur Hobscheit.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *suggère que la commune pourrait lancer une campagne pour informer les habitants sur la règlementation des nuisances sonores pendant le weekend.*
*En effet, le weekend dernier, il a été contacté par une connaissance très énervée qui se plaignait que dans son voisinage, on travaillait avec des engins lourds. Quelques semaines auparavant, la même chose s'était produite sur l'aire de jeux de Woiwer.*
*Il voit aussi régulièrement des gens laver leur voiture avec un Kärcher le dimanche. Une campagne visuelle avec des vidéos, etc. sur Facebook, par exemple, pourrait peut-être remédier à cette situation et sensibiliser les gens pour qu'ils se respectent mutuellement.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *trouve que c'est une bonne idée. Une campagne de ce type avait déjà été mise en place pour sensibiliser la population à la question des déchets sauvages au début de la pandémie. Elle a duré quelques mois et a été affichée sur les bus et aux arrêts de bus.*

Do musse mer awer, wann Der wëllt, intervenéieren, fir dat esou schnell wéi méiglech an de Grëff ze kréien, datt mer hei an eiser Stad ee Medico hunn, wou eis Sportler kënnen higoen, wou mer eis Kanner kënnen umellen. Net ee ganze Moie verléieren, fir bis op Réiden op der Atert ze fuere mat enger Dose Kanner.

Schonn aleng déi Gefor, an deenen heiten Zäiten, fir mat Camionnetten dorower ze fueren. Also ech wéilt dat net op mech huelen. Duerfir géif ech Iech bieden, Här Aguiar, de Maximum ze maachen, fir esou schnell wéi méiglech erëm e Medico hei an eis Stad ze kréien. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Aguiar, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci. Madame la bourgmestre, monsieur Bertinelli, effectivement, c'est triste de constater que dans le cadre d'une décision du ministère des Sports, cette place ici à Differdange a été enlevée. Je peux vous dire que nous n'avons reçu aucune information. On a su qu'il y en avait plus de médecins sportifs ici à Differdange.

Nous avons déjà demandé dans différentes réunions qu'on essaie de trouver une solution ici à Differdange. Je suis complètement au courant de la situation. Et nous faisons notre maximum justement pour ramener ici à Differdange un médecin sportif.

Mais il faut savoir que pour devenir médico, il faut avoir une formation spécialisée. Et nous faisons des recherches justement pour trouver la personne qui convient. Je sais qu'il y a également des pourparlers pour que les médecins généralistes puissent également intervenir. C'est quelque chose qui est toujours en cours. Mais il manque effectivement des médecins sportifs ici au Luxembourg. Et c'est pour ça qu'ils ont dû les regrouper sur certaines régions et les enlever dans certaines localités. Mais on est au courant et on travaille dessus. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Just eng kleng Suggestioun. Ech wollt proposéieren, dass d'Gemeng vläicht eng Kéier eng Campagne géif maachen, wat erlaabt ass a Saache Kaméidi de Weekend an esou virun an esou fort.

Net méi spéit wéi leschte Weekend gouf ech vun enger genervter Bekannter kontaktéiert, déi sech driwwer opgereegt huet, dass an hirer Noperschaft grad een amgaange wier, mat schwéierem Gerät ze schaffen. E puer Sonndeger virdru war ech op der Woiwer Spillplaz a konnt do engem op der Wiss hannendrun nolauschteren, dee mat groussem Gerät intensiv Beem an Hecke geschnidden huet, dass dee ganze Quartier eppes dovun hat.

Et ass eng Fro vu Respekt: Wéi gi mer mateneen ëm?

Ech gesinn och reegelméisseg, dass d'Leit mengen, si misste sonndes mam Kärcher den Auto wäschen. Dat mécht och Kaméidi.

Ech froe mech, ob een do net eng Kéier kéint als Gemeng eng flott Campagne maachen, och eng visuell Campagne mat Videoen oder ech weess et net. Do gëtt et haut jo flott Moyenen, einfach fir d'Leit e bëssen ze sensibiliséieren: Kommt, mir huele Récksiicht openeen.

Mir hunn haut scho vill iwwert d'Tapages nocturnes geschwat. Mee och sonndes Kaméidi, ganz éierlech, muss net sinn. Do kéint een eng flott Campagne op Facebook lancéieren, fir d'Leit einfach e bëssen zum Sujet ze sensibiliséieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gären, Här Hobscheit. Eng flott Iddi. Mir hunn et scho gemaach, wéi d'Confinement ugaangen ass. Dofir ass et e bësse verluergaangen. Mee mir haten eng ganz grouss Campagne fir den

Dreck gemaach, dass d'Leit sollen hiren Dreck ewechgeheien. Dat ass iwwer Méint gaangen. Et war op Bussen, et war op de Bushaltestellen. Mee am Confinement war dat natierlech dann net esou effikass, wéi et hätt solle sinn. An dat do geet genau an déi Richtung. Gären. Merci.

Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt just ganz kuerz eppes soe par rapport zum Medico. Also dat ass jo awer am Sportsministère esou decidéiert ginn, wou dat kënnt a wou dat net kënnt. Dat huet elo net esou vill dermat ze dinn, wéi eng Doktere wou schaffen, wéi eng Formatioun se hunn. Ech hat mech eng Kéier ëmfrot. Ech kann och gären nach eng Kéier soen, wien deejéinegen ass, deen dofir responsabel ass, fir dat ze kucken.

Natierlech ass et ëmmer eng Fro: Wéi vill Dokteren huet een? Wéi vill Plazen huet een? Mee am Sportsministère ass dat landeswäit esou decidéiert ginn. Ech hat awer och net matkritt am Virfeld, dass Déifferdeng do erausgeholl géif. Dat muss ech awer och soen. Soss hätt ech eppes gesot. Mee dat ass de Punkt awer.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ech soen och just dozou, ech fannen och, also mir hunn den Akt hei duerchgeholl vun der Sportsfabrick, wou nach esou vill Raimlechkeeten opstinn, déi momentan net direkt besat sinn. Ech hunn nach um éischte Regierungsrot de Mëtten zréckzeruffe wéinst der Konventioun, déi mer nach mussen um Gebai verfaassen. Ech fannen et och lachhaft. Mir kréien d'Base nationale vun der Sportwëssenschaft heihinnergesat a mir hu kee Medico méi. Dat ass fir mech och een No-Go.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ma da géif ech d'Seance ofschléissen. Soen Iech villmools Merci. A bis Enn dëses Mounts dann.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *souhaite encore aborder brièvement le sujet du médico. Cette situation a été décidée au niveau national par le ministère des Sports. À ce moment-là, elle n'était pas au courant que Differdange en faisait partie. Sinon, elle aurait fait une remarque à ce sujet. En tout cas, elle s'est renseignée et a trouvé les responsables.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *pense que c'est ridicule qu'à Differdange on ait installé la base nationale des sciences du sport et pas de médico, d'autant plus qu'il y a encore beaucoup de salles libres à la SportFabrik.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *conclut la séance.*

# DIFFERDANGE SIGNE LE CLIMATE CITY CONTRACT

La Ville de Differdange s'est engagée à réaliser la mission de l'UE 100 villes intelligentes (Smart Cities) et climatiquement neutres d'ici 2030 afin de lutter contre le changement climatique, de promouvoir un avenir durable et d'accroitre l'attractivité du territoire dans le cadre de l'économie circulaire. La Ville s'engagera dans des échanges techniques et scientifiques avec d'autres villes, en partageant des connaissances et en développant des solutions innovantes. Le NetZeroCities Label donne accès à Differdange à des experts de renommée mondiale dans le domaine et à des opportunités de financement. Differdange vise à atteindre un objectif net zéro d'ici 2030 en augmentant l'efficacité énergétique des bâtiments, en soutenant les énergies renouvelables, en promouvant la mobilité durable et en réduisant les déchets. La Ville a démontré son engagement en faveur de l'action climatique par le biais d'initiatives telles que Klimapakt, Climaborough, Klimabündnis et FUSILLI, pour n'en citer que quelques-unes.

Le contrat de ville climatique (CCC), signé par le conseil communal à la date du 29 mars 2023, décrit les engagements de la ville en matière d'action climatique et établit un partenariat avec les citoyens pour oeuvrer à un avenir neutre en carbone et résilient au changement climatique.

La ville a identifié cinq priorités stratégiques systémiques nécessaires pour atteindre son objectif, notamment une amélioration de l'efficacité de l'énergie stationnaire à travers des rénovations, l'autosuffisance en production d'énergie, la réduction du kilométrage individuel, la réduction des déchets et la compensation, en grande partie sur son territoire, des tonnages de CO2 produits par la municipalité. La Ville reconnait la nécessité d'une transition juste et le processus de mise en oeuvre du projet repose sur des principes tels que la cocréation, l'innovation et l'engagement multiacteurs et citoyen. Cette approche garantit que les efforts de la ville en faveur de la neutralité climatique sont systémiques et axés sur la demande, en tenant compte des besoins et des perspectives de toutes les parties prenantes.

Les responsables politiques sont conscients qu'investir maintenant dans des solutions est beaucoup moins onéreux que d'attendre et de devoir payer pour ce qui a été omis. La responsabilité d'être la dernière génération à pouvoir prendre les bonnes décisions leur incombe, puisque nous sommes tous égaux face au changement climatique, mais la responsabilité envers les générations futures est énorme.



# INSCRIPTIONS AU FOYER VACANCES PENTECÔTE ET ÉTÉ

Les inscriptions en ligne pour les foyers vacances de Pentecôte et Été se feront du 17 avril 2023 au 21 avril 2023.

**Dernier délai : 21 avril 2023.**

Passé ce délai, aucune demande ne sera acceptée !

# ÉLECTIONS COMMUNALES – VOTE PAR CORRESPONDANCE

Nous tenons à vous signaler que pour toute personne luxembourgeoise âgée de plus de 18 ans, ainsi que les personnes non luxembourgeoises inscrites pour les élections communales, la participation du 11 juin 2023 est obligatoire.

Toute personne inscrite sur les listes électorales peut demander le vote par correspondance.
La demande de vote par correspondance doit obligatoirement parvenir à la commune où l'électeur doit voter :

- au plus tôt 12 semaines et au plus tard 25 jours avant le jour du scrutin, si la lettre de convocation doit être envoyée au Luxembourg ;
- au plus tôt 12 semaines et au plus tard 40 jours avant le jour du scrutin, si la lettre de convocation doit être envoyée à l'étranger.

Depuis le 20 mars 2023 les formulaires y afférents sont disponibles sur notre site internet www.differdange.lu et au service Biergeramt de la Ville de Differdange.

La demande est faite soit par voie de dépôt électronique sur une plateforme étatique sécurisée (www.myguichet.lu), soit sur papier libre, soit sur un formulaire à obtenir auprès de l'administration communale de la Ville de Differdange ou en ligne.

Elle doit indiquer les noms, prénoms, date et lieu de naissance, et domicile de l'électeur, ainsi que l'adresse à laquelle doit être envoyée la lettre de convocation.

La demande de vote par correspondance doit parvenir au collège des bourgmestre et échevins au plus tôt le 20 mars 2023 et au plus tard :

- le 2 mai 2023 si le bulletin de vote doit être envoyé à une adresse se situant à l'étranger ;
- le 17 mai 2023, si le bulletin de vote doit être envoyé à une adresse se situant au Grand-Duché de Luxembourg.



# MENG STËMM, MÄI CHOIX


## FIR D'ZUKUNFT VU MENGER GEMENG

**11. Juni 2023: Gemengewalen**

echkawielen.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Département de l'intégration



# A MINHA VOZ, A MINHA ESCOLHA

## PARA O FUTURO DO MEU MUNICIPIO

**11 de junho de 2023: Eleições comunais**

**eupossovotar.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Département de l'intégration